


Gemengerot Esch

Rapport analytique N° 7 / 2014



Uelzechtstrooss, Chrëschtdeeg ëm 1970



www.esch.lu

Séance du Conseil communal du
vendredi 3 octobre 2014

www.454545.lu

anonyme
&
discret



anonym
&
vertraulich

anonym
&
vertraulech



45 45 45

SOS DETRESSE

Hëllef iwwer Telefon - Aide par téléphone

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

M. Manuel Huss

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Questions de personnel (présentation de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions): décisions	
Réunion publique	
2. Information au public des décisions de personnel	4
3. Correspondance	4
4. Environnement:	5
a) Zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle «Brucherbiérg-Lalléngerbierg: avis	
b) Contrat de rivière:	
i) Contrat de rivière, version modifiée; décision	
ii) Désignation du représentant de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision	
5. Foyer de Nuit Abrisud et Maison Michels: rapport d'activité; présentation et discussion	6
6. Finances communales:	14
a) Fixation du taux de l'impôt foncier; décision	
b) Fixation du taux de l'impôt commercial; décision	
7. Règlements de circulation définitifs; décision	23
8. Personnel:	24
a) Questions de Personnel; décision	
b) Indemnisation des sapeurs-pompiers chargés de la permanence d'incendie pendant l'exercice 2013; décision	
9. Enseignement: désignation du Président de l'École Bruch; décision	26
10. Syndicat intercommunal SIGI: Adhésion de la commune de Walferdange; décision	27
11. Transactions immobilières; décision	27
12. Contrats de bail; décision	28
13. Fabrique d'Église St Joseph:	28
a) Autorisation pour la vente du studio sis à Luxembourg, rue Porte-Neuve; décision	
b) Autorisation pour l'acquisition d'un immeuble en construction sis rue du Faubourg; décision	
14. Subsidés ordinaires; décision	29
15. Relevé et Rôle supplétif; décision	30
16. Devis et crédits spéciaux; décision	17
17. Commissions consultatives: modifications; décision	30
18. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	23
Résumé en français	31



Sëtzung vum Escher Gemeengerot Freideg, den 3. Oktober 2014

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Gudde Moien alleguerten. Mir géifen da mat eiser Gemengerotssitzung nom Huis clos ufänken. Betreffend d'Informatiounen, d'Déciounen déi mer am Huis clos geholl hunn iwver d'Personal dat gëtt herno verdeelt wéi ëmmer.“

A) Démission

Démission honorable à accorder, sur sa demande, et avec effet au 1er août 2015, à Monsieur Romain Fiegen, inspecteur technique principal premier en rang auprès du service des sports.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

B) Résiliation d'un contrat d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1er septembre 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Gwenda Tura, éducatrice diplômée auprès du foyer de nuit Abrisud.

2) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 14 octobre 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Monsieur Tim Kremer, éducateur gradué (40/40ièmes) auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

C) Nominations provisoires.

Carrière de l'artisan.

Nomination provisoire de trois artisans de la Ville. (grade de début de carrière: grade 3). Avis de publication du collègue échevinal du 25 janvier 2014.

Artisans nouvellement nommés: Filipovic Edin, Fonseca Marques Remy et Lefèber Kim

D) Questions de personnel salarié.

1) Engagement avec effet au 1er septembre 2014 et moyennant un contrat de travail à durée déterminée lequel expirera le 28 février 2015 de Madame Mandy Reuter, comme employée administrative auprès du service administratif des structures socio-éducatives.

2) Engagement avec effet au 1er octobre 2014 et moyennant un contrat de travail à durée indéterminée de Madame Elisabete Da Silva Correia, comme éducatrice graduée sous le régime du salarié.

3) Engagement pour la période allant du 1er octobre 2014 jusqu'au 31 août 2015 de Madame Sharon André, comme chargée de cours au conservatoire de musique moyennant 6 heures hebdomadaires (degré d'occupation 6/22ièmes). L'intéressée sera chargée de l'enseignement de la clarinette.

4) Engagement pour la période allant du 1er octobre 2014 jusqu'au 31 août 2015 de Monsieur Eric Engel, comme chargé

de cours au conservatoire de musique moyennant 5 heures hebdomadaires (degré d'occupation 5/22ièmes). L'intéressé sera chargé de l'enseignement de la clarinette.

5) Engagement pour la période allant du 1er octobre 2014 jusqu'au 31 août 2015 de Madame Valérie Knabe, comme chargée de cours au conservatoire de musique moyennant 5 heures hebdomadaires (degré d'occupation 5/22ièmes). L'intéressée sera chargée de l'enseignement du piano.

3. Correspondance

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ech wéilt lech da parallel dozou iwvert eng lücht geännert Dagesuerdnung nach eemol informéiere, betreffend eisen Ordre du jour. Mir musse leider nach emol de Contrat de rivière erofhuele vun eiser Dagesuerdnung. Dës Kéier aus Ursache wou den Ëmweltministère nach Froen huet, respektiv Bemierkungen dozou. E Punkt deen eis bis Chrëschttag wäert héchstwahrscheinlech verfolgegen.

Da wéll ech lech matdeelen, datt mer ënnert dem Punkt „Korrespondenz“ d'Démissioun virleien hunn, wéinst dem Rotatiounsprinzip bei de Lénken, vum Här Marc Baum a vum Här Théid Johans. Dëst op den 10. Oktober an ech wéilt hinnen och dann direkt d'Wuert ginn. Ech wéilt just nach informéieren och datt mer bei den Transactions immobilières zwee Punkten hu wou et méi genau Erklärungen och wäerte ginn déi mer erofhuelen. Dat dann no deem Punkt.

Ech géif dem Här Johans da wéllen direkt d'Wuert ginn.“

Théid Johans (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ongeféier an der Halschent vun der Mandatszäit maache mer vun der Lénker am Gemengerot oder an der Chamber eng Rotatioun wou normalerweis déi nächst Gewielten noréckelen. Dat geschitt scho säit längerer Zäit an ass domat dem Wieler och bekannt. Aner Parteien hunn d'Rotatioun jo och schonn ugewannt, awer erëm ofgeschaaft.

(Gelaachs)

E Geléng vum esou enger Rotatioun setzt natierlech och e groussen Equipegeschicht viraus. Perséinlech politesch Carrièreendenken däerf do net am Virdergrond stoen. Natierlech ass dee Rotatiounsprinzip méi lücht ze vollzéie wann eng Partei éischer wéineg Sätz huet a sech an der Oppositioun befénnt. An dee Moment

vun där Rotatioun bei der Lénker ass elo am Escher Gemengerot do. No iwver 30 Gemengerotssitzung wou de Marc Baum an ech hei present waren, wäerten elo de Laurent Biltgen an de Guy Kersch déi Lénk hei vertrieeden.

Op de Sënn an den Zweck vun där Rotatioun wollt ech elo kuerz agoen. Déi Lénk gesäit sech als Bewegung wou net eenzel Persounen am Virdergrond stoe sollen. Dat ënnerbënt esouwäit och wäitgehend de Partei-Carrièrerismus a Rivalitéite wéi et a ville Parteien de Fall ass. Mat regelméissege Versammlung schafe mer am Kollektiv politesche Richtungen aus wou och eis Member a Wieler kënnen drun Deel huelen.

D'Kritiken zu Rotatioun wou argumentéieren datt d'Mandatsträger eleng Ansicht an d'Dokumentatioun hätten, sinn net ubruucht. D'Dossiere gi mat dozou néideger Dokumentatioun an eiser Partei matgedeelt a virun allem demokratesch debattéiert, esou datt all Interesséierten déiselwecht Informatioun huet wéi d'Gemengeréit. Esou sinn och eis Mandatsnfolger komplett am Bild vu lafende Prozeduren a Planunge bei der Escher Gemengerot, esouwäit de Gemengerot se gewuer gouf.

Datt dee Rotatiounssystem bis elo positiv fir déi Lénk war, ass bewisen. Ouni Rotatioun wär bis elo den André Hoffmann dat eenzeg visibelt Gesiicht vun där Partei gewiescht. Duerch d'Rotatioun hu mer d'Méiglechkeet fir méi vun eise Vertrieeder eng offiziell Bühn ze ginn. Gréisser Parteien huele sech d'Fräiheet fir hire Leit Presidencen a Syndicats-Kommissiounen oder Associatiounen ze ginn. Domat hunn déi Politiker natierlech och eng populär a medial Visibilitéit. Dat bleift eise Kandidat verwiert.

Mä duerch eis Rotatioun sinn an der Tëschenzäit, natierlech och mat enger staarker Ënnerstützung vum Wieler, nei Nimm vum politeschen Terrain opgedaucht wou Mandater kruten oder kréien. Domat kréien och déi eng Visibilitéit a kënnen hiren Engagement bewisen. Op kommunaler Basis hu mer esou mat 7 Sëtzer 14 Kandidaten eng direkt Méiglechkeet gi fir an de Gemengen eis Ideeën a Kritiken ze vertrieeden. Och an der Chamber sinn duerch dee Prinzip méi Gesichter aus eiser Partei bekannt ginn. Och kann déi Lénk mam Rotatiounssystem manner populären, mä vlücht just parteiintern gewosst politesch engagéierte Kandidaten eng Chance gi fir hiert Talent am Sënn vu senger Partei anzesetzen. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Baum.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Deene Wierder vum Här Johannes iwver d’Rotatioun kann ech mech just uschléissen. Ech wollt awer ganz konkret dann och elo als Oppositionsvertreieder nach eng Kéier d’Wuert froen zum Ordre du jour, well dat jo als Oppositionsvertreieder awer och e bëssen de Rôle ass den Troublemaker ze spillen. An zwar wier d’Fro ob et méiglech wier, an ob de Schäfferot, respektiv d’Majoritéit vum Gemengerot domatter averstane wier fir de Punkt 16 „Devis et crédits spéciaux“ eventuell e bëssen no vir ze zéien, hannert d’„Finances communales“, well et mat Finances communales ze dinn huet.

Ech erkläre mech. Mir hunn hei zu Esch déi gutt Traditioun, datt mer am Fong déi politesch Sujeten éischter vir am Odre du jour traitéieren, eben och fir hinnen eng gewëss Visibilitéit ze ginn. Mir mengen och no der Diskussioun déi gëschter Owend nach an der Finanzkommissioun awer stattfonnt huet, datt dee Punkt 16 duerchaus méi ass wéi just e reng technesche Punkt, mä en duerchaus och politeschen, well et geet ëm dräi verschidden Devisen a Créditen zur Brillplaz an domatter och natierlech zur Orientéierung vun deem ganze Konzept vun der Brillplaz.

Duerfir wier d’Fro, ob een dat eventuell kéint hannert de Punkt 6, also hannert „Finances communales“ op den Ordre du jour huelen?“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Also ech mengen datt een dem Här Baum dat bal net verwiere kann a senger leschter Gemengerotssitzung wou hien hei uwiesend ass an datt keen e Problem domatter huet. Kolleginnen a Kollegen, wann Dir domat d’accord sidd, maache mer et esou.

Ech wéilt awer trotzdem dann erëm zréck kommen a vläicht am Numm vun eis allequerten, wann Dir d’accord sidd, deenen zwee Kollegen e ganz grouse Merci soen. Si waren ëmmer present. Si hu konstruktiv wierklech matgeschafft, awer et ass keng Trauerried an deem Sënn, well Dir sidd jo weiderhin aktiv an de Kommissiounen do wou mer lech och brauchen a mir wäerten an der nächster Gemengerotssitzung dann déi zwee nei Membere vun de Lénke vereedegen hei, den Här Kersch an den Här Biltgen. An domatter wäert sech dann erëm eise Gemengerot nach eng Kéier veränneren, wat awer och eng flott Traditioun ass hei zu Esch.

Merci op jidde Fall lech allen zwee an ech soe schonn direkt datt duerno och d’Press soll dobleiwen, natierlech gëtt et och e Patt.“

4. Environnement:

a) Zone protégée d’intérêt national sous forme de réserve naturelle „Brucherbiereg – Lalléngerbiereg“; avis

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ech géif dann op de Punkt 4 kommen a ginn dem Här Kox d’Wuert.“

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Madame Buergermeeschter. Et ass och keen neien Dossier. Dee schleeft och schonn e bësse laang. Dat loung awer och net direkt un eis.

D’Zone Brucherbiereg a Lalléngerbiereg ass sécherlech alle bekannt. Et ass eng schéin Zone, déi mer kennen als Sport-, als Spadséierwee. Schon ënnert der viireger Regierung war dee Projet vun engem Règlement grand-ducal ausgeschafft gi fir hei eng Naturschutzzone vun nationalem Interessen auszeweisen. Op Publikatioun hi si keng Reklamatiounen erakomm. Leedeglech zwee Bréiwer wat d’Notzung vum Terrain ubetrëfft, respektiv eng Stellungnam vun Arcelor/Mittal, Sécherheetsmoosname vun de Minnenagäng weiderhin ze maachen.

Den Terrain selwer ass nëmmen e klengt Randgebitt vun, op Escher Terrain, vun deem ganze Gebitt wat haaptsächlech op Keeler an op Schëfflenger Gebitt läit. Am Avis vun der Stad gëtt virgeluet dass dësen Territoire mat sengen Dreschewisen a Bichebësch e raren an eenzegaartege Biotop hei zu Lëtzebuerg duerstelt. Deen ass wichteg a gënschteg fir selten a bedroete Planzenarten. Zum aneren ass dat Gebitt och en Erhuelungsgebitt fir Spadséiergänger a Sport. Direkt op der Peripherie vun deenen dräi Gemengen. Zur Zäit besti keng ausdrécklech Problemer fir déi zwee Aspekter zesummen ze berücksichtegen. Zum enge soll een de Public och fir d’Natur interesséieren an ëmmer gewësse Bewegungsspillraum op deem Terrain zouloossen. Am Text géife mir Modifikatiounen proposéieren déi e gréissere Spillraum fir Wanderer a Vëlofuerer zouloosse géifen. D’Zirkulatioun vum Vëlo op hiert ausserhalb vun de markéierte Weeër verbidden, wou déi awer och signaliséiert sinn. Et ass e Grafik mat ausgedeeelt gi wou déi Weeër dann, déi Verbitt markéiert op deem ganzen Trajet sinn.

D’Zirkulatioun zu Fouss, ausserhalb vun de markéierte Weeër op existéierende Pied zouloossen, d’Zirkulatioun mat Hond ouni Léng zouloossen, ausser während der Weide vun der Schofsherd a vun der Brutzäit vun de Vigel, do sous réserve vum Hondsgesetz. De Proprietären Arcelor/Mittal natierlech den Zou-

gang loosse fir d’Sécherheet vun de Minnenagäng ze assuréieren. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Kox. Den Här Weidig, den Här Hansen, den Här Zwally. Här Weidig.“

Paul Weidig (LSAP): „D’Réserve naturelle Brucherbiereg – Lalléngerbiereg ass sécher eng ganz gutt Initiativ an ech muss soen, dass ech och ganz vill do uewen zirkuléieren, haaptsächlech mam Hond vu mengem Fils an och wann een dat Règlement da gesäit, huet dat eng ganz Rei positiv Aspekter. Mä wéi ëmmer wann de Stat eppes mécht, huet hien d’Tendenz iwver ze reglementéieren. An ech kann nëmmen d’Gemeng felicitéieren, dass si fir hiren Avis dach eng Partie Rigiditéiten déi dra sinn, ageschränkt huet. Et ass net nëmmen hei, mä et ass och bei de Plans sectoriels wou de Stat heiansdo der Meenung ass, hie misst der Gemeng bis an de leschten Detail virschreibe wat si ze maachen hunn. Ech wëll nëmmen just un de Plan sectoriel Transport do hiweise wou am Parkraum Management bis op dee leschten Detail virgeschriwwé gëtt, wéi vill Vëlospärkstätten dass een niewent engem Arrêt muss maachen.

Bon, dat ass elo eng aner Geschicht, mä hei ass et e bëssen ähnlech an duerfir begréissen ech et, dass elo d’Méiglechkeet besteet, dass effektiv d’Leit d’Hënn net mussen dauernd un der Léngt féieren, wat en Nonsens ass a mengen Aen, wann een do gesäit, wéi vill Leit all Moies do circuléieren, ass dat en Nonsens, dass een déi Hënn un der Léngt féiert. Wann do uewe geweed gëtt, dat wat och ganz seele virkënn, dass een do Restriktiounen aféiert. Wou ech dach meng Bedenken hunn, dat ass dass een op der Surface paturée, dat heescht do uewe si jo och nach eng Partie Fläche wou massiv gedüngt gëtt, 2x d’Joer, soss géif iwverhaupt kee Kléi do wuessen, oder gepiff gëtt op gutt lëtzebuergesch, dass een do net ka mam Hond higoen ouni dass een en un der Laisse féiert. Dat ass fraglech fir meng Begrëffer an och doriwwer eraus weess ech net ob do vill Oiseaux de prairie an deene Surfacen do sinn. Déi dresche Surface wou den Trockenrasen ass, dat ass natierlech ganz interessant, an dass een do op de Weeër bleift, mä ech wëll drop hiweisen, dass déi meescht Weeër iwverhaupt net banaliséiert sinn, sondern getrëppelt ginn, an dass et immens schwéier ass fir d’Leit dovunner erofzebehalen. Et gëtt jo och ganz vill VTT do

uwe gefuer, also tout terrain, an dass een do den Haaptwee, de Bierg ëm Schëffleng erëm, dass een deen aschränkt, well do si ganz schmuel Weeër. Wann do ee geflu kënt mam Vëlo an et komme Leit entgéint, dann ass dat net ongefëierlech. Dat verstinn ech. Mä duerfir ass et och wichteg, dass een trotzdem awer dat op e Minimum beschränkt an dass een doriwwer eraus awer d'Méiglechkeet gëtt do Vëlo ze fueren, besonnesch VTT. An et soll ee sech heiansdo wonnere wou déi eroffueren, wou ech mech net géif eleng oder zu Fouss ouni Seel géif erof, do fueren an déi mat de Vëloen do erof. Et ass wierkelech wahnsinneg, mä dat muss natierlech och e bëssen an de Limite bleiwen an dass mer iwwert dëst Gesetz eng Reglementéierung kréien, déi wéi gesot awer net dierf ze vill restriktiv sinn. Merci."

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Här Weidig. Den Här Hansen."

Mike Hansen (LSAP): „Gudde Moien. Fir d'éischt mol Merci fir d'Wuert. Déi éischt Feststellung ass, Här Kox, Dir féiert d'Linn vun Ärem Virgänger weider. Dat ass och eng gutt Initiativ. Ech mengen, Réserve naturelle an engem urbane Kader ze schafen ass néideg. Mä wéi gesot Dir féiert d'Linn vun Ärem Virgänger weider mat de Reglementatiounen an ech kann esou lues och e gewissenen Humor dran entdecken. Well wann Dir do schreift "la zone ne connaît actuellement pas de véritables problèmes de cohabitation entre espaces naturels et activités humaines" an dann e bësse méi weider „il ne faudrait pas introduire trop de rigidité dans la réglementation" a wann ech dann d'Reglementatioun gesinn, da muss ee schon e bësse schmunzelen.

Ech schlësse mech och dem Här Weidig un, ech sinn och mat mengem Hond oft um Bierg an deen ass och net gären an der Léngt an déi Restriktiounen fannen ech e bëssen onsënneg.

Ech fannen et och flott, datt Dir als Gréng Schäffen och hei den Exercice de chasse erwähnt, obwuel ech do uewen nach net vill Chassé gesinn hunn. Dat ass mengen ech och e gudde Punkt, mä wat mech e bësse méi, wou ech mer méi Froe stellen, dat ass iwwert Äert Reglement vun de Vëloen. Notamment dem Mountainbiking. Dir wësst jo Esch zitt zimlech vill Leit am Joer un déi extra erof an de Minett komme fir Mountainbike ze fueren. Ech mengen d'Demandé beim Syndicat d'Initiativ do leien der ëmmer vill vir a mir hunn och vill Informatiounsmaterial iwwer d'Mountainbike-Trails. Duer-

fir wollt ech mol froen, wann Dir Restriktionen zum Vëlofueren och um Lalléngbergierg maacht, welche wäert dann Impakt op den Tourismus, de lokalen Tourismus an den Tourismus hei am Süde generell gesinn? Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally huet d'Wuert."

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Mir wäerten als CSV och dat heite mat ënnerstëtzen, vu dass et och eng Initiativ war vun deem fréieren Ëmweltminister. Ech mengen et ass eng Prozedur déi scho méi laang leeft an déi mer nëmmen am Sënn vum Développement deen elo ugesprach ginn ass, wäerte voll mat kënnen ënnerstëtzen. Mir hunn zu der Zone protégée nationale wat jo dann u sech aner Critèren duerstellt, eigentlech keng Remarque ze maachen. Mir wësse wat dat bedeit. Jiddweree weess, dass wann een an esou een Territoire era geet a sech do muss beweegen, dass et bestëmmten Oplage ginn. An deem Sënn ass dat fir eis och an der Rei.

Mir hunn eis awer d'Fro gestallt, firwat dass mer deen dote Punkt an aner Punkten, eigentlech net an de Ëmweltkommissioun konnten diskutéieren? Et ass ëmmer wichteg, dass dat doten, wat u sech um Ordre du jour steet fir de Gemengerot, och an der Ëmweltkommissioun muss diskutéiert ginn, well do ëmmer erëm Aweise kommen, respektiv och nei Ideeë wann et ëm esou eppes wéi dat dote geet.

Wann Dir den Développement maacht an Dir denkt drun, dass mer, wat jo ganz interessant ass, vläicht iwwert de Leesberg kënnen do eranzegoen, mir hu jo och en Dépôt communal do, an et soll een dann och do lwwerleunge maachen, well domatter verbonne jo awer bestëmmte Situatiounen si wou heiansdo gelagert gëtt vun eiser Säit aus, dass een do oppasst, dass et och dat ass wat eigentlech d'Zone protégée ausweist. An deem Sënn kënnen mer lech nëmmen felicitéieren a wäerten dat heiten dann och esou matstëmmen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Zwally. Den Här Kox äntwert."

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Här Weidig, respektiv deenen dräi Riedner, dass Dir awer trotzdem eppes Positives hannerlooss hutt.

Dem Här Hansen géif ech awer soen, ok, ech mengen dat Reglement ass jo, et ass e Projet de règlement grand-ducal wat

ministeriell alt virbereet ginn ass, respektiv eis zum Avis virgeluecht gëtt. Mir sinn awer a sech elo, a sech wëlle mer Saachen erlaben déi am Original hei, am Projet de réglementation verbuede sinn. Gell. Mir loosse a sech de Vëlofuerer méi wäit fuere wéi et am originale Reglement steet. Dat ass dat, deen Avis dee mir hei ginn. Mir gi jo och net als eenzeg en Avis, well deen Avis gëtt jo och vun deenen aneren zwou Gemenge ginn. Dat heescht, souwiesou hu mer nëmmen marginal Beräich awer am Prinzip ass dat Reglement wat mir elo, den Avis dee mir ginn, dass mer eben d'Circulatioun erlaben wat virdru komplett verbuede war. Esou gesinn ech dat.

Här Zwally, et deet mer leed, do déi Kommissioun war aberuff ginn, gell, déi ass dann zeréckgeholl gi well mer de Gemengerot verluecht hunn. An iergendwéi ass déi net méi aberuff ginn. Dat ass leider Gottes esou geschitt. Do huelen ech dat op mech. Dat war awer net esou virgesinn. Deemnächst kënt dat net méi vir.

Fir den Dépôt communal wäert ech mech och drëm këmmen. Merci.

(Zwëschefro)

Ma nee, zum Plang ass et esou, dass net all Weeër kënnen befuer ginn. Dat heescht op deem Wee deen elo gemoolt ass, do gëtt festgehalten, dass een do net fiert mam Vëlo. Ok. Gutt."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Schäffe Kox. Au vote."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johans – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avis concernant la zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle «Brucherbiereg-Lalléngbergiereg».

5. Foyer de Nuit Abrisud et Maison Michels: rapport d'activité; présentation et discussion

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum Punkt de Rapport vum Foyer de Nuit Abrisud an

der Maison Michels, wat mer all Joer maachen. Wat och wichtig ass, datt de ganze Gemengerot doriwwer informéiert gëtt an och well mer erëm kuerz virun der Wanteraktioun stinn. Déi Chiffere sinn einfach wichtig an dee Rapport ass einfach wichtig, datt Dir e presentéiert kritt fir einfach d'Entwécklung och hei zu Esch an deem Beräich matzekeréien. Ech wäert net op den Historik agoen. Ech mengen dee kennt Dir wéi den Abrisud entstanden ass an all sengen ënnerschiddleche Gebailechkeete wou en dra war. Ech kommen direkt drop, bon, wat vläicht nei ass, dat ass datt zënter dem 1. März 2013 d'Maison Michels jo fonctionnéiert an da vläicht och einfach als Informatioun well et am Virwuert steet vun der Responsabel vum Abrisud, der Madame Maureen Lanners, datt mer zënter 10 Joer op d'Constructioun vun engem neie Gebai waarden, engem neien Abrisud, an dann och d'Kéier erëm mat enger neier Ministesch Diskussiounen haten, déi awer elo definitiv ofgeschloss sinn. Si hu gemengt, datt mer sollte 5 zousätzlech Better an déi nei Struktur maache fir dann och kënnen den héije Käschtepunkt, wéi si fannen, domatter ze argumentéieren. D'Pläng sinn dann nach eng Kéier ëmgeännert ginn. Et ass alles an dem Ministère dobannen. Hei kommen ech mer och scho bal vir wéi beim Contrat de rivièr. Mir hoffen dann elo, datt alles gekläert ass, definitiv, an erwaarde mat Freed an Hoffnung d'Ried de 15. Oktober vum Premier fir ze gesinn ob dann alles esou dra bliwwen ass an ob dann endlech kann ugefaange gi mat bauen. Well hei geet et ëm Leit an net ëm Zentimeteren an ëm iergendwelch Figuren déi een einfach kann hin an hir schieben. Dir gesitt d'Kéier och ganz flott an dem Rapport vun dem Foyer, mat Fotoen, datt déi Leit iwwer déi mer och schwätzen an déi do schaffe mol Gesiichter hunn. D'Equipe socio-éducative an allegeren déi Leit déi an dem Foyer beschäftegt sinn, och déi Fraen déi do am Service Nettoyage sinn. An da géif ech direkt op d'Iwweruechtunge kommen déi 2013 an dem Foyer waren. Si hu par rapport zu 2012 ëm 5% si se erofgaangen. Wat awer eng Erklärung ass, si hu sech nei opgedeelt an dem Foyer de Nuit. Si hunn elo eng Equipe déi am Dag schafft an eng Equipe déi Nuets schafft an hunn domatter ganz gutt Erfarunge gemaach. An aus deem Grond kënnen och eng Rei Beneficiaire méi individuell an anstänneg betreit ginn, wat, an dat gesitt Dir herno bei den Zuelen, deene Leit natierlech och hëlleft, fir aus där Situatioun erauszekommen.

Éischtens aus dem Abrisud an zweetens aus hire perséinlechen, heiansdo ganz schicksalhafte Situatiounen. Et huet sech bewäert a mir si ganz frou doriwwer a stolz, well et einfach eng enorm gutt Aarbecht ass déi do gemaach gëtt vun der Equipe.

Ech hu gesot mir sti kuerz virun der Wanteraktioun. Am Moment sinn 18 Better beluecht an an der Wanteraktioun wäerten der erëm wéi ëmmer 4 dobäi kommen. 2013 ware 4.765 Iwweruechtunge gewiescht. D'vunner ass den Taux vun de Fraen zimlech staark an d'Luucht gaangen. 603 Fraen hunn iwweruecht an dat waren, dat mécht 10% aus vun de Leit déi am Foyer sinn. Si haten 157 ënnerschiddlech Persounen déi an de Foyer komm sinn an eng Prise en charge vu 134 op 157 Persounen déi se betreit hunn. Dat war en neie Pic wéi se schreiwen, 2013, mat 133 verschidde Leit déi do eragaange sinn. Dir gesitt den Alter vun de Leit déi opgeholl ginn am Abrisud an do fält op, datt d'Tranche vun de Fraen a Männer tëschent 41-50 Joer déi ass déi am héchsten ass. Duerno kënt tëschent 31 – 40 Joer 36 Leit, 32 Männer, 4 Fraen. An dann och eng Tendenz déi steigend ass, déi Jonk tëschent 18 – 25 Joer déi wierklech och zouhuelen. 27 Stéck. 21 Jongen oder jonk Männer a 6 Fraen. Trotzdem wëll ech och drop hiweisen, kuckt lech un tëschent 51 – 60 Joer, 24 Leit. An tëschent 61 – 70 Joer, 6 Leit. Also awer eng Situatioun déi beweist datt iergendwéi eppes falsch leeft. Wéi gesot déi Tranche tëschent 41 – 50 Joer ass déi déi am héchsten ass.

D'Nationalitéiten déi 2013 an dem Abrisud waren, sinn 21 ënnerschiddlech Nationalitéiten. 75 Persounen, wat ëmmer nach bal d'Halschent ausmécht, si vu lëtzebuurger Nationalitéit. 61 Persounen kommen aus der EU an 21 Persounen aus engem Pays tiers.

Wat d'Leit ugeet vun der lëtzebuurger Nationalitéit sinn d'Frae mëttlerweil mat 21,3% representéiert. Mir hunn och scho méi oft heibanne bemierkt a gesot, datt een do och mierkt, wann d'Frae bis an en Abrisud ginn, da muss et hinnen immens schlecht goen, well si sinn déi déi als leschten an e Foyer ginn, fannen normalerweis iergendwou bei der Famill oder bei enger Frëndin nach een dee se ënnerbréngt. 21,3% dovunner, dat ass schonn en Zeechen.

Dir hutt d'Statistiken hannendrun nach eng Kéier opgezielt an Dir gesitt datt d'Pays tiers wéi se hei beschriwwen sinn am gréisste representéiert ass mat dem Cap Vert. Duerno déi marokkanesch, dann algeresch an déi tunesesch Natio-

nalitéit. Och hei gesi mer eng Tendenz déi allgemeng amgaangen ass an der Gesellschaft an an de Länner sech ze verbreeden. Eng Problematik och mat Flüchtlingen, mat Aarmut wou Leit aus hire Länner fortginn, déi mir hei an deem Sënn opfänken andeem mer kënnen en Abrisud ubidden, déi aner Saache mussen endlech op europäeschem Niveau geregelt ginn.

D'Wanteraktioun ass vum 1. Dezember wéi gesot bis den 31. März an do kann de Foyer jo dann och déi Leit eranhuelen déi ouni Sozialrechter sinn a ka se och fir eng länger Zäit dann halen. 2013 waren et der 43 Persounen wou d'Pabeieren net an der Rei waren. Mir mussen natierlech och elo kucke wéi sech déi ganz Situatioun entwéckelt. Dir wësst datt d'lescht Joer eng Hal um Findel gelout gi war wou d'Leit hinner gaange sinn, wat Esch natierlech och e bëssen entlaascht huet. Do war an der Woch elo eng Sitzung gewiescht fir ze kucke wéi de Ministère domatter wëll weiderfuere. Et gesäit ganz esou aus wéi wann do muss massiv vergréissert ginn oder nach eng Hal opgemaach ginn, laut deene Chifferen déi virleien. Esou datt den Hebergement wäert gewährleescht si wann et wierklech esou schlëmm Wiederverhältnissen och ginn, datt d'Leit mussen ënnerkommen.

157 Persounen waren assuréiert 2013 oder waren ënner der Ophut an dem Abrisud. Dovunner ware 84 Persounen ënner enger Woch do. Dir wësst och, datt e Kontrakt ëmmer gemaach gëtt mat de Leit, deen och eng Rei Flichte mat hinnen ofmécht, esou datt eben de Foyer och kann op si fir Urgencen. Et sinn awer och eenzel Leit déi méi laang do sinn. Esou waren et zum Beispill 42 Persounen tëschent 1 a 6 Méint do an 8 Persounen iwwer 6 Méint eraus. Dofir ass et och enorm wichtig a gutt elo, datt mer wéi gesot d'Michels-Haus hu wou déi Leit kënnen ënnerbruecht ginn.

Et gëtt wéi gesot e Suivi social gemaach mat de Leit, an Dir fannt op der Säit 20 vun dem Rapport eng ganz interessant Informatioun – fannen ech ëmmer erëm, an ech mengen de Gemengerot insgesamt – vu wou kommen déi Leit hei aus dem Land op Esch? Ech muss dann erëm eng Kéier matdeelen, datt der 41 natierlech vun Esch kommen. Aus anere Länner 31 an da fällt awer hannendrun op, 29 aus der Stad Lëtzebuerg. Dat reecht mech elo an deem Sënn net op well ech weess, datt d'Stad Lëtzebuerg wierklech Verantwortung iwwerhëlt a si hiren eegene Foyer hunn an do och mol an hin an hir ass. Et muss een awer vläicht de Chiffer mol eraushuele vun der Gemeng Déifferdeng, déi mat 15 Leit hei zu Esch

am Foyer vertraueden ass. Dikkrich, Did-deleng, Keel, wann Dir e bësselchen lech d'Lëscht do ukuckt, da gesitt Dir, datt am Fong geholl de Foyer keen Escher Foyer méi ass, mä e regionale Foyer ginn ass an da mengen ech schwätzen ech am Numm vun lech alleguerten erëm eng Kéier, wa mer drop hiweisen, datt mer bidden datt déi aner Gemengen och alle-guerten hir Verantwortung sollen iwwehuelen. Et ass natierlech ëmmer schéi mat flotte Projeten an der Press ze sinn, awer dat heiten ass e Punkt wou ee sech vläicht net ëmmer Frënn mécht, awer och et muss gesot ginn, mir hunn hei zu Esch eis Verantwortung iwweholl a bidden natierlech eis Nopeschgemengen dat och ze maachen.

De Foyer schafft natierlech ganz enk zesumme mat der Jugend- an Drogenhëllef a mam Escher Office social, genau esou wéi mat den Offices sociaux vun den aner Gemengen, musse se jo och wann Dir gesitt vu wou d'Leit kommen a si hunn och d'Méiglechkeet hir Domiciliatioun dann hei zu Esch ze maachen, well d'Problematik jo déi ass, soss keng Aarbecht ze fannen, respektiv och den RMG ze kréien. En Däiwelskrees deen dann net méi ophält.

15 Persounen hunn eng eege Wunneng fonnt iwwe d'Hëllef zesummen entweder mat der Agence Immobilière oder iwwe Privat, respektiv an engem Café. 12 Persoune gi begleet an engem Logement accompagné, respektiv an eiser Maison Michels. Anerer sinn ënnerkomm an enger anerer Institutioun an Dir wësst datt mer en Ofkommen hunn, datt mer dem Abrisud eng Wunneng, eng Gemengewunneng zur Verfügung stelle wou se kënne Leit ënnerbréngen an déi ass och besat.

E groussen Deel vun de Persoune konnt och erëm ënnerkomme bei Frënn. Sinn entweder och zeréckgaange bei d'Famill oder hunn eng aner Méiglechkeet fonnt. A leider hu 5 Persounen aus dem Foyer misste goe well se net kollaboréiert hunn, betreffend hiert Ofkomme mat hirem Sozialaarbechter an ech mengen och dat ass eng Realitéit. Och dat passéiert, esou datt déi dann net méi hunn dierften an de Foyer zrëck.

2013 waren 312 Demanden déi net konnte realiséiert ginn an deem Moment wou se sech un de Foyer adresséiert hunn. Entweder war kee Bett fräi gewiescht oder d'Leit sinn enorm spéit komm. Ech muss lech och vläicht driwwer informéieren, datt wann de Foyer voll ass, mëttlerweil och an der Géigend Leit sech do ophale well se hoffen datt iergendwéi awer e Bett fräi gëtt. Ech menge wann een do laanscht trëp-

pelt, da gesäit een dat. Et ass einfach eng Situatioun, jo, et sinn der vill déi hir Wunneng verluer hunn. Dat ass eng Realitéit, souguer mat enger Aarbecht awer d'Wunneng verluer hunn. Mir haten och hei schon driwwer riets, datt Leit an Autoe schlofen. Dat ass eng Realitéit och wat d'Pénurie vum Logement hei zu Lëtzebuerg ugeet. Schlëmm wann ee se muss zrëckweisen, awer et ass net aneschters méiglech, well soss d'Sécherheet gefährdet ass.

Den 1. Mäerz 2013 ass d'Maison Michels opgaangen. 10 Studioen a fir 10 individuell Studioe fir 8 Persounen déi elengstehend sinn an 2 fir Koppelen an dee ganze Foyer gëtt betreit vun engem Responsabelen an 2 Agents socio-éducatifs wou Dir hannendrun och d'Fotoen hutt. Dir kennt déi Leit, bei Feierlechkeeten oder och an aneren Zesummenhäng gesi mer se alt. Et si 7 Männer déi erageplënnert sinn. 4 Persounen hunn déi portugisesch Nationalitéit, 2 franséisch, 1 Lëtzebuerger an den Duerchschnëttsalter ass 44 Joer. Tëschtent 28 a 60 Joer sinn déi Persounen déi do sinn. 5 hunn en Aarbechtskontrakt a 4 dovunner, an dat muss vläicht och mol eng Kéier betount ginn, hunn eng Aarbecht um éischte Marché, sinn net beschäftegt an iergendwéi enger Initiativ, hunn eng Aarbecht um éischten Aarbechtsmaart an 1 hëlleft benevol an enger sozialer Institutioun. Si hëllef an deem Haus. Ech ka mech un eng Diskussioun erënnere virun engem Joer op se géife selwer och de Stot maachen an esou weider. Maache se. Dir gesitt hir Tâchen déi beschriwwen sinn a souguer luede se stolz Leit och a bei sech an d'Maison Michels fir zesummen z'iesse an ze kachen an och dat ass de Sënn vun esou Aktivitéite fir och erëm eng Kéier Selbstvertrauen a sech a seng Persoun ze kréien.

Dir gesitt dann och nach, datt Formatioun an dem Abrisud héich geschriwwen ass. An Dir gesitt, an do géif ech lech einfach bidden, Dir gesitt datt d'Madame Mia Weydert, eng Stagiaire an dem Foyer war vum 8. Abrëll bis den 9. Juli 2013, a si huet mat engem Jonke vun 18 Joer e Lidd gemaach an dëst Lidd gesitt Dir hei an Ären Ënnerlagen. Et heescht „Verurteilung“. De Refrain deen ëmmer erëmkennt wëll ech awer virlesen „Ihr sagt wir wären Parasiten, doch könnt ihr uns etwas Besseres bieten. Hört zu, ich will euch etwas sagen, mir liegt was am Herzen schon seit Tagen“. Ech denken, liest et duerch. Wa mer dat dote liesen, da kënne mer op d'mannst als Escher soe mir versichen eist Bescht ze maache fir deene Leit aus deene Situatiounen erauszehëllef. Vläch och flott mol

esou e Lidd weiderzeginn un aner Gemengen oder politesch Verantwortlech.

Dir gesitt dann och de Rapport vun den Amis vum Foyer de Nuit wou den Här Paul Weidig, eise Gemengeconseiller President ass, mat enger Rei Leit och hei am Gemengerot ganz aktiv an der Asbl ass. Si hunn zwou grouss Manifestatiounen organiséiert gehat. Ware Keele spillen a maachen hir traditionell Chrëschtagsfeier, och dëst Joer erëm eng Kéier. An natierlech hunn d'Leit och wéi ëmmer, d'Beneficiairen an dem Abrisud um Enn vum Joer e Kaddo gemaach kritt. E Bong dee se konnten aléisen an dee wou se sech konnten eppes kafen dofir fir unzedoen, wat se gebraucht hunn.

De Foyer huet dann och e Präis kritt zesumme mat der Police. Ech muss wirklech betounen, datt d'Zesummenaarbecht gutt leeft mat der Police, muss se och, well si gi jo och ganz oft Leit sichen oder fannen nuets Leit a mussen déi dann ënnerbréngen. Hir Salle d'attente ass u sech keng Schlofkummer, esou datt déi Leit mussen ënnerbruecht ginn an duerch déi ganz gutt Zesummenaarbecht wou besteet tëschtent dem Abrisud an der Police si se ausgezeechent ginn, hunn den 3. Präis gemaach fir déi beschten Initiativ vun 2012. De Centre d'Intervention hat de Projet proposéiert an huet och Bonge gespennt gehat fir datt d'Leit sech konnten Ënnerwäsch a Schung kafen.

Dat zu dem Rapport dëst Joer iwwert den Abrisud an och elo iwwe d'Maison Michels. Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

Madame Bofferding, den Här Bernard, den Här Zwally. Et ginn elo esou vill Fangeren an d'Luucht. Also d'Madame Freis, den Här Baum, den Här Hansen. Da fänkt d'Madame Bofferding un.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci, Madame Buergermeschter. Eier ech e puer Elementer aus dem Rapport eraushuele fir ze kommentéieren, wëll ech am Numm vu menger Fraktioun dem ganze Personal aus dem Abrisud mat hire Responsabel e riese grouse Merci ausschwätze fir déi Aarbecht déi si leeschten. Hei stécht vill Häerzblutt dran, dat mierkt ee wann een de Rapport liest. Fir do ze schaffe muss een dovunner iwwezeegt sinn, et muss een optimisteschen sinn an engagéiert si fir déi Aarbechten ze maachen. Beim Liese vum Bericht gëtt et engem bewosst, dass op där enger Säit et u sech traureg ass, datt mer esou eng Struktur iwwehapt brauchen an op där anerer Säit gesäit een awer, dass hei ganz vill wichteg a

wäertvoll Aarbecht gelescht gëtt déi d'Leit och wierklech brauchen.

Den Abrisud ass e wichtege Bestanddeel vun eiser lokaler Stroossezualaarbecht ginn an ass aus dem Netz vun eisen Offeren net méi ewech ze denken. An deem Sënn wär et och vläicht interessant gewiescht de Budget hei mat eran ze bréngen, also fir dee Budget deen de Gemengerot zur Verfügung stellt fir iwwerhaupt och mol eng Kéier de finanzielle Bilan do ze gesinn, wéi vill Suen och do dra gemaach ginn a fir einfach méi en ëmfaassend Bild dovunner ze kréien, fir och ze gesi wéi wichteg dat Ganzt am Endeffekt ass.

Dag fir Dag komme Leit an dës Ariichtung déi sech Loyer, Stroum an lesse net méi leeschte kënnen. Déi visibel Obdaachlosegkeet ass u sech nëmmen d'Spëtz vum Äisberg. Déi Gäscht, fir se elo mol esou ze nennen, déi kommen aus deene verschidde gesellschaftleche Schichten. Hu verschidden Erfahrung gemaach an hunn och Grënn firwat se do sinn, an där Situatioun sech befanne wou se nun eemol sinn. Dës Leit déi sinn net zwangsleefeg aarmséileg oder ruppeg an hu keng Loscht sech ze duschen oder sinn ze faul hiert Liewen an de Grëff ze kréien.

Dat ass oft e Bild wat vun de Leit, also vun de Sans-abris gezechent gëtt, wat op rene Viruerteeler baséiert. Dat ass e Punkt deen och d'Auteurs vum Rapport hei opwerfen, déi soen dat Traditionell vum Clochard, vum Strummert, männlech, 40 Joer, deen op der Bänk schléift oder am Agang vun enger Wunneng, dass dat u sech deem klassischen Dénge net esou gerecht gëtt.

Eng positiv Entwécklung ass sécherlech, dass d'Hebergementer insgesamt erfogaunge sinn. Och hei ginn d'Auteurs vum Rapport scho selwer eng Äntwert, dass et wahrscheinlech zréckzeféieren ass op déi Aarbechtsoopdeeling déi si intern gemaach hunn.

Erschreckend ass allerdéngs d'Altersspart. Wann ee kuckt, dass déi eelste Persoun déi d'lescht Joer den Abrisud empfangen huet, déi huet 68 Joer. Wann een dat liest, also di ginn engem scho bal d'Schudder aus, ech fannen dat ganz frappant. Insgesamt ass awer och feststellen, dass d'Moyenne d'âge erfogaangen ass, dat heescht dass d'Tranche, also d'Alterstranche vun den 18-25-Jähregen erëm op en neits klëmmt. An an deem Zesammenhang gëtt oft vun engem Manque vu Strukture fir Jonker geschwat. Eng Problematik op déi den Abrisud wéi och de Foyer aus der Stad, de Foyer Ulysse scho méi wéi eng Kéier opmierksam gemaach hunn.

D'Stad Esch huet sech an hirer Wunnengsloshëllef zum Zil gesat, dass jiddwereen déi individuell Ënnerstützung kritt déi hie brauch, déi op seng eege Besoinen zougeschnidde soll sinn. D'Ariichtung ass net nëmmen an de kale Wanterdeeg vun enormer sozialer a gesellschaftlecher Wichtigkeet. Déi séier Décisioun déi direkt no engem Joer Ouverture geholl ginn ass fir de Foyer d'ganz Joer opzemaachen, déi war sécherlech richtig. Ech menge mer gesi wéi grouss d'Demande ass an dee Schrëtt war deemno eng Noutwendegkeet. Leit déi de Wee an dës Ariichtung fannen, si meeschtens net nëmmen ouni en Daach iwwert dem Kapp, mä hunn och nach eng ganz Partie aner Problemer ze bewältegen. Dofir ass dat Besonnescht un den Nout-Iwwernuechtungen dass versicht gëtt de Leit iwwer d'lesse an eng Schlofplaz eraus weider Hëllef an eng offréieren an och probéiere si un hirem Wee ze begleeden.

Déi Concernéiert fannen eng sécher, frëndlech Atmosphär am Abrisud vir. De Foyer ass méi wéi e Lieu d'accueil. E sozio-educatiiv Team begleet d'Beneficiairé bei der Réinsertioun an d'Gesellschaft fir dass se nees en eegestänneg Liewe kënnen féieren. Nom pädagogesche sozialen Usaz Hilfe zur Selbsthilfe leescht d'Personal am Foyer eng wäertvoll Ënnerstützung a beroden och d'Leit zum Beispill bei der Sich no Aarbecht oder enger Wunneng. Och kënnen se se bei der Weidervermëttlung un Administratiounen an d'Servicer ënnerstëtzen. A jiddwereen deen herno de Foyer net méi brauch an nees autonom fonctionnéiere kann, och wann e vläicht méi wéi een Ulaf brauch, ass am Endeffekt en Erfolleg. An eis Maison Michels déi spillt hei och eng ganz wichteg Roll. Hei sti Studiosen zur Verfügung, wat eng ganz wichteg Ënnerstützung ass fir Leit déi erëm de Wee zréck an d'Gesellschaft sichen an och probéieren dat ze bewältegen. Och bei dësem Projet ass ze betounen, dass d'Leit net nëmmen hei hir 4 Wänn zur Verfügung gestallt kréien, wou si och musse participéieren, mä doriwwer eraus och e sozialen Encadrement kréien, Hëllefstellung bei der Bewältegung vun hirem Alldag. Erschreckend och hei ass awer erëm wann ee liest, oder et ass och virdru gesot ginn, dass d'Leit am Endeffekt awer enger regularer Aarbecht noginn an dat um éischten Aarbechtsmarché. An hei kann ee sech d'Fro stellen wat do schief leeft, well u sech dierft et dat guer net ginn, wann ee ganz éierlech wëll sinn.

Eng wichteg Konditioun fir iwwerhaupt erauszekommen, ass eng fest Adress. Eng

Problematik déi am Rapport och konkret opgeworf gëtt. Well ouni Adress ass ee quasi inexistent, fir d'Administratiounen net errechbar a ka sech zum Beispill och net bei der ADEM aschreiw fir eng Aarbecht ze sichen. De Foyer bitt zu gewëssen Oplagen d'Méiglechkeet e Certificat auszustellen an dass d'Beneficiairen esou d'Adress vun der Institutioun kënnen uginn als hir Heemecht an iwwert dee Wee goufen d'lescht Joer eng Partie Leit domiciliéiert.

Ofschléissend wëll ech drop hiweisen, dass mir den Abrisud, ech mengen et sinn elo 10 Joer hunn. Deemools ass vum Familljeministère en Appel un d'Gemenge gaange fir dem Beispill vun der Stad Lëtzebuerg nozegoen. D'Escher Gemeng huet deemools hir Verantwortung iwwerhol. Si war allerdéngs déi eenzeg déi drop reagiert huet an e Foyer opgeriicht huet. An dat Krasst un deem Ganzen ass eigentlech, no deene Joeren duerno ass d'Stad Esch nach ëmmer déi eenzeg Gemeng déi deemools op den Appel reagiert huet. Niewent der Stad an Esch fillt anscheinend keng Gemeng sech hei am Land iergendwéi responsabel, wuel ganz nom Motto: d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch déi riichten dat schonn. Wien awer elo mengt, dass d'Obdaachlosegkeet just e rene Problem ass vu Grousstied, deem géif ech recommandéiere wierklech a Rou de Rapport ze liesen, och de Rapport vun der Stad. Do gesäit een dass et net nëmmen Escher sinn déi an den Escher Foyer ginn an och net nëmme Stater Leit déi an de Stater Foyer ginn. Loin de là, well wann ee konkret kuckt, gesäit een dass och am Norden e gewësse Besoin ass. Do ass Dikrech, Klierf, Ettelbréck, Housen, Veianen an do kann een effektiv d'Fro opwerfen, ob et net géif Sënn maache carrément e Foyer och an der Nordregioun ze erstellen fir do de Leit entgéint ze kommen, well ech menge mir gesi ganz kloer, dass d'Demande do ass.

Freeën deet et wann een d'Noriicht héiert, dass dann elo soll Beweegung kommen am Neibau vum Foyer. Allerdéngs fanne mer – hoffen, voilà, mir hunn et nach net schwaarz op wäiss – mä erschreckend ass awer och d'Äntwert wann een héiert, de Problem wär domatter geléist wann deen neie Foyer mol géif 5 Better dobäi setzen. Also dass mer eis richtig verstinn, ech wëll bestëmmt net hei den Neibau a Fro stellen, an déi 5 Better droen deem och bestëmmt Rechnung. De Punkt ass awer wann een dann héiert et wär am Sënn vum Käschtepunkt, dass een do misst Iwwerleung maachen, da wëll ech awer nach eng

Kéier drop opmierksam maachen, dass mer hei eng Aufgab hunn, dass mer hei eng ganz konkret an d'Leit investéieren. Ech menge mir maachen dat net einfach esou. Mir maachen dat well e konkrete Besoin do ass an do mengen ech, muss een einfach dohinner goen a soen, all Euro deen an esou eng Struktur investéiert gëtt, ass e gudden Euro. Well een domatter de Leit ganz konkret kann hëllef.

A wann ech dann nach eng Kéier op de Rapport zeréckkommen a gesinn dass awer och eng Partie Beneficiairen, et ass virdu gesot ginn, Déifferdeng schéckt vill Leit heihinner, do kommen nach aner Gemengen dobäi wéi Schëffleng, Bascharage, Beetebuerg, Péiteng an esou weider, och do kann een dann awer d'Fro stellen ob de Problem domatter geléist ass wa just 5 Better bäikommen, ob een net carrément soll dohinner goen an am Süden eng zweet Struktur opzerrichten. Well nach eng Kéier soll hei den Appel un d'National Solidaritéit geriicht ginn, un déi aner Gemengen, am plaz d'Aen zou ze maachen an ze soen, mir gesinn näischt, ass kee Problem do, wär et vläicht besser eng zweet Struktur hei opzerrichten an dem Besoin entgéint ze kommen an net déi zwou Gemengen déi hir Verantwortung iwwerhuelen, se eleng op de Käschten an och um Rescht setzen ze loosson. Merci."

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Här Schaffen. Am Virfeld vun deene Bemierungen déi ech wëll maachen an deem Zesammenhang hei, déi jo e grouse soziale Problem un d'Dageslicht bréngt, e Problem wou ëmmer méi Leit konfrontéiert gi mat enger prekärer sozialer Situatioun, wollt ech awer eng Remarque maachen. Ech wär frou gewiescht wann hei e Rapport vun där zoustänneger Kommissioun dobäi geluecht hätt. D'Kommissioun, d'Commission sociale hätt missten zu esou engem wichtege Projet Positioun huelen. Ech sinn der Meenung, a meng Vertrieeder an där Kommissioun hu mech opmierksam gemaach, an duerfir bréngen ech dat hei och an där Form zum Ausdrock, dass säit Méint déi Kommissioun – ech zitieren elo déi Leit déi vun eis do dra sinn, ech selwer weess dat net esou genau – säit Méint déi Kommissioun net tagt an dat an enger Situatioun wou d'Précarité sociale ëmmer méi evident gëtt. Ech menge mir wäer gutt beroden an déi zoustänneg Leit fir déi Kommissioun wäer gutt berode wa se vläicht méi regelméisseg géifen déi Sozialkommissioun déi eng grouss Bedeitung huet, och hiren Avis huet eng grouss Bedeitung an deem

Sënn dass en awer, doduerch dass sämtlech Parteie vertruete sinn déi am Gemengerot vertruete sinn, hiren Avis ofginn, awer en Einfluss huet op d'Prise de position oder d'Prise de décision vum Schäfferot. An duerfir géif ech bieden déi zoustänneg Responsabel, dass dat an Zukunft besser fonctionnéiert. Alles kann net perfekt sinn, mä ech mengen et wär gutt wann déi Kommissioun géif méi regelméisseg tagen, dat besonnesch an deem Kontext wou ech elo virdu gesot hunn. Wat elo den Abrisud als solchen ugeet, wollt ech och wéi meng Virriedner deem Team do, déi do schaffen, meng Héichachtung ausdrécken, mäi Respekt ausdrécke fir déi wichteg Aarbecht déi si do leeschten am Interêt vun deene Leit déi démuni sinn, déi wierklech sozial an enger ganz, ganz schwieriger Situatioun sinn an duerfir hinnen e Merci vu menger Partei fir hir wäertvoll Aarbecht.

Ech deelen d'Meenung vun der Madame Buergermeeschter wou se an hirer Stellungnam d'Maison Michels ervirhierft, déi engem Deel vu Leit eng gewëssen Dignitéit – si huet dat esou ausgedréckt an ech sinn där selwechter Meenung – d'Dignitéit erëmgëtt, well se kënnen a méi engem méi normale Feld kommunikieren mat hirem Ëmfeld an och esou zur Selbstsicherheit vun hinne selwer, zu e bësse méi Selbstvertraue bäidroen kann. Duerfir sinn ech der Meenung, dass dat eng richtig Remarque war déi d'Madame Buergermeeschter virdu gemaach huet. Do stinn 10 Studioen, wann ech elo gutt informéiert sinn, zur Verfügung, wou wierklech Leit kënnen ënner würdige Bedéngungen, temporär zumindest, wunnen.

Do wou ech d'Meenung och deelen déi hei ugeklongen ass bis elo vun deene Riedner déi viru mir geschwat hunn, dat ass déi Désinvolture vun deenen anere Südgemengen am Zesammenhang mat deene Problemer do. Wann ee bedenkt dass just d'Stad Lëtzebuerg an d'Stad Esch do et fir néideg fanne fir déi aarm Leit, losse mer mol lëtzebuergesch schwätzen, fir wierklech déi aarm Leit sech anzusetzen, da fannen ech et wierklech lamentabel, dass déi aner gréisser Südgemengen, se si virdu vun der Madame Bofferding och genannt ginn, ech setzen nach Diddeleng dobäi, sech einfach net genéidegt fillen oder sech einfach net an der Pflicht fille fir hir Populatioun, déi aarmséileg ass, vum sozialem Standpunkt aus, vum psychesche Standpunkt aus, dat geet och ervir aus dem Rapport vum Historik, fir net do d'Noutwendegkeet anzegesinn en Effort ze maache fir do eng Infrastruktur ze schafen déi wierklech néideg ass.

Ech mengen, wann ee kuckt wéi d'Struktur vun der Zesummesetzung vun de Leit elo evoluéiert huet do. Dat klassescht Bild wat mer ëmmer gesot hu vum sougenannte Strummert ënnert der Bréck oder am Hausagang, wat och vu menger Virriednerin richtig zitéiert ginn ass, dat ass u sech haut net méi esou den Usus. Et gëtt et nach, dat wësse mer, mä net méi esou den Usus. Déi Struktur vun deene Leit déi déi Besoinen do beanspruchen vun Abrisud, déi huet geännert an zwar am Kader vun der Verschlechterung vun der sozialer Situatioun, am Kader vun der Krisis vum gesellschaftspolitesche System. Dat muss een och gesinn. Dat heescht, do hu mer haut Immigranten. Och dat weist, dass d'Politik, eis Immigrantepolitik, losse mer et mol esou nennen, vläicht net grad esou ausgesäit, net nëmme vläicht, net esou ausgesäit wéi dat misst sinn.

Jugendlecher, ëmmer méi Jugendlecher déi an eng prekär Situatioun geroden, net well se schlecht sinn oder domm oder esou, sondern well se ganz einfach keng Aarbecht fannen. Well se schonn am Virfeld duerch hir Sozialsituatioun an eng Schoulrichtung gedréngt ginn, ech denken do ënner anerem un de Modulaire, wou se keen Auswee hunn herno fir eng normal Ausbildung kënnen ze genéissen an domat eng Existenz opzebauen déi hinnen e würdige Liewe géif erlaben. Ech denken och un deen héije Prozentsaz vu Fraen, vu Fraen, deen elo par rapport zu soss ëmmer méi evident gëtt. Och dat ass e gesellschaftspolitesche Problem wou ee muss genau d'Analyse kucken an dann déi richtig Schlussfolgerungen dozou zéien. Ech mengen, wann een dann um Enn vum Historik, deen iwwerens ganz interessant ass an och konstruktiv kritesch, wann een do duerch d'Schlussfolgerung kuckt, dann ass et effektiv, wär et effektiv bal lächerlech wann een drun denkt, dass do säit 10 Joer, säit 10 Joer(!) verhandelt gëtt mam Stat an dann ass deen ee Ministère erëm op eemol net méi zoustänneg, dann ass erëm en aneren zoustänneg, an dat kascht jo Zäit dat wësse mer aus Erfahrung, wann esou Ännerunge kommen. A säit 10 Joer doriwwee gepotert gëtt an dass dann, oni dat elo an d'Lächerlech ze zéien, 5 Better do solle bäikommen. Selbstverständlech, ech hunn et am Virfeld gesot, désengagéiert dat d'Responsabilitéit vun deenen anere Gemengen net, an ech sinn och der Meenung, dass d'Krisis net am Norden ophält, virum Norden ophält. Dass och mol vläicht do an enger Aarbechterstad wéi Wolz, an anere Stied wéi Dikrech an Ettelbréck, kéint mol nodeduecht ginn

iwwert déi Precaritéit vun engem Deel vun hirer Bevëlkerung an och do déi néideg Infrastrukture kéinte geschaaft gi fir esou Leit ënner d'Äerm ze gräifen, respektiv aus där Situatioun eraus wéinstens virleefeg kënnen ze hëllefen.

Dat gesot, Madame Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ënnerstëtze mer selbstverständlech dee Punkt vun Abrisud deen op der Dagesuerdnung steet, mat deene Remarquen déi ech gemaach hunn. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Bernard. Den Här Zwally.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Et ass och scho Villes gesot gi wat, vu menger Virgänger. Ech menge mir sinn elo 10 Joer mat deene Rapporte konfrontéiert a mir wäerten och eis, d'CSV eis net aus där Solidaritéit erausbeweegen wann et dorëms geet fir deene Leit déi manner bemëttelt sinn, respektiv an hirem Liewe Problemer optauchen, fir déi weider ze ënnerstëtzen. Ech muss soen, dass wat hei de Vertrieder vun der Kommunistescher Partei gesot huet, wat am Zesammenhang mat de Kommissiounen eigentlech gëllt, manifestement e Problem duerstellt. Wa mer hei an de Gemengerot kommen a mir mierken dass op bal all Punkt deen elo hei um Ordre du jour steet, keen Avis vun enger Kommissioun ass, dat ëmmer Problemer duerstellt an dat och fir eis einfach net hinnehmbar ass.“

An deem Ganze kann een och nach soen, dass eigentlech duerch déi Informatioun déi Dir eis ginn hutt, dass elo nei Pläng ausgeschafft gi sinn, zesumme mat 5 nei Better déi sollen drakommen, dat och wierklech de Wonsch vun eis war, well mer gesot hunn, dass deen Neibau dee soll kommen, modulabel soll sinn an och ëmmer virgesi soll si fir am Fall wou Urgencé sinn, dat ausgeweit ka ginn. Dat hätte mer awer och ganz gären an der Bautekommissioun kritt gehat, fir ze soe wat dann eigentlech elo géif changéieren an op wat fir ee Wee dass mer an Zukunft wëlle goen.

Mir hunn och désöfteren als CSV hei ëmmer gesot, dass et dorëms geet, dass déi aner Gemengen hir Responsabilitéite sollen huelen. Ech menge si hunn iwwert de Wee vum Gesetz mat der Reform vum Office social déi Méiglechkeet kritt. Mir mierken awer nach wie vor, dass keng Gemeng do ass déi hir Responsabilitéit iwwerhëlt an et wär nach eng Kéier gutt fir am Süden, mä net eleng am Süden, mä och anerwäerts, drop opmierksam ze

maachen, dass dat en Instrument ass wou si hire Leit kënnen hëllefen déi an eng Noutsituatioun geroden. Wann een elo déi Statistik kuckt, déi Dir hei presentéiert, dann deelen ech déi Meenung hallef vun där déi d'Madame Bofferding gesot huet, nämlech déi vun engem zweeten Abrisud hei am Süden. Mir sinn éischter der Meenung, dass een dat soll regional klären. Well wann ee gesäit vu wou dass d'Leit kommen, vun Dikrech a groussen Deel och aus dem Éislek, et sinn der déi aus dem Oste kommen, da wier et douds'écher mol déi Iwwerleeung ze maachen ob een dat regional net ka klären, dass fir all Regioun iergendwou eng Gemeng eng regional Verantwortung kritt fir dat ze iwwerhuelen an da wier deen Tourismus deen dann op eemol stattfënn, dee wär a sech net méi do.

Et ass och hei gesot ginn, ënnert anerem ass iwwert de Budget geschwat ginn. Dass ee mol eng Kéier e Budget kéint kréie fir dat doten ze maachen. Ech mengen dat wär an deem Sënn en zweeschneidegt Schwäert, well et dach awer dann duerno an deen economeschen Deel erafällt vun der Diskussioun. Et kann een da soe wa mer dann op de Wee gi fir eng Participatioun ze froen deene Gemengen déi eis bekannt sinn, dass dat esou wier, da kéinte mer natierlech dovunner Notzen hunn. Mir sinn awer der Meenung, dass an deem dote Beräich d'Diskussioun iwwer d'Suen ëmmer e schwierigen Deel duerstellt. E ganz schwierigen Deel duerstellt, well mer wëssen dass et geregelt ass iwwert den Office social an da soll een eigentlech net, wann esou Problemer si wéi déi doten, mat Suen handelen. Et geet hei ëm Schicksaler, et geet hei ëm Leit deenen ee soll hëllefen an insofern mengen ech, soll een dovunner ofgesi fir dat eigentlech op de Punkt vun de Suen ze reduzéieren.

Wat elo deen Deel vum Michels Haus ubelaangt, mengen ech wier et nach ze fréi fir eigentlech den Inventaire ze maachen. Dat fonctionnéiert jo elo réischt annerhaleft Joer. Mir sinn der Meenung dass dat eng ganz gutt Initiativ ass. Mir hunn déi och mat begleet a kommen nach eng Kéier drop zrëck dass mer mengen, datt op jidde Fall de Suivi vun deene Leit einfach soll garantéiert bleiwen. Ab deem Moment wou se bei eis am Abrisud sinn, wa se da virukommen an de Michels an doriwwer eraus dann och nach déi Begleedung déi se brauche fir am Liewe wierklech weider ze kommen, dass dee Suivi muss garantéiert bleiwen. A wann dat u sech de Fall ass, da wäert dat och fir eis kee Problem si fir dat Ganzt mat ze ënnerstëtzen.

Nach kuerz zum Bau selwer. Ech mengen et ass schonn eng Kéier gesot ginn, iergendwéi „uns fehlt der Glaube“ op eemol. Et ass scho gesot ginn, dass Ministèren, de Santéministère deen huet sech aus der Verantwortung erausgeholl. De Familljeministère huet sech bereet erkläert fir dat doten ze maachen. Elo hu mer d'Echéance erëm eng Kéier op den Oktober verluecht. Ech hoffen op jidde Fall dass dat doten zum Droe kënnt an dass et elo endlech fäerdeg ass fir den 10. Anniversaire kënnen ze feieren, dass dat doten elo eng endgültig Décisioun gëtt, datt mer eis doropper kënnen verlossen, dass dee Bau hei kënnt.

Zum Schluss wollt ech awer nach mengem President eigentlech nach felicitéiere vum Abrisud. Ech kann dat nëmme bestätegen, dass do eng wonnerbar Aarbecht gemaach gëtt a wäerten och nach weider esou laang et néideg an noutwendeg ass, him eis Ënnerstëtzung zousoen an deem Ganzen. An deem Sënn nach eng Kéier fir de Rapport a Merci och fir deene Leit déi all Dag domatter konfrontéiert sinn. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Zwally. Ier ech der Madame Freis d'Wuert ginn, wéilt ech vläicht einfach direkt zwou Äntwerte ginn, da beschäftegt dat eis vläicht net méi weider.“

Firwat de Projet oder de Budget respektiv net an der Kommissioun waren. Wéi gesot, mir hunn eng nei Propos un de Ministère gemaach an nach iwwerhaapt guer keng Äntwert. Awer esoubal mer déi Äntwert hunn, mécht dat natierlech säi Wee duerch d'Kommissiounen. Da wësse mer och wéi vill Budgete mer kréien. Mir waarden all gespaant op dee 14., 15. Oktober ob dat dann elo esou ugeholl ass oder net. Esoubal dat do ass, kënnt dat selbstverständlech hei eran. De Budget vun dësem Joer, deen hate mer jo gestëmmt am Januar.

A betreffend d'Sozialkommissioun, deenen hire Sekretär war ausgefall an et ass elo just, elo dës Woch en neien nominéiert ginn, esou datt déi Kommissioun och erëm kann endlech tagen. Madame Freis an duerno den Här Baum.“

Astrid Freis (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt am Fong plus ou moins déiselwecht ... Ech mengen d'Madame Bofferding ass jo elo scho ganz am Detail fir eis Partei op dee Rapport do agaangen a si huet och schonn alles gesot mengen ech, wat ze soe war. Ganz richtig. Wat ech am Fong nach kuerz wollt vermierken, dat ass wat

ech an deene leschte Joeren a mengem Beruff gemierkt hunn, dat steet elo wierklech hei am Rapport. Dat heescht, déi Leit déi op den Abrisud mussen zeréckkommen, do huet wierklech den Alter sech geännert, wéi scho vill Leit hei gesot hunn, dass et net méi deen normalen am Fong sans abri gëtt, mä wierklech Leit vun allen Altersklassen an et ass och dat wat dramatesch ass. Elo hu mer hei zum Beispill, am Abrisud kënne jo keng Leit ënner 18 Joer sinn, soss wier déi Lëscht hei wahrscheinlech nach vill méi dramatesch. Well et sinn och ganz vill jonk Leit, Jugendlecher, déi nach net an de Genoss, also wann een dat esou ka nennen, an de Genoss vum Abrisud kommen, mä wat ee wierklech feststellt, dass immens vill Leit den normale Bierger, ech hunn ëmmer erëm Leit déi 20, 25 Joer laang geschafft hunn, an op eemol an där doter Situatioun leider sinn, déi keen anere Wee méi fannen an déi dann natierlech frou si fir kënnen op den Abrisud zeréckzegräifen. Och wann et nëmmen, wéi mer och hei mierken, provisoresch ass. Heiansdo 3 Deeg, mä et sinn awer och Leit dobäi déi méintlaang mussen am Foyer do liewen.

Also wéi gesot concernéiert dat ganz vill Leit an net méi déi, wéi dat fréier war. Wat ech och mengen, dass et net an nächster Zäit wäert vill besser gi wa mer eis referéieren op eis Noperen zum Beispill. Wann ee kuckt, wéi vill Joeren elo schonn, bei de Fransousen zum Beispill, de Restaurant du Coeur gëtt, do mengt een all Joer misst et besser gi well esou vill Hëllef kënnt, mä leider geet dat och net besser. Et kommen ëmmer erëm méi Leit bäi an dofir, mir hu jo och elo hei geschwat vun deenen anere Gemengen déi hir Responsabilitéit net iwwerhuelen. Also ech sinn op jidde Fall frou zu der Escher Gemeng ze gehéieren an dass mir eis Responsabilitéit iwwerhuelen an déi aner Gemenge mussen dann ebe mat hirem Gewëssen eens ginn.

Voilà, et ass just dat wat ech elo nach wollt hei vermierken. An ech mengen, wann een dobaussen héiert, dass d'Leit soen, ëfters si mol Leit déi soen, ah kënnt elo schonn erëm esou eppes, schonn erëm esou wéi en Abrisud oder erëm eppes fir, wat vill vläicht Leit unzitt déi keng Suen hunn an déi vläicht dobaussen net esou gär gesi ginn. Mä ech menge wat wichteg ass, dass déi Leit ënnerdaach kommen, provisoresch, an dass se erëm e Wee fanne fir erëm an hiert normaalt Liewen zeréckzekommen an dass dat de Rôle och vum Abrisud, vun deene Leit déi do schaffen, dee Rapport ass genial. Déi Leit hu super geschafft fannen ech an ech mengen et

ass keen hei zu Esch fir egal wou dee wëllt „profitéiere“ vun iergendeppes, well ech mengen et ass keen dee gären an den Abrisud geet. Déi Leit ginn dohinner well se keng aner Méiglechkeet hunn an déi Struktur ass onbedéngt wichteg fir Esch. Ech soe Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Villmoos Merci. Den Här Baum, an dann ass als leschte Riedner den Här Hansen ageschriwwen.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Och un alle-reischer Plaz e grouse Merci un d'Equipe vum Abrisud, ronderëm d'Maureen Lanners an de Bruno Martins. Och fir deen, nach eng Kéier, wéi all Joer ganz detailléiert an exhaustive Rapport. E Rapport deen eis mengen ech allegueren net ka kal loossen, och wat d'Evolution ugeet déi een doranner gesäit. Et dierf een awer net vergiessen, mengen ech, dass d'Fro vun der Obdachlosegkeet eng ass déi eng gesellschaftlech ass, déi duerch d'ganz Land geet. Dat heescht duerch ganz Europa geet, an déi Ausdrock dovunner ass vun enger Kris vun engem Gesellschaftsmodell an där Schéier téschent räich an aarm ëmmer méi wäit ausernee geet.

An deen Undeel vun Aarmut deen et an Europa an och zu Lëtzebuerg, an dem soi-disant räiche Lëtzebuerg gëtt, klëmmt a klëmmt vu Joer zu Joer. An ech mengen dass dat wat d'Escher Gemeng gemaach huet virun iwwer 10 Joer wéi se ugefaangen huet mat der Wanteraktioun, wou et ëm näischt anescht geet wéi dat basecht Iwwerliewe vu Mënschen, wéi och dat wat elo nach weidergefouert gëtt, dass dat den Ufank war vun enger Politik fir Leit erëm probéieren eng Perspektiv ze bidden.

An duerfir wëilt ech op den éischte Punkt agoe wat am Rapport mengen ech ganz gutt eraus kënnt a wou een och vläicht sollt entgéint wierken, géint verschidde Meinungen déi virleien. Éischtens, wann ee sech d'Kompositioun, déi sozio-kulturell Kompositioun vun den Nationalitéiten ukuckt, da muss ee soen, dass déi awer relativ genau der Escher Populatioun entsprécht. Ronn 48% vun de Leit déi am Abrisud virstelleg ginn, si Lëtzebuerg.

Dat entsprécht ongeféier der realer Kompositioun wéi se sech och zu Esch erëmfënnt. Wann een da kuckt bei wéi vill Leit e Suivi gemaach gëtt, dann ass och den Undeel vu Lëtzebuerg do immens grouss. Dat heescht, dat wat een heiansdo esou verhéiert, oder héiert an der Éffentlechkeet, dass dat eng Institu-

tioun wier déi virun allem sech ëm Primo-arrivante géif këmmen, dass dat net richtig ass, mä et ass eng Institutioun mat verschiddene Regeln déi sech ëm d'Problemer déi et hei zu Esch gëtt, konkret këmmert, a wou et eben net nëmme Primo-Arrivante sinn oder Demandeurs d'asile sinn déi hei en Daach iwwert de Kapp fir eng kuerz Zäit kréien, mä ganz ganz vill Lëtzebuerg a wéi mer och gesinn hunn, ganz ganz vill Escher. Escher, a Leit déi hei aus dëser Regioun kommen, duerfir och de Constat dass den Abrisud e regionale Foyer am Fong de facto ass a leider, leider souguer esou wäit gaangen, huet missten esou wäit goe fir national Aufgaben ze iwwerhuelen, wann ee gesäit dass ëmmer méi Leit aus dem Norden, vun Dikrech, vu Gréiwemaacher etc., op Esch komme mussen, well et an hire Regiounen keng ähnlech Strukture ginn. An do deelen ech och alles dat wat virdu gesot ginn ass vun de Responsabilitéiten.

Eng drëtt a besuergniserreegend Tendenz déi aus deem Rapport erauskënnt, ass dat wat d'Madame Freis och schonn ugedeit huet, den Undeel vu Jonken deen ëmmer méi grouss gëtt. D'Precaritéit bei Jonken, och dat ass keen Escher oder Lëtzebuerg Phenomen, geet am Kader vun där gesellschaftlecher Entwécklung ëmmer méi an d'Luucht. Et ass Froe vu Chômage, Perspektivlosegkeet a virun allem engem zu Lëtzebuerg komplett dérisoire Wunnengsmarché dee Jonker ëmmer méi a sozial Precaritéit bréngt. Och Jonker déi nach emol keng 18 Joer hunn. Ech mengen dass mer och do, an et ass ugeklongen, dréngend Strukture bräichte fir Jonker, fir Perspektiven opzemaachen, fir Tëscheweier ze fannen, téschent enger ganz oft mat vill Frustratiounen verbonnener Erfahrung an de Schoulen, en Iwwergang ze fannen, hin zu enger Autonomie déi ee selwer erliewe kann an domatter natierlech verbonnen och virzegoe géint Jugendarbeitslosegkeet.

Ech mengen dass mer duerfir Strukture brauchen. Ech mengen dass mer och op kommunalem Plang do nach verstärkt opsichend Jugendarbecht bräichte fir an deem dote Plang wierklech aktiv ze ginn. Zënter kuerzem ass d'Maison Michels op an ech mengen dass et d'Maison Michels och éischt Schrëtt si fir ze weisen, dass d'Stad Esch net nëmme wëll stoe bleiwen a plooschteren, mä de Wee wëllt zumindest opmaache fir Perspektiven ze bidden, eraus aus der Dependence vu Leit hin zu éischt Schrëtt an eng nei Onofhängegkeet an d'Perspektiven opzemaachen. Duerfir ënnerstëtze mer dee Projet vun der Maison Michels natierlech och voll a ganz.

An da kommen déi leideg Punkte vun deene soziale Strukturen déi och schonn e puermol elo virdrun opgenannt gi si wat net nëmmen d'Fro vum Neibau vum Abrisud ass, mä ech mengen datt domatter insgesamt och aner Strukturen zesammenhänken, well d'Problematik finalement och domatter zesammenhängt: Wéi gesäit et aus mat der Fixerstruff? Wéi gesäit et aus mat anere Strukturen, wéi ech gesot hunn, opsichend Jugendarbecht, Stéchwuert Streetworker? Ech mengen datt mer och do nach eng Kéier ënnert deem Volet Jugendarbecht och de Plan communal Jeunesse nach eng Kéier op de Leescht eis zéie missten a kucken deen och anzebannen an eppes wat schonn ugefaangen huet, nämlech an eng konsequent sozial Berichterstattung, fir mat klorem Wëssen dovunner wéi déi Sozialentwécklung hei zu Esch ass, Décisionne kënnen ze huele wéi mer probéiere kënnen als Gemeng, där hir Mëttelen awer bescheide sinn, probéieren drop ze reagéiere fir nach méi eng kohärent Sozialpolitik kënnen ze maachen.

Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Baum. Den Här Hansen.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech ka mech gréisstendeels nëmme mengen zwee leschte Virriedner an deenen anere Virriedner och uschléissen. Mat der Madame Freis a mat dem Här Baum. Dem Här Baum seng Analysen déi wäert ech dann an Zukunft vermessen, well ech mengen do hu mer dach vill Points communs gehat. (Zwëscheruff)

Dat wäerte mer och maachen.

Als éischt och e grouse Merci un d'Equipe aus dem Abri de nuit, well et kann een hinnen net genuch Merci soe fir déi Aarbecht déi se maachen. Ech fannen et ass eng super Aarbecht déi si leeschten an och eng ganz wichteg, gesellschaftlech gesinn. Dës Diskussioun huet haut e besonneschen arriére goût mengen ech, wann ee bedenkt datt gëschter e groust Institut vum Finanzkapitalismus, d'Privatbank Julius Baer hiren European Wealth Report publizéiert huet, wou drasteet datt 1% hei vun de Residenten zu Lëtzebuerg 32% vun de Richessen hunn. Dat heescht, datt d'Schéier zwëschen aarm a räich weider ausernegerappt gëtt wéi den Här Baum scho gesot huet. An ech menge wann ee kuckt an hirer Analys déi totalement dérisoire ass, wou d'Richesse moyenne hei zu Lëtzebuerg bei 432.000€ läit, ech

mengen dann ass et mol als éischer Hinsicht ganz staark un enger Regierung ze handelen, fir eng Ëmverdeelung anzeleeden, datt déi Schéier sech net weider auserneerappt. Ech mengen d'Problemer um Terrain déi gesinn d'Regierungen net esou direkt wéi d'Gemengen, well d'Gemenge sinn u sech un éischer Plaz mat soziale Problemer konfrontéiert. An ech mengen dorunner geet elo och haut mol eng Kéier nees en Appel un d'Regierung ze maachen am Sënn vun enger Ëmverdeelung ze denken, datt net nëmmen déi Räich méi räich ginn, mä och datt jiddweree vun enger Richesse vun enger Natioun profitéiere kann.

Wéi gutt eng Gesellschaft ass, gesäit een eréischt wéi se sech ëm déi Schwächste këmmert. Dëst ass wéi den Här Baum gesot huet, sécherlech kee regionale Phenomen, kee lokale Phenomen, och keen nationale mä et ass een europäesche Phenomen. Mir hunn elo vill driwwer geschwat vun de Leit déi betraff sinn, zemoos déi Jonk wat ganz alarmant ass, mä ech wëll awer och nach eng aner Kategorie opwerfen déi keen ugeschwat huet: les sans papiers. Wa mer kucke wéi vill sans papiers am Abri de nuit sinn, Leit déi keen anere Choix hu well se duerch hire Statut net schaffe kënnen goen, déi gi forcéiert vun enger restriktiver Asylpolitik, vun enger Regierung a sozial Opfaangstrukturen. An ech mengen dëst kann et och net sinn, datt eng Regierung sech esou aus hirer Responsabilitéite stielt.

Ech mengen an deem Dossier hu mer och Repetitiounen. Ech mengen, säit 2011 héiere mer ëmmer nees datt den Neibau eng Urgence ass an datt ëmmer nees e Ministère sech drëm këmmert. Ech hoffen datt dat och elo eng Kéier bal de Fall ass, datt mer wierklech en Neibau kréien an eng besser Opfaangstruktur kënnen ubidden, well et geet es elo duer mat de Lippebekenntnisse, well mir waarde schonn zimlech laang drop. Net nëmme mir, mä och déi Leit déi et brauchen. d'Idee vun de regionalen Opfaangstrukturen vun der Madame Bofferding kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Ech mengen, wa mer gesinn, datt ofgesi vun Escher 31 aner Leit aus dem Süde kommen, ass eng regional Opfaangstruktur méi wéi néideg. Do kéinte mer souguer vläicht schwätzen datt eng zweet néideg wär. An zemoos am Norde misste se och mol e bësse méi Responsabilitéit iwwehuele wéi den Här Bernard gesot huet, zemoos an Aarbechterstate wéi Wolz.

Mä et ass vläicht e Lapsus gewiescht, mä op jidde Fall fannen ech eng Remarque an deem Zesammenhang, d'Nuit am Abrisud mam Tourismus ze vergläichen

ass a mengen Aen e bësse deplacéiert. Ech géif ...

(Zwëscheruff)

Jo, dat ass och deplacéiert, Här Weidig.

Mir kënnen elo och ëmmer nees hei Appelle maachen un déi aner Gemengen hir Responsabilitéit ze iwwehuelen, wat mer elo scho säit Joere maachen, an et deet mer Leed, bis elo huet nach keen eppes gemaach. D'Gemengepäpp déi, et ginn der jo déi sinn nach net esou laang am Amt, mä déi hu schonn – an d'Gemengemämm, entschëllegt – och wa se nach net esou laang am Amt sinn, hu se awer schonn d'Attitude vun hire Virgänger ugeholl andeems si hire Kapp wann et ëm Sozialresponsabilitéit gëtt, ënner eng plus ou moins faarweg Decke stiechen. Duerfir, Madame Buergermeeschtesch, géif ech lech gäre mat op de Wee ginn, datt wa se hir Responsabilitéiten net iwwehuelen, mir gesi jo aus welche Gemenge se kommen, datt mer Frais de participation vun dem Fonctionnement vun eisem Abri de Nuit vun deene Gemenge verlaangen a se esou mol op e Wee zwängen, hir Responsabilitéit ze iwwehuelen. An an nämlecher Hinsicht kéint ech och vläicht en Appel un d'Press maachen, gitt mol bei déi Gemengepäpp a Gemengemammen a konfrontéiert déi wou hir Responsabilitéit ass, well säit Joere gëtt do an deem Dossier näischt gemaach. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Dem Här Hansen, Merci. D'Madame Hildgen nach kuerz d'Wuert. Merci.“

Annette Hildgen (CSV): „Jo. Merci, Madame Buergermeeschter. Also keng Angscht, ech widderhuelen elo net wat alleguerten déi aner gesot hunn. Mä wann een....“

Verschiede Stëmmen: „Aaaah!“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Loosst d'Madame Hildgen schwätzen.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci. E Rapport d'activité ass ganz interessant. Ech mengen dat muss sinn. Dat ass wéi en Inventaire deen e Geschäft muss maache fir ze gesi wat hu mer erreecht? Wat ass nach do? Wat hu mer ausginn? Wat ass alles gemaach ginn? Mir sinn elo schonn Enn 2014, dat heescht deen nächste Rapport dee steet un. Déi Angscht déi mir awer hunn, 2014 ass ok, mä 2015, datt et dann nach vill méi prekär gëtt fir eis Leit déi scho finanziell ganz schlecht dru sinn. Well där Leit si jo

am Abrisud. Ech mengen déi aner Leit brauche jo net dran ze kommen. Mä wa mer elo kucke wéi eng Augmentatioune vun de Steieren, vun den Abgaben, ech schwätzen nëmme vun der TVA déi an d'Luucht geet, dat gëtt ausgedroen um Bockel vun deene Leit deenen et net gutt geet. A mir géifen lech un d'Häerz leeën, kuckt an d'Zukunft, kuckt an eng schwaarz Zukunft fir déi Leit déi elo do sinn.

(Allgemeng Diskussioun)

Maacht Är Pläng scho fir méi Leit kënnen opzehuelen an nach méi Leit kënnen ënner d'Äerm ze gräifen. A mir wëssen alleguerten, och d'Finanze vun enger Gemeng déi si beschränkt. Mir musse kucken, datt mer deem wat elo op eis duerkënn wéi eng Lawin, datt mer deem kënnen hei zu Esch Rechnung droen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):

„Merci, Madame Hildgen an alle Spriecher a Fraktiounen fir d'Zoustëmmung. Ech wëllt nach op 2, 3 Bemierkungen agoen. An den Här Codello och. Betreffend déi ganz Argumentatioune ronderëm déi Jonk wollt ech just matdeelen, mir si jo, den Här Baum hat dat mengen ech gesot, mir sinn amgaange mat dem Sozialrapport, deen huet jo dëst Joer ugefaangen. Et wäerten Tëschebilanen hei erakommen an de Gemengerot. Mir sinn amgaangen, oder hunn ugefaange mam Projet vun de Wunnengen am Diva, wou et net nëmme Studentewunnenge wäerte ginn, mä ebe grad just fir déi Jonk déi Problemer hunn, wou eben eis Escher Jonk och wäerten dobäi kommen. Et ass jo e Projet mixte. Deen ass och amgaangen a wat déi opsichend Jugendarbecht ugeet, huet jo och d'Streetworkerin ugefaange mat schaffen, a mir sinn do ganz hellhöreg betreffend hir Aufgaben an hir Kommentären. Si schafft an de Gruppen och mat intern an der Gemeng wou mer och wäerte gläich Rapport maache virum Gemengerot an och an der Öffentlechkeet wat dëst Joer sech op deem Gebitt do beweegt huet.

An déi Bemierkung wat d'Fixerstuff ugeet, ech sinn zu 100% sécher, datt dëst Kéier d'Fixerstuff wäert vun der Regierung dat ganz gefuerdert Geld kréien, déi Escher Fixerstuff wäert dat Geld kréien an et wäert am Budget stoen. Den ehemolege Stater Buergermeeschter an haitege Premier, deen oft drop opmierksam gemaach huet, datt eng zweet Fixerstuff muss kommen, wäert do ganz sécher net sträiche goen. Do sinn ech absolut iwwerzeegt dovun. Si kënn. Den Appel geet och do un

den Norden, wou an deene ganze Joeren och driwwer diskutéiert ginn ass, datt och si missten esou eng Struktur hunn, well do wäert et genau d'selwecht goen, datt mer der aus dem ganze Land wäerten hunn. D'Stater an déi Escher. Dir wäert gesinn, dee wäert bestëmmt dra sinn an dann hoffe mer, datt mer op anere Punkten net dowéinst gekierzt ginn, betreffend de Budget. Ech wëll nach kuerz dem Här Codello d'Wuert ginn."

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Ech wëllt op e puer Bemierkungen vum Här Baum agoen an et deet mer Leed, datt hien dat dann net méi als Conseiller dann awer mat erlieft, mä ech denken datt hien awer mat drun interesséiert ass. Ech ginn iwwernächst Woch an d'Jugendkommissioun, well et ginn och Kommissiounen wou et geet, Här Zwally. Ech ginn iwwernächst Woch an d'Jugendkommissioun, well ech mam President do verschidde Prioritéiten definéiert hunn a wou ech och d'Avise gär vun der Kommissioun hätt an Dir sidd op verschiddeger agaangen.

Éischtens, och wat d'Jugendproblematik ugeet, mir mussen eis d'Fro stellen, an dat steet och am Koalitionsaccord, ech hätt do gären e grondleeënden Avis iwwert eng zweet Struktur Jugendhaus am Norde vun Esch. Wéi soll dat ausséinn? Mir hunn e Jugendhaus am Brillquartier, spezifesch fir dee Quartier, mä ech hätt gären do en Avis.

Zweet Saach, zweet Prioritéit, Dir hutt et ugeschwat, Jugendchômage. Jugendchômage, Dir kënn lech erënnere, datt viru geraumer Zäit, loosse mer mol soen, leider huet sech dat herno nëmme op en „Happening“ definéiert, mä mir hunn d'Kontakter erëm opgeholl, Ministère du Travail de l'Emploi, ADEM, a mir huelen d'Kontakter op mat de Patronen hei an Esch. Si sinn déi och déi d'Aarbechtsplazen hei an Esch op eisem Territoire créieren. Mir sinn als Stad Esch mol e groussen Employeur. Mir hunn dat nach ni esou richteg no bause gesot. Mir hunn de CHEM als ganz groussen Employeur a mir wäerten eis och mam Geschäftsverband a mat aneren un en Dësch setzen an zesumme mat der Jugendkommissioun keen „Happening“ organiséieren, mä eng Strategie ausschaffen, zesumme mat allen Acteure wéi mer kënnen op eisem Territoire de Jugendchômage bekämpfen, well all 4. ënner 25 Joer hei an Esch ass am Chômage. Et gëtt awer keng Logik: Keng Aarbecht, da sinn ech am Abrisud. Dat huet d'Madame Bofferding elo richteg gesot wéi mer ënnert eis hei diskutéiert

hunn, dat ass keng Logik an dat dierf och keng Logik ginn. Mir ginn also do mat de Kommissiounen, an do muss och d'Commission des affaires sociales mat agebonne ginn, komme mer mat engem Dokument, ech hoffen Enn des Joers Ufank d'nächst Joer heihinner.

Drëtt Saach, Jugendkommunalplang. Eng Evaluatioun gëtt gemaach, Här Baum. Dir géingt mat grousem a guddem Gewëssen dem Budget zoustëmmen, mir wäerten am Budget, an ech war a Budgetverhandlung mat der Finanzschäffin a Buergermeeschtesch virgëschter moien, mir wäerten zesumme déi Evaluatioun mat der Universitéit maachen. D'Uni déi och um Seniorekommunalplang hei aktiv schafft, wäert och un der Evaluatioun vum Jugendkommunalplang schaffen. An d'Gemeng wäert per Gesetz och, net forcéiert, mä gedriwwen gi méi wäit ze goen. Mir wäerten och mat engem Plan communal à l'enfance kommen a mir profitéiere vun där Evaluatioun vum bestehegender Jugendkommunalplang nei Objektiv ze definéieren an och e Plan communal à l'enfance ze maachen. Mä wéi ech lech kennen, Här Baum, och wann Dir net méi hei wäert setzen, wäert Dir dat mat grousem Interêt suivéieren an déi eng oder aner Fro awer nach kritesch iwwer Är Nofolger dann hei stellen."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):

„Merci, Här Codello an alle guerte fir d'Beitrag. Dir gesitt, Villes ass am Lafen. Vill Aarbecht läit nach virun eis."

6. Finances communales:

a) Fixation du taux de l'impôt foncier; décision

b) Fixation du taux de l'impôt commercial; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):

„Mir géifen dann zum Punkt 6 kommen, d'Gemengefinanzen. Alljährlech ëm dës Zäit geet et drëms den Taux ze fixéieren, de kommunalen Taux vun dem Impôt foncier, respektiv dem Impôt commercial. Dir hutt an Ärem Dossier d'Décisioun vum leschte Joer dra leien an deenen zwee Beräicher a mir géifen lech proposéieren dat och dëst Joer esou bäizebehalen. Dat heescht konkret wat de kommunalen Taux vum Impôt foncier ugeet, bleiwe mer bei den Zomme bei 600% Propriétés agricoles et forestières. Bei de Constructions commerciales sinn et 900%. Constructions à usage mixte 600%. Constructions à autre usage 300% an alles wat Unifamiliales, Maisons de rapport ass och 300%. Immeubles

non bâtis 600% an Terrains à bâtir à des fins d'habitation 600%.

Wann Dir d'accord sidd, huelen ech och direkt den zweete Punkte mat dobäi. Dat heescht de kommunalen Taux och vun dem Impôt commercial. Schloe mer lech vir och bei deem ze bleiwe wéi mer e festgesat hate bei 325%. Ech wëll hei awer och betounen, dass eenzel gréisser Boiten der Meenung sinn, dass en ze héich wier. Och wat d'Zukunft vun deene Boite betrëfft a se sech Gedanke maachen, wéi hir Zukunft kéint ausgesi wann den héijen Taux, wéi si et empfangen, géif bliwen. Dir wësst, dass mer mat enger ganzer Rei Gemengen am selwechte Prinzip sinn, déi de selwechten Taux uwenden. Ech soe Monnerech, ech soe Suessem an esou weider. Et ass eng Solidargemeinschaft do gewiescht téschent de Gemengen, sech net ausspilen ze loosse. D'Stad Lëtzebuerg war aus deem Boot ausgebrach an dowéinst kënnt och e gewëssen Drock vu Bestëmten déi mengen, de Schäfferot, respektiv hei de Gemengerot missten ënner Drock ze setzen, do eppes drun ze changéieren no ënnen. Mir sinn der Meenung, dass mer deem net no solle ginn. Sinn eis do eens an dowéinst proposéiere mer lech bei dem Taux vun 325% wat den Impôt commercial ugeet, ze bliwen.

Ech notéieren. Den Här Baum. Den Här Weidig. Den Här Bernard. Den Här Baum huet d'Wuert."

Marc Baum (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Déi Diskussioun ëm Steieren, Grondsteier an d'Gewerbsteier hate mer hei schonn e puer mol. Hei huet sech jo och schonn e puer Saachen an der Vergaangenheet gedoen.

Zur Grondsteier. Et ass eng nach ëmmer lächerlech kleng niddereg Steier déi an eisen Aen erhuewe gëtt op immobilem Kapital, op Immobilien, wou just d'Besëtzer, d'Propriétaire besteiert ginn. A titre d'exemple: ech bezuelen als Propriétaire 37€ Grondsteier d'Joer. Dat ass a mengen Ae ridicule kleng wa mer gläichzäiteg dobäi Verbrauchersteieren op Waasser, op iwwerliewenswichtig Grondbesoine wéi Waasser, Ofwaasser, Müll deelweis ëm 30, 40€ erhéije pro Mount, fannen ech et dérisoire wéi hei Propriétéit zu Esch besteiert gëtt, nämlech mengen ech net héich genuch an op eng ongerecht Aart a Weis, firwat mer och mengen, dass ee misst dorunner fréckele goen un déi Tauxen a méi héich setzen.

Wuelwëssend dass domatter natierlech den Haaptproblem ëmmer nach dee

wäert sinn, dass Eenheitswäerter do sinn déi aus dem zweete Weltkrich kommen an dass all déi Aussoen déi bis elo awer och vum Interieur, vun deem neien Innenminister gemaach gi sinn, net onbedéngt optimistesesch klänge loosse, dass dee Problem an deenen nächste Joere wäert geléist ginn. Duerfir si mir éischter der Meenung, dass een do als Gemeng och duerchaus volontaristesesch kéint virgoen. Dat Zweet, d'Gewerbsteier, déi huet jo och eng ganz speziell Geschicht hei zu Esch. Mer däre jo net vergiessen, dass de vieregte Schäfferot jo awer deene Pressiounen och nogaangen ass an en ursprénglechen Taux vun 300 op 275% erofgesat huet. D'Gewerbsteier ass eng reng Gewënnsteier. Do bezilt keen e Su deen net Bénéfiss gemaach huet. Déi erofsetzen, kuerz no, oder grad am Kader vun der Kris, war eisen Ae komplett falsch. Et war och net mengen ech reng ideologesch bedéngt, dass virun, dann dunn annerhallwem Joer de Schäfferot op d'Idee komm ass fir deen awer erëm eropzesetzen, well d'arithmetesch Evidenz wann ee Gewënnsteieren erofsetzt, dass een dann och manner Recetten huet, och bei der deemoleger Finanzschäffin ukomm ass, an duerfir den Taux erëm vun 275 op 325 gehéicht huet. Woumatt mer nach net, dass soll een och net vergiessen, wou mer nach deelweis ënnert aner Gemenge leien, wéi zum Beispill ënnert der Gemeng Déiferdeng wou den Taux och ënnert jorelaanger Buergermeeschterschaft vu Libérale méi héich loung wéi zu Esch. Dat heescht an anere Wieder wéi déi Kéier virdu wäerte mer beim Impôt foncier Nee stëmmen a beim Impôt commercial Jo."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Dir kritt d'Wuert duerno, Här Knaff. Et ass um Här Weidig an dann den Här Bernard."

Paul Weidig (LSAP): „Fir d'éischt zum Impôt foncier. Ech menge mir wëssen alleguerten, dass den Impôt foncier iergendwann eng Kéier muss nei organisiert ginn. Dat ass ganz kloer. Mä wat ervirzehiewen ass a mat der aktueller Situatioun, dass mer virun allem iwwert de B6 Terrains à bâtir à des fins d'habitation op 600% eropgaange sinn, wat schonn e ganzen interessanten Taux ass, dee sécher vläicht net héich genuch ass, mä mir mussen eis awer och bewusst sinn, dass mer niewelaanscht jo och nach zousätzlech reglementéiert hunn, zousätzlech Taxe gehuewen hunn, déi zwar e bëssen ëmstridde sinn, mä déi awer och ganz wichtig sinn. An an deem

Kontext bedauern ech, dass haapt-sächlech am Plan sectoriel logement net genuch Wäert geluecht ginn ass op d'Innverdichtung. Dir kennt déi ganz Problemer mat de Projets d'envergures. Et gëtt versicht no baussen nei ze besiedelen. D'Gemenge kréien deelweis, déi prioritär Gemenge 20% imposéiert, déi aner, déi komplementär Gemengen déi däre net méi wéi 10%, wou et awer och relativ wäitgehend, däre net méi wéi 10% sech ausdeenen. An duerfir mengen ech, wär et ganz wichteg an dat ass och elo an den Avise vum Syvicol an och vun anerer gesot ginn, dass et einfach wichteg ass, dass mer an dem Plan sectoriel logement och e Schwéierpunkt setzen op d'Innverdichtung. An zwar sollt och versicht ginn de Gemengen uerdentlech Instrumenter an d'Hand ze gi fir do kënnen anzewierken. Wat elo net de Fall ass. Mir hu versicht dat ze maache mat deem Reglement dee mer geholl hunn iwwert déi onoccupéiert Haiser, Appartements, mä awer och op déi onoccupéiert Bauplaze geluecht hunn. Dat ass deen ee Punkt.

Deen zweete Punkt ass dee vum ICC. Mir wëssen alleguerten, dass am Ablack Diskussiounen amgaange si fir d'Verdeelung vum FCDF vum Fonds communal de dotation financière an och vum ICC nei ze regléieren an do wäert och sécher versicht ginn, d'Perequation vum ICC, deen op eng ganz komplex a ganz schwierig Aart a Weis berechent gëtt, fir déi nei ze verdeelen. Mer wëssen dass doduerch eng gewëssen Ongerechtegkeet op d'Gemenge kënnt an d'Tendenz geet dohinner, dass awer och elo an Zukunft no enger Basisdotatioun déi kënnt fir all Gemeng, doriwwer eraus och Missions particulières misste berücksichtegt ginn. An an deem Kontext wëll ech drop zrëckkomme wat elo grad gesot ginn ass, mir kënnen net gutt vun de Gemenge ronderëm verlaangen, dass jiddwereen en Abrisud oder allgemeng en eegenen Home mécht fir Obdachlos oder fir Asylanten, mä ech mengen et wär ganz wichteg wann déi Gemengen déi déi Missioun iwwerhuelen, dass déi awer och entsprechend dotéiert ginn. Et ass net nëmme beim Abrisud, mä et ass och bei der Fixerstuff esou, an dat verhënnert awer net, dass mer au moins nach ee Point fixe am Norde kréien. Mir hu schliesslech 3 CDA d'ordre moyen a supérieur: d'Stad Lëtzebuerg, de Süde mat Esch an den Norde mat der Stad Ettelbréck an Dikrech zesummen, dass déi awer och Infrastrukture schafen. Mä déi aner Gemenge sollen awer och dozou bäidroen fir déi Fraisen déi do entstinn an dat kann am beschte geschéien iwwer

6. Finances communales:

eng Dotation particulière, iwwer Mis-siounen déi gréisser Gemenge kréien an ech hoffen dass dat an déi Richtung geet wéi am Ablack ugeduecht ass. Voilà, dat wär et. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Dem Här Weidig, Merci. Den Här Bernard an dann den Här Knaff als leschten.“

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wëll op déi zwou Steieren agoen, wann Dir erlaabt, souwuel d'Grondsteier wéi d'Gewerbsteier an d'Meenung soe vu menger Partei dozou. Déi eng, d'Grondsteier, hu mer eng prinzipiell Meenung, déi mer och d'lescht Joer hei vertrueden hunn an och déi Joere virdrun, meng Virgänger. Mir sinn der Meenung, dass et net ubruecht ass déi ze erhéijen. Mir sinn der Meenung, och wann ech ganz vill Saache mam Här Baum deelen déi hie gesot huet virdrun, do sinn ech net senger Meenung. Well ech fannen, an et muss een och dat berücksichtegen, dass enorm vill Leit déi déi Grondsteier bezuelen, nach belascht si mat engem héije Prêt dee si op déi Wunneng bezuelt hunn. An ech sinn der Meenung, dass Leit déi hiert Liewe laang gespuert a geschafft hu fir sech eng Wunneng, respektiv en Haischen unzeschaffen, dass déi net solle bestrooft ginn, an zwar och nach mam Argument, wou ech net richtig verstanen hu vläicht, dass aner Taxen iwverhéicht wäeren. Wann dat de Fall ass, da wäeren déi Leit jo dann, géif ee se duebel bestrofen. An do fale jo ganz vill Leit drënner déi kee Schëff um Mier lafen hunn, sondern éierlech a brav hiert Liewe laang gespuert a bezuelt hu fir kënnen an de Besëtzt vun enger würdeger Wunneng ze kommen. Duerfir sinn ech d'accord mam Schäfferot senger Proposition, d'Grondsteier esou ze loosse wéi se ass. Wat d'Gewerbsteier ubelaangt, sinn ech der Meenung dass op kee Fall mer däerfen als gewielte Vertrieeder vun der Escher Bevëlkerung op d'Erpressung, dat kann ee bal esou nennen, vu gewëssene Groussflächen agoen. Well et ass virdrun wonnerbar ugeklonge vum Här Hansen dee gesot huet, dass de Cumul vun deene Räichen, dat heescht d'Differenz tèschet deene Räichen an deenen Aarmen, déi Zaang ëmmer méi auserne geet, an dass mer eis net sollen erpresse loosse vun e puer Groussflächen, respektiv aner Entreprise fir hei d'Gewerbsteier net ze erhéijen, respektiv, wéi de Schäfferot et virschléit, esou ze loosse. Mir sinn der Meenung, an et ass ugeklonge virdrun, d'Gewerbsteier ass eng reng

Gewënnsteier, a well mir als Partei ëmmer och an eise Walprogrammer, an eisen Interventiounen, souwuel an de Gemenge wéi soss anzwousch, och an de Gewerkschaften, der Meenung sinn, dass een d'Suen do soll huele wou se sinn, si mer natierlech der Meenung, dass et ubruecht wär den Taux vun der Gewerbsteier ze erhéijen.

Am Kontext nach eng Fro: Wéi steet et de Moment – an déi Fro ass gëschter an der Finanzkommissioun och ugeklongen – wéi steet et am Zesammenhang mat deenen Terrainen an déi Wunnengen déi fräi stinn an déi taxéiert gi sinn? Wéi steet et do? Wat ass bis elo do erakomm oder wat gedenkt d'Gemeng do als Recette ze kréien? Respektiv, dat muss elo net op ee Mount sinn, mä ech menge wann et esouwäit ass, kann een dat vläicht iwver e Joer formuléieren an d'Leit informéiere wat domat geschitt ass. Dat ass och eng Taxe. Déi kann een an de Kader vun där doter setzen.

Voilà, also resüméiert dat hei, mir sinn d'accord fir d'Grondsteier esou ze belosse wéi se ass. Bei der Gewerbsteier sinn ech der Meenung, dass mer dergéint stëmmen dass se bleift."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Bernard. Den Här Knaff da wann ech gelift.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, Madame Buergermeeschter, ee Wuert zum Impôt foncier. Do sinn ech der Meenung, ech fannen dat gutt datt mer deen Taux esou loosse wéi en ass. Ech verstinn net wéi, an et huet e bëssen an den Ouere wéi gedoe wéi ech den Här Baum héieren hunn ze mengen, deen Taux misst an d'Luucht gesat ginn. Alors que datt dat jo awer wierklech en Taux ass dee bal awer jiddweree betrëfft dee sech mat vill Méi ...

(Zwëscheruff)

Jo, awer et ass leider net jiddweree esou wéi Dir lech et virstellt, jiddweree Propriétaire ginn de père en fils duerch e groussen Heritage vun engem grouse Schloss mat Dependance riets a lénks a mat Schëffer um Mier. Nee, et sinn och vill Leit Propriétaire ginn déi mat 20 Joer e Prêt gemaach hunn, dee se 40 Joer laang oder 20 Joer laang rembourséiert hunn, dee se vläicht wëllen nach duerno hire Kanner effektiv verierwen. Dat ass d'Realitéit. An dat wat Dir mengt, do déi Scheinwelt do vun dem grand capital wou hei Schlässer géife verierft ginn, et deet mer Leed, dat kënnt Dir Äre puer Wieler nach do verklickeren. Awer net hei dem Gemengerot. Awer net hei dem Gemengerot, hei vläicht zu Esch, awer

net am Land. Voilà, an do muss ech soen, datt dat vläicht hei awer net eise Gemengerot kënnt verklickeren. Ech mengen et ass gutt, dass mer den Taux esou hale wéi e soll sinn.

Wat elo déi aner Taxe ugeet, den Impôt communal, do ass et wéi den Här Baum richtig gesot huet, dat ass eng Gewënnsteier, effektiv, wou d'Gemeng participéiert un dem Bénéfiss deen d'Sociétéiten, d'Commerçante schafen duerch hir Aktivitéit. Dee kann natierlech eng Influence drop hunn op e Geschäftsmann, eng Sociétéit, eng déck oder eng kleng ...

(Zwëscheruff vum Här Weidig)

Looss mech dach mol schwätzen, nondikass! Et ass awer, all Kéier ginn ech ënnerbrach vun Dir."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): "Här Knaff, exitéiert lech net."

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech hätt gär datt hien ophält domatter, well et ass, den Här Weidig mécht et all Kéier a systematesch ënnerbrécht hie mech bei mengem éischte Saz an ech sinn domatter net d'accord. An dofir hätt ech gär, datt Dir net nëmme mir sot wat ech ze maachen hunn, mä sot Ärem Genosse wat hie soll maachen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Här Knaff, Dir hutt d'Wuert. Den Här Weidig dee seet elo näischt méi.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Voilà, et ass also eng Gewënnsteier wou mer kënnen natierlech dann dovunner profitéiere wa mer lukrativ a gewënnbréngend Geschäfte hei hunn oder Sociétéiten hei hunn, mä wat ech awer mengen, et ass awer net deen Taux deen elo décisiv ass am Choix deen eng Sociétéit oder e Geschäftsmann oder Geschäftsfra mécht fir op Esch sech installéieren ze kommen. Ech mengen net datt et den Taux vum Impôt commercial ass deen déterminéiert ob ee gär kënnt oder net. Ech mengen et wär éischer de Loyer, d'Disponibilitéit vun Terrainen, Disponibilitéit vum Accès, Disponibilitéit vum Parking, dat si Saachen déi mengen ech d'Leit méi unzéie wéi den Impôt communal. Also ech mengen en Instrument, ob dat doten Instrument vum Impôt communal elo wierklech d'Konkurrenz do tèschent de Stied an de Gemenge wierklech beliebt, weess ech net. Also ech zweifelen dorun.

Dofir, ech weess och net ob mer do sollen an déi Direktioun goe fir deen Taux onbedéngt erofzesetzen. Ech war net der

Meenung datt mer deemools en eropgesat haten nodeem mer en erofgesat haten, mä ech weess awer net ob dat eppes elo wierklech bréngt. Ech menge mir missten éischer kucken, an dat betrëfft surtout de Stadkär wou mer awer gesinn, datt enorm vill Geschäfte eidel stinn. Enorm vill Geschäfte eidel sinn, esou gutt an eiser Haaptartère an der Uelzechtstrooss wéi och zu deene perpendiculaire Stroossen, wou vill Geschäfte eidel stinn, respektiv vun awer elo net grad ganz attraktive Geschäfte besat sinn. An do musse mer eis mengen ech awer Froe stelle wat d'Attraktivitéit vun eiser Zone commerciale, vun eiser Geschäftsstrooss hei ueget. Do muss en natierlech och kucke mengen ech, eng Kéier vläicht mat de Proprietairen ze kucken, mat de Loyerer an esou, fir dat iergendwéi och vläicht erëm e bésse méi up to date ze setzen. Mä wéi gesot ech mengen dat wär méi wichteg wéi elo den Impôt communal.

Ech wëll awer elo net hei vum Sujet oflenke fir elo hei iwwert eis Geschäftsstrooss, respektiv iwwert eis Activités commerciales ze schwätzen, mä ech wollt awer froen ob et méiglech wär an ob Dir vläicht mer sot, datt Dir et maacht, datt mer op eng nächst Sitzung, dat wär dann och mol erëm eng Kéier eng politesch Diskussioun, géift d'Uelzechtstrooss, d'Geschäftswelt hei zu Esch, d'Synergie mat Belval op den Ordre du jour setzen, datt mer do eng Kéier kënnen driwwer diskutéieren. An ech wollt lech och soe wann Dir et net maacht, da froen ech datt et op den Ordre du jour gesat gëtt, well ech wëll gären datt mer doriwver schwätzen. Ech hätt gären datt Dir eis Är Ideeë presentéiert. Ech hätt gären datt Dir eis sot wat Dir gedenkt ze maache fir effektiv Esch erëm méi ze peupléiere fir ze kucken datt wann de Belval opgeet, datt net de Stadzentrum definitiv ennergeet, wéi mir sollen hei am Zentrum vun Esch iwwerliewen. Dat géif ech alles gäre wëssen. Ech géif och gäre wësse wéi, an dat froen ech jo regelméisseg, wéi et mat eisem Service vun der Prospection économique ass? Wat hir Resultater sinn déi se an deene leschte 5 Joer gemaach hunn, an an an? Wa mer kënten e bëssen iwwer Wirtschaft, iwwer Economie, iwwer Attraktivitéit vun Esch schwätzen, dat géif mengen ech eis och gutt zu Gesiicht stoen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Knaff. An ech fänken dann direkt mat deene leschte Bemierkungen un. Här Knaff, Dir braucht net gären ze hätten oder ze fuerderen an esou weider, de Schäfferot wäert a ganz

kuerzer Zäit e Plan commerce virstellen an e ganze Koup aner Mesurë ronderëm wou mer héich aktiv sinn. Et ass net nëmmen esou, datt wéi oft ennerstallt gëtt, Esch nëmmen am soziale Beräich héich aktiv wier. Zu Sozialpolitik gehéiert och Wirtschaftspolitik an och do si mer amgaangen eng ganz Rei Mesuren ze plangen a wäert an absehbarer Zäit och hei, awer net nëmmen hei, mä och der Effentlechkeet presentéiert ginn. Mir sinn do an der Schlussphas an all Iwwerleeunge sinn häerzlech wëllkomm. Ganz häerzlech. Et hu sech och Leit gemellt déi als Experte wëlle matschaffen. Et kënnt hei an de Gemengerot.

Merci fir d'Bemierkungen alleguerten. Et ass nu leider esou, datt awer Boitë versichen Drock ze maachen. Ech mengen et ass eng Zomm vun all de Saachen och, op där enger Säit den Impôt commercial, d'Loyerer etc etc déi et ausmécht, datt och Drock gemaach gëtt. Mir sinn der Meenung, datt um nationale Plang och do muss eppes passéiere betreffend Punkten déi mer elo ugeschwat hunn a sinn eis och ganz bewusst, datt falls do näischt kënnt, d'Escher Gemeng sollt reagéieren a mir huelen eis dat och vir.

Ech géif elo froen ob et méiglech ass déi 2 Taxë mateneen ze stëmmen? Ok, à part. Dann Här Gemengesekretär ff."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte par 16 voix oui et 2 voix non les taux communaux à appliquer pour l'année d'imposition 2015 en matière d'impôt foncier.

Voix pour (16): M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Voix contre (2): M. Marc Baum – M. Théid Johanns

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte par 17 voix oui et 1 voix non de fixer le taux communal à appliquer pour l'année d'imposition 2015 en matière d'impôt commercial communal d'après le bénéfice d'exploitation à 325 %.

Voix pour (17): M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Voix contre (1): M. Zénon Bernard

16. Devis et crédits spéciaux; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Merci, Kolleginnen a Kollegen. Da komme mer elo zum virgezunnene Punkt 16 Devis et crédits spéciaux op Wonsch vun eise Kollege vun der Lénker. Ech géif d'Wuert ginn als éischten un den – mir huelen d'ganz Punkten direkt alleguerte mateneen duerch – d'Wuert un den Här Hinterscheid gi fir den éischten Devis.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hunn hei am Fong 3 Devisen hannereeneen déi unenee gekoppelt sinn. Mer hu jo am Budget e Kredit stoe fir Aarbechten déi all eis Servicer kënnen a Koordinatione mat aneren Acteure maachen. Do ass notament ëmmer d'Sudgaz oder d'Post déi Chantieren ufänken a wann eis Reseauen net gutt sinn, dann hänke mer eis do drun. Dat ass elo hei präzis an der Jos Wester Strooss de Fall gewiescht wou d'Sudgaz geschafft huet a Grief gezunn huet fir hir eege Gasleitungen a mir profitéieren da fir do och en Access point vun eisem Wi-Fi ze maachen. Dat ass dann den Devis vu 14.500€. Gläichzäiteg och den Eclairage public frësch ze maachen an der Jos Wester Strooss. Dat ass en Devis vu 40.000€. Dat ass eigentlech dat wat mech elo hei direkt concernéiert an

ech géing lech bieden deenen Devisen zouzestëmmen. Dat huet keen Impakt op de Gesamtbudget, well déi Krediter geholl gi vun deem Artikel wou mer nennen Travaux et fournitures en coordination avec d'autres services."

Schäfte Martin Kox (Déi Gréng):

„Merci, Här Hinterscheid. Au vote. Huele mer se alleguerten zesummen, pardon. Also deen zweeten. E Crédit spécial fir eng mobil Motorsee, déi a sech performant sollt sinn. Et huet dee Virdeel, dass domat dat Holz wat ufält bei eis an eise Bëscher ganz gutt, also rational verwäert gëtt an den Offall ganz wéineg ass. De Virdeel ass eben domat dass mir och dann eise Bësch, eist Holz selwer verwäerten. Mer verwäerten et an eise Servicer an och iwwer Colabor. Dat huet eben och hei keen Impakt op de Budget. Et ass eng Dépense supplémentaire déi ass duerch eng Economie an der École Brill do hu mer alt manner Suen ausginn huet, gëtt dat kompenséiert.

E weideren ass den Aménagement intérieur vum Pavillon 3. Ech mengen ech géif ganz kuerz op dat zeréckgoe wat deemools war. Mer haten do e bekannte Restaurateur deen am Gespréich war fir dat unzehuelen, fir dat opzehuelen. Deemools ass deen ofgesprongen. Zwëschenzäitlech war keen Amateur méi do a mir hu missten eben dat iwwerdenken a mir sinn a sech zu där Décisioun elo komm fir d'Frais d'aménagement fixe, d'Aménagement vum dem Equipement fixe ze iwwerhuele fir dann duerno alt dee Loyer deen dat elo iwwerhëlt, Sushi Bar, dass deen dat och schliesslech als Interessen ugeholl huet. Sécherlech gëtt dat hei och nees iwwer eng Economie équivalente ausgeglach. D'Finanzkommissioun huet en Avis positif ginn. Sécherlech muss do awer nach d'Konventioun vum Loyer déi virläit nach eng Kéier duerch diskutéiert ginn.

E weideren ass de Remplacement vum Aliments de secours hei am Gemenghaus. Ech mengen déi ass ganz wichtig. Déi ass net méi up to date an eng onënnerbriechend fräi Stromversuergung ass onbedéngt wichtig well do de ganze Server vum der Gemeng drunhänkt. Och hei gëtt et couvréiert duerch eng Economie duerch manner Ausgaben an engem Projet vun École Brill.

Dann deen nächsten ass de Parc animalier. Ech menge mir hunn do e Chef de réseau hu mer dohinner gesat, d'Madame Anne Meyers déi do uewen dee ganze Park elo als Cheffin geréiert. Ech mengen dee Park gëtt jo och wéi Dir wësst, gëtt weiderhin reorganiséiert, gëtt renovéiert an et ass dat Gebai, dat admi-

nistratiivt Gebai wat elo do ass, dat muss renovéiert ginn an dat gëtt no bestëmmte sécherlech Critères, souwuel wat den Daach ubelaangt, wat d'Ausgesinn ubelaangt a wat och eng Holzkonstruktioun si wäert, dat ass hei an deem Devis mat dran an och hei gëtt awer elo, gëtt et an d'Dépenses extraordinaires vum Exercice 2015 scho virgezunn.

Deen nächsten ass dann d'Place de la Résistance, Réaménagement. An deem Sënn en Devis supplémentaire vu 570.000€ fällt do un. Ech mengen dat kënnt doduerch dass d'Augmentatioun vum Perimeter vum initiale Projet deen ass ëm 2000 m² erweidert ginn. Ech mengen do sinn all Zoufaarten, sief et zum Cactus hin, zur Dicksstrooss, zu der Uelzechtstrooss, déi si spéiderhi mat an de Réaménagement vum der Plaz erabezu ginn. Doduerch sinn natierlech selbstverständlech d'Ausgabe vill méi héich gewiescht an dofir brauche mer alt dach ausserdeem och am Déifbau ass de Chauffage urbain dozou komm, deen am initiale Projet net mat dra war. De Chauffage urbain deen an d'Casa d'Italia, respektiv an d'Kierch Sacré Coeur riwwer gaangen ass. An an den Theater an an de Park. Gutt. Et ass alles am initial Projet net mat dran. Hei gëtt eng Economie équivalente ech mengen dat hu mer schonn eng Kéier gesot an d'École Nonnewisen, déi jo ganz schéin ass, dat kennt Dir, do hu mer awer net dat Geld missten hu wat mer primär gestëmmt haten.

Da kommen a sech nach zwee Haiser dobäi fir d'Travaux d'aménagement. Dat sinn an der rue des Remparts déi Gemengehaiser sinn, Nr 33 an dat anert ass d'Nr 35, do si mer elo amgang dat ze reamenagéieren. Dat wëlle mer awer elo scho fir dass dat och viru geet op Dépenses extraordinaires vun 2015 huelen.

Da vläicht nach wat vläicht eng kleng Diskussioun kann erviruffen, dat ass wat d'Frais d'études de la Place de la Résistance ubelaangt. Ech mengen do ass d'Augmentatioun vum Coût de réalisation vum den Travaux d'aménagement sur place sinn entspreichend, muss gedeckt ginn. Ech mengen do sinn Dépenses extraordinaires virgesinn an et gëtt eben hei eng Diminutioun vu 400.000€ déi mer dann duerch d'Konstruktioun vum der Auberge de Jeunesse praktesch dann eriwuer huelen, well déi Recette afférente vu 70% eben elo an engem neien Artikel steet an dat ass dat wou de Retard vum der Auberge de Jeunesse entspreichend, deen awer elo schonn ugefaangen huet, awer wou

mer dat Geld dëst Joer nach net brauchen.

Da wär ech mengen ech domat fäerdeg. Ech mengen ech hu keen iwwersinn. Au vote.

Här Baum, Här Zwally."

Marc Baum (Déi Lénk):

„Merci, Här Kox. Merci och Här Hinterscheid fir d'Virstellung vun deene verschiddene Crédits an Devis spéciaux. Mir mengen datt et sech hei ëm 3 verschidden Type vun Devisen a Crédits spéciaux handelt, wouvun deen éischten deen ass dee mer am Fong kennen. Nämlech datt sech d'Gemeng am Laf vum Joer un Aarbechten déi d'Post oder d'Sudgaz uschlësst a woumat mer am Fong och guer keng Problemer hunn, an déi normalerweis hei am Gemengerot och duerchgi wéi eng Lettre à la poste.

Déi zwee aner Typen déi hunn et awer politesch a sech. Dat éischt ass mir hunn eng ganz Rëtsch Budgeten, Crédits spéciaux hei wou et drëm geet datt déi sollen an de Budget 2015 ageschriwwen ginn. Dat ass awer nei. Well ech géif gär e kohärente Budget gesinn 2015 iert ech déi eenzel Devise kann analyséieren op se hir Ënnerkohärenz an op se mateneen zesummenhalen, wéi se finanzéiert ginn, wéi se och queesch finanzéiert ginn, iwwer wéi een Emprunt. Dat géif ech gär wëssen iert ech elo hei ka mäin Accord ginn als Gemengerot zu Devise wou dann och nach drasteet TVA 17%. Am Moment hu mer nach ëmmer eng TVA vu 15% an ech denken nach ëmmer datt et national d'Souveränitéit vum Parlament ass fir wann dat dann eng Kéier soll ugepasst ginn dat esou ze maachen.

Ech sinn net domatter averstanen, datt mir elo hei ouni Budgetskonzept, an dat geet notamment ëm d'Punkten, rue des Remparts déi zwee Haiser, datt mir Budgeten elo hei ouni Budgetskonzept votéiere fir 2015 ouni datt dat Ganzt hei diskutéiert ginn ass. Dat géillt och fir dem Här Kox seng See, där hire Bien fondé ech guer net a Fro stellen, datt een déi brauch, datt dat Sënn mécht. Mä et ass net kohärent datt ee seet, elo picke mer eis eenzel Saachen eraus aus deem ganze Budgetsprojert 2015, votéieren déi elo ouni datt mer dat Ganzt a virun allem seng Finanzéierung nämlech iwwer wéi eng Suen, och gläichzäiteg gesinn. Dat ass fir mech schonn awer en zentrale politesche Punkt, wou ech mengen datt mer gutt drun hätten, wann et souwisou an de Budget 2015 eréischt ageschriwwen gëtt, datt mer elo net en amont doriwwer votéieren.

An dann dat drëtt ass fir mech awer och e relativ diskutabele Punkt. Nämlech mer

hunn 3 Devisen a Crédits spéciaux virleien iwwer d'Brillplaz. 3. Ee wou den Aménagement an der Surface ëm 570.000€ an d'Luucht geet. En zweete wou d'Pavillon en op der Surface ëm 230.000€ an d'Luucht ginn an en drëten, wéi den Här Kox gesot huet, fir d'Etuden ëm 120.000€ an d'Luucht ginn. Insgesamt hu mer et also ze di mat enger Brillplaz, déi ronn 1 Mio am Aménagement uewe méi deier gëtt wéi dat initialement geplangt war. An ech mengen datt dat awer duerchaus verschidde Froen opwërft. Et wërft d'Fro op vun der Conception vun der Plaz a vun der Planung vun der Plaz. Ass ugefaange gi fir déi Plaz ze plangen als ënnerirdesche Parking, als een Element wou dann uewendrop en Aménagement soll stattfannen. En ënnerirdesche Parking dee finanzéiert ginn ass iwwert de PPP, deen eis och nach an den zukünftege Joere Sue wäert kaschten, ass deen Aménagement uewen no engem relativ desastréise Versuch, iwwer astral Sphären vun engem Här Heller dat ze amenagéieren an no enger grousser populärer Revendikatioun fir dat sinn ze loosse, ass dat jo och fale gelooss ginn. A wat iwwereg bliwwen ass, ass ze soe mä mir investéieren awer zumindest genau esou vill Sue wéi mer dem Här Heller versprach haten, nämlech mindestens 3 Mio. Dat ass déi Zäit gesot ginn. Wann ee sech dann d'Detailer ukuckt, huet ee festgestallt, aus 3 Mio sinn dann iergendwann eng Kéier en cours de route 4 Mio ginn.

Do ass dann, awer einfach well en zesummenhängend Konzept gefeelt huet, do ass dann en cours de route bei deem ënnerirdesche Parking an deen Aménagement uewen, nach e Lift bäikomm vum Parking an den Theater. Dunn ass och nach iergendwann eng Kéier en cours de route an ouni datt et en zesummenhängend Konzept dobäi war, 2 Pavillon en dobäi komm. 2 Pavillon en déi am Moment 1,5 Mio€ kaschten, ouni d'Frais d'architectes an ouni Etuden. 1,5 Mio. Wësst Dir wat Efamilljenhaiser an den Nonnewise kaschten? 1,5 Mio fir 2 Pavillon en, déi mer, wéi mer virun 3, 4 Méint deen éischte Bail hei diskutéiert hunn, wou mer kritiséiert hunn als Oppositioun, datt souguer dee Bail héich subventionéiert weider gëtt vun der Escher Gemeng. Elo hu mer hei fir déi Augmentatioun vun 230.000€ fir deen ee vun deenen zwee Pavillon en eng onheemlech lapidar a schnoddereg Erklärung do, datt et eben net anescht méiglech gewiescht wier, datt dat gastronomesch Konzept dat een eventuell virdu sech ausgeduecht hätt, datt dat net géif opgoen an datt mer elo mussen

zousätzlech 230.000€ an ee Pavillon investéiere fir esou Saachen déi virdrun net prévu ware wéi eng Chape. Wéi eng Chape! Mä als wat wollt Dir déi Pavillon en da verlounen? Also dat ass da wierkelech, wann eng Chape an engem Pavillon net méi dobäi ass, da si mer awer beim ultra Réibau. Oder wann de Chauffage net méi garantéiert ass, da freet ee sech awer a wéi enge Beräicher mer do sinn.

Also, et kënt hei zu finanziellen Depassementer vun deem ganze Brill-Projet an der Surface uewe vu ronn 1 Mio., wat mengen ech awer domatter ze dinn huet, datt et vun Ufank u kee kohärent Konzept ginn ass wéi déi Plaz sollt ausgesinn, mä eng Surechnère vun Ideeën wou eng déi aner ofgeléist huet, oder eng sech bei déi aner dropgesat huet an domatter mer elo an enger Situatioun sinn, datt déi ganz Plaz an hirem ieweschten Deel 7,5 Mio Amagementskäschte mat sech zitt, wat komplett depasséiert ass fir dat wat déi Plaz am Fong sollt. Fir dat wat déi Plaz an déi Leit déi sech wuel 2007, wéi se sech géint den Heller agesat hunn, revendiquéiert hunn, nämlech datt eng Plaz gemaach gëtt fir d'Leit och aus dem Quartier a mat de Leit aus dem Quartier a mat de Besoine vun deene Leit aus dem Quartier. An dee partizipativen Usaz vermësst een hei total.

Dëst gesot, Madame Buergermeeschter, denken ech, datt een zumindest, also ech resüméieren, alles dat wat de Budget 2015 ugeet, solle mer da votéieren, wann et ass fir iwwert de Budget ze diskutéieren. Alles dat wat – wäerte mir op jidde Fall als Lénk soen – wat d'Weiderkäschten ugeet fir de Pavillon, deen – dorop wëll ech awer och nach kuerz zeréckkommen – deen a mengen Aen eng urbanistesche Grausamkeit duerstellt, well e justement erëm deeselwechte Feeler mécht wéi d'Heller-Plaz gemaach huet, nämlech eng oppe Plaz zou. Et kann ee vun der Uelzechtstrooss, vun der Brillstrooss, vum Theater, wat e representatiivt Gebai ass, kann een elo net méi eng Plaz gesinn, mä et gesäit een erëm eng Kéier Wänn. An dat ass a mengen Aen, a mengen Aen eng komplett Widersënnegeket. Dat heescht, mir wäerten dee Budget wat de Pavillon ugeet, och net mat votéieren an hoffen, datt fir weider Stadentwécklungen déi hei zu Esch solle stattfannen an déi och néideg wieren, e bësse méi vun Ufank u manner un den Happening geduecht gëtt, wéi den Här Codello virdu gesot huet, a méi un d'Strategie an d'Konzept wat hannert enger kohärenter Stadentwécklung misst leien. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally an duerno den Här Hansen nach.“

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen et war scho wichtig, dass mer dee Punkt hei no vir gezunn hunn.

Mir ware gëschter zesummen an der Finanzkommissioun. Ech hat dese Punkt och, an ech kommen dann nach eng Kéier op déi Kritik zrëck, an der Bautekommissioun gären traitéiert gehat, bon, mä sief. Ech menge mir hunn als CSV ëmmer gesot dass fir eis wichtig ass, dass an der Entwécklung vu Projeten, zesumme mat den Devisen déi eis presentéiert ginn, mir ëmmer Problemer hu wann duerno erëm Devis supplémentaires, Crédits supplémentaires a Crédits spéciaux optauchen. Hei sinn esou vereenzelt Fäll dran. Mir verstinn net, firwat dass op eemol elo an der Diskussioun wat d'Pavillon en an d'Brillplaz ubelaangt, op eemol optaucht, dass do de Pavillon 3 eigentlech eng Mise en conformité ass. Mir hunn an der Iwwersetzung vun deem wat eis presentéiert ginn ass, ënnert dem Punkt wat dat doten ubelaangt, de Saz presentéiert kritt „suite aux négociations menées avec le future exploitant“ hu mer eis gestéiert gefillt, well et eigentlech dat net ass. Mir stéieren eis dorunner wa mer eigentlech Adaptatioune maache mat neien Devisen oder Devis supplémentaires wann iergendwou en Exploitant kënt, deem mer dann eppes ubidden, eng Inégalité schafe par rapport zu aner Commerçanten.

Wann et dorëms geet, dass et selwer eis gehéiert an et eise Patrimoine ass, a mer versichen deen op e moderniséierten Niveau ze bréngen, dann hu mer manner Problemer wann et esou explizéiert gëtt, wéi wann an der Definitioun vum Saz op eemol drasteet wéi wa mir eis géifen erpresse losse par rapport zu där doter Diskussioun.

Mir hunn och senger Zäit wéi mer déi Gros-oeuvres hate bei der Lallenger Schoul scho gesot, dass et wichtig wier, wat all déi Devisen ubelaangt, dass se iergend eng Kéier hir Richtigkeit behalen. A wann et higeet a mer mussen an eiser Méiglechkeet, och am Bautegesetz virgesinn, dass wann et verhandelt gëtt, mat deenen déi de Projet kréien, dass et kloer muss sinn, dass se net dierfen iwwert ee bestëmmte Prozentsaz erausgoen.

Wann alles dat wat dann duerno nach geschitt, dat muss domatter beinhalt ginn, an et kann net sinn, an ech zitieren elo nach eng Kéier deen dote Projet, well do sinn ëmmerhin iwwer 550.000€ nogeschoss ginn, dass da mir an eiser

Iwwerleeung fir d'Entwécklung ze maachen, net méi richtig sinn.

Bon, deem gesot mengen ech, wier et wichteg, dass mer an Zukunft bei deene Crédits supplémentaires, déi Crédits spéciaux, déi Frais d'études déi alt erëm eng Kéier optauchen, well alles dat ass jo och eng Konsequenz wann een op deen dote Wee geet an deem dann erëm eng Kéier Frais d'études muss ufroe fir dat doten ze garantéieren, dass doropper opgepasst gëtt an an deem Sënn wäerte mer wat deen dote Punkt ubelaangt, alles wat an Zukunft budgetiséiert muss gi fir 2015, eis an där heiter Rubrik enthalen."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Zwally. Dann den Här Hansen.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci nach eemol. Ech huelen och ganz kuerz d'Wuert hei dozou. Also ech fannen den Aménagement vun der Brillplaz, vun der Place de la Résistance war eppes ganz wichtige, ass och urbanistesche néideg. Ech hunn och vill Verständnis dofir wann een an enger Planungsphas kuerz muss adaptéieren. Ech mengen dat kenne mer jo all. An ech fannen och elo datt de Lift zum Beispill deen herno bäikomm ass, zimlech néideg war fir eng besser Connectioun tëschent de Gebailechkeeten ze garantéieren.

Ech hunn zum Thema Pavillonen hunn ech och eng schréfflech Fro jo un de Schäfferot gerichtet, déi lech virläit an en attendant meng Äntwert wëllt ech awer nach gäre Folgendes klarifizéiert hunn. Mat deenen zousätzleche Moyenen, ginn dann d'Pavillonen elo schlussendlech fäerdeg gestallt, well et hänkt jo nach ëmmer e Schëld um Brill, dee seet datt se virun, ech weess net wéi laanger Zäit sollte fäerdeg sinn. Jo, also, et ass schonn e bësse méi laang. Wéi laang dauert dat dann nach? A wéi kann dat sinn, datt an de Planunge Verschiddenes vergiess ginn ass? Ech mengen, wann ech also selwer elo d'Renovatioun vu mengem Haus maachen, do sinn awer verschidden Dealer vun de Planungen déi ech warscheinlech, déi ech sécher net vergiess hu well dat leeft esou, wéi kann esou eppes ennerlafen?

An dann ass awer déi aner Fro, wéi sinn dann elo schlussendlech dann d'Gesamtkäschten nëmme fir déi zwee Pavillonen? Well do kënnt, wéi den Här Zwally gesot huet, Frais d'études an alles dat kënnt jo nach dobäi an dann hëlt et jo eng ganz aner Envergere.

An da vläicht och eng Fro déi ee beäntwere kéint, si Compensatioune fir d'Commerçante virgesinn déi do sollte

scho viru laanger Zäit erakommen? Dat kënnt jo dann och nach an deen Total eran déi mer klarifizéiere mussen. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ech hunn dann den Här Weidig nach ageschriwwen an den Här Knaff an dann ass dann ofgeschloss oder wéi?“

Paul Weidig (LSAP): „Zu de Remarquë vu mengem Virriedner dozou hunn ech meng eege Meenung an dozou wäert ech mech elo net äusseren. Ech hu just eng Fro oder eng Verständnisfro zu dem Crédit spécial vun 230.000€ fir den Intérieur vum Pavillon 3. Wat ech net verstinn, et ass jo e Pavillon deen der Gemeng gehéiert an dee mer verlounen. Da kann et awer net sinn, dass d'Charge vum Propriétaire sollt vum Locataire gedroe ginn, wéi dat bei deem anere Pavillon de Fall ass. Also, de deux choses l'une. Ech menge mir kommen net derlaanscht, wa mer esou e Pavillon bauen, dass mer dann d'ganz Arichtung maachen an uschléissend natierlech d'Möbléierung dem Locataire iwwerloossen. Wann an deem anere Pavillon, wéi dat gëschter Owend erkläert ginn ass an der Finanzkommissioun, dass mer do awer d'Innenrichtung dem Locataire iwwerloossen, mä wat geschitt da wann deen no engem Joer säi Loyer kënnegt? Huele mer dann erëm de Carrelage an alles erëm eraus an huelen dee mat heem, oder wat? Also do, dat ass fir mech onverständlech an ech wär frou wann ech do awer eng kloer Interpretatioun géif kréie fir dee Crédit spécial hei kënnen ze votéieren.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Knaff. Här Weidig, kënnt Dir de Mikro ausmaachen?“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, Madame Buergermeeschter. Ma ech hunn e bësse Sympathie fir d'Interventioun vum Här Baum, well hien awer trotz allem Saache seet, well hien awer Saache seet déi richtig sinn. Ech menge wéi mir deemools iwwert déi Plaz diskutéiert hunn, do war an deem Projet dee mer, ech weess elo net méi wéi en, ob en à l'unanimité oder wéi e guttgeheescht ginn ass, mä do kann ech mech net drun erënneren, datt do d'Existence scho vun esou Pavillonen iwwerhaupt virgesi war, datt déi an de Pläng waren, datt déi do gemoolt waren an ech mengen dat wär net esou gewiescht. Mä dat kënne mer jo dann, ech mengen déi Pavillone sinn en cours de route décidéiert ginn an ech weess net ob mir am Gemengerot nach eng Kéier iwwert déi Pavillone geschwat

hunn, en tout cas net an där Form wéi se elo do stinn. Da muss ech soen, da fannen ech, dann an deem Fall fannen ech den Exercice natierlech och e bëssen heikel fir engem en cours de route dann duerno, wann een dat dann décidéiert huet, ouni duerch de Gemengerot ze goen, duerno awer wëll d'Käschte vun deenen Décisiounen ex post dem Gemengerot esou e bëssen ennerjubelen. Wat dann och relativ gutt gemaach ass, étant donné datt ee bei deene Crédits spéciaux fir d'éischt eng déck Zomm huet vun 150, da bréngt een erëm eng kleng Scie électrique dertëscht vu 40, da kënnt een erëm mat engem Aménagement vum Pavillon fir 250, da geet een erëm an d'Wester Strooss wou een dann nach eng Kéier 20 wëll. Dat hätt een dann och kënne vläicht global fir d'Brillplaz soe mir brauchen nach eng hallef Millioun oder mir brauchen eng Millioun. Dat wier dach vläicht méi fair gewiescht.

A priori sinn ech mam Här Baum d'accord wann hie seet, déi do Saach misste mer am Budget beschwätzen, well dat si jo elo awer héich Montanten. Op där anerer Säit sinn ech och mam Här Weidig d'accord, si stinn elo do déi Pavillonen. Mir wëlle se verlounen, da musse mer se och esou maachen datt se hirer Destinatioun gerecht ginn a wa mer se gären als Lieu public verlounen, da muss deen dann och déi Standarden erfëllen déi e muss erfëllen. Dofir mir kënnen elo net méi zrëck, mä mir sinn awer e bëssen hei Är Otage ginn. An ech mengen den Här Baum huet recht wann hien do de Fanger drop leet an datt mer kucken datt an der nächst dat net méi esou geschitt.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Knaff. Ech versichen dann elo mol Opklärung ze gi wéi Dir gesot hutt an deem ganze Kuddelmuddel hei dran, wat mengen ech awer méiglech ass, och wa vläicht hei Leit elo net méi sëtzen oder déi sëtzen déi vir drun an den Diskussiounen net dobäi waren.

Ech fänke mol mat der See un. Also déi See, dat ass e Wunsch, an dat ennerstëtzt de Schäfferot absolut, Dir kennt eis Projete mat Colabor. Dir wësst datt de Fierschter eng ganz Rei Projete mécht. Datt d'Gemeng och eng See brauch fir bestëmmte Profiler ze maachen an esou weider. An do ass de Fierschter un eis erugetruede gewiescht fir ze froe solle mer net eng zesumme kafen? Da spuere mer. An deem hu mir zougestëmmt, well mer nämlech ab direkt scho spueren. Wa mer se kafen, da spuere mer ab direkt an ech mengen dat wier awer eng Erklärung déi ee kéint akzeptéieren. Et ass nämlech

immens vill ewech gefall vun deem wat geseet ginn ass. Et war e groussen – wéi nennt een dat? - e groussen Offall deem net méi konnt benotzt gi fir weder wat d'Hochbeeter betrëfft, nach wat d'Brennholz ugeet an esou weider an dofir hu mer deem och zougestëmmt, well et eigentlech eng Spuermoosnam ass. An dat huet näischt mat der Brillplaz ze dinn.

Sou, den zweete Punkt. Elo komme mer op d'Brillplaz, Place de la Résistance an d'Pavillon. Fir do den Historik nach eng Kéier ze maachen, déi sinn deemools mat geplangt gi gewiescht. Déi waren am Projet dran. Déi waren am Projet dran. Et si Soumissiounen ausgeschriwwen ginn, woubäi jo nëmmen eng ugeholl ginn ass. Fir deem anere Pavillon huet sech kee gemellt. Bei deem enge Pavillon hate mer 2 Leit déi sech gemellt hatten a bei deem anere Pavillon hu mer kee gehat. Et war awer esou, datt bei deem Pavillon wou et dann elo soll nogestëmmt ginn, keng Offer komm ass, mä deem ass de Bordereau siche komm an huet du matgedeelt gehat, datt den Invest ze grouss wier. Déi wéi hie sech dat géif virstellen den Invest wier ze grouss. Mer hunn awer nëmmen deem deemools gehat. An do ass verhandelt ginn an do ass eben deem Devis, déi Proposition komm gewiescht, fir him ze hëllefen, soss hätte mer guer kee gehat a fir déi Saachen hei ze iwwerhuelen. Dir musst awer bedenken, datt mer jo nach mussen e Loyer festleeën. Iwwer dat hu mer jo nach guer net diskutéiert. An do wäerte mer dann am Gemengerot, dee Bail à loyer kënnt jo hei eran, do kommen eréischt Propositionen, dat kënnt an de Gemengerot, an an deem Moment wäert dann och bekannt ginn, respektiv och hei diskutéiert a gestëmmt gi wat d'Héicht vun deem Bail à loyer dann och ugeet. Dat dann zu deenen 230.000€ déi supplémentaire dobäi komm sinn.

Jiddwereen huet seng Meenung iwwert déi Pavillon, ob se gutt sinn oder net. Ech wëll do keng Bemierkung dozou maachen. Si sinn do, se ofzerappen elo wier haarsträubend.

Zum Termin, wéini opgeet. Enn Oktober maache se op. Ech hunn nogefrot gehat nach eng Kéier, si leien an den Delaien. Mir sinn iwwert ee Joer a Verspéidung mat deene Pavillon. De Grond war jo hei scho genannt ginn, datt et mat de Fënsteren ze dinn hat. Och do war d'Problematik, datt op déi Soumissioun fir d'Fënsteren, fir déi Pavillon nëmmen ee sech gemellt hat. Hätte mer deem elo gesot, hei wann s du net viru méchs, siche mer eis en aneren. Mir konnten eis keen anere sichen. Dann hätte mer vu

viru missten ausschreiwen. Fazit vun der ganzer Saach ass awer, datt dee muss natierlech de Retard bezuelen. Dee muss bezuelen an dowéinst konnt déi Firma déi Fassaden ubréngt net éischer ufänken. Déi hätten eis och kënnte verkloen a soen, mir hätten dat sollte virun engem Joer scho maachen. Dat maachen déi awer net, esou datt do elo dat bestätegt ass, datt Enn Oktober da sollen déi zwee Pavillon opgoen. Do gleewen ech méi dru wéi un eng Entscheidung mam Abri-sud.

Betreffend de Montant vum administrative Gebai wat de Parc animalier ugeet. Och do si mer an enger Phas wou geschafft gëtt. Elo kënne mer natierlech soen, mir ënnerbriechen elo virum Wänter. Mir ënnerbriechen a maachen dat eréischt d'nächst Joer. Un lech et ofzestëmmen. Et ass esou, datt esou vill Betrib do uewen ass an esou vill Leit dohinner kommen an och ebe Leit déi am Rollstull sinn, vill Leit vum Nossbiérg déi iwwer-gens och do mat schaffen. Mir hu jo och Leit vum Nossbiérg déi am Parc animalier schaffen. Dowéinst ass dat heiten d'Propos gewiescht dat direkt virzegesinn an dat wäert natierlech sech Repercussioun dann och hunn awer war och am Gesamtkonzept virgesi gewiescht dee vir-läit fir d'Renovatioun oder d'Anstandsetzen, den 3-Joresplang betreffend de Gaalgebierg, de Parc animalier, wou Dir och a kuerzer Zäit wäert e Konzept virgeluecht kréie wéi et mat dem drunhänkende Camping wäert weidergoen.

Hunn ech all Froen elo beäntwert? Wat war nach? Ajo, déi Saach mat der Brillplaz. Do ass et esou, datt déi Plaz méi grouss ginn ass a gesot ginn ass, da maache mer direkt, am Plaz nach eng Kéier opzerappen, gëtt d'Plaz weider gemaach bis bei dat ehemolegt Geriicht, de Musée de la Résistance an d'Brillplaz. Den Här Schäffen Hinterscheid kann och eppes dozou soen. Hie war och mat an deene Projekte mat dran. Si ass méi grouss ginn a fir net 27x do e Chantier unzefänken, ass gesot ginn, da maache mer dat weider. Datt ech awer elo keng technesch Dommheete soen, ginn ech dem Här Hinterscheid direkt d'Wuert. Här Hinterscheid."

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci, eigentlech ass dat do, déi 570.000€ ass e bëssen, wéi soll een et soen, en Devis poubelle, well déi Plaz war ursprénglech confinéiert op d'Plaz. Op d'Plaz als solch an dat war de Projet an dat war den Devis. Och fir et ze präzisieren, déi zwee Pavillon déi ware vun Ufank un dran an déi hunn am Fong delimitéiert wat de Perimeter vum Projet

war, well si hu sech ausgeriicht op där enger Säit un der Kant vun der Justice de Paix, op där anerer Säit un där anerer Kant a si hunn am Fong d'geometresch Kontinuitéit zur Brillstrooss an zur Brillschoul, an op där anerer Säit zur verlängerten Brillstrooss gemaach. Si waren dran, si ware just net esou grouss.

Progressiv, wéi d'Madame Buergermeeschtesch et gesot huet, ass gesot ginn, mä wa mer awer elo hei schaffen, da komm mer maache wéinstens déi Kräizung uewe mat, mer maachen d'Uelzechtstrooss mat, mer gi bis un d'Front an der Pasteur Strooss vun deenen Haiser, fir dass mer do d'Terrassensituatiounen kréien déi anstänneg sinn a mir ginn och vir bis un d'Fronten. An dat sinn déi Quadratmeter déi einfach bäikomm sinn. Et ass een och, muss een awer och soen, dee Moment dovunner ausgaangen, dass et mat de Krediter géing duergoen no deenen éische Soumissiounen. An Dir gesitt eigentlech hei, dass déi Dallen 165.000€ duerstelle fir déi 2.000 m² weider an och all déi aner Saachen déi drunhänken.

Eppes anescht wat dobäi komm ass, kann een driwwer diskutieren, gehéiert dat elo zur Brillplaz oder net? Hätt dat missten e separate Kredit sinn? Dat ass de Reseau de chauffage urbain dee jo d'Verdeelung do mécht. Do hu mer och, ass am Ufank dovunner ausgaange ginn, dass deem existenten nach gutt wär. Dee war dat awer net méi an do ass dee remplacéiert ginn. An Dir gesitt, wann Dir do alles, wat alles dorunner hänkt a vun dohier sinn dat Aarbechten a Situatiounen déi sech progressiv am Laf vum Chantier erginn hunn. A wéi d'Madame Buergermeeschtesch gesot huet, fir herno net erëm eng Kéier missten opzerappe fir dann eng Plaz déi awer fäerdeg ass, ass dat gemaach ginn. An ech muss och soen, meeschtens ass dovun ausgaange ginn, dass d'Krediter auskëmmlech wäeren. Wa mer elo soen, dat vum Gas, dat gëtt jo finanziert eigentlech vun engem Kredit, vun enger Economie op der Brill-Schoul, mä et steet an der Brill-Schoul. Et ass vun der Brill-Schoul aus fortgaangen. Dat mol zu den Explikatiounen vun der Plaz selwer.

Ech wëll awer och präzisieren, dass de Lift an de Passage an den Theater näischt domat ze dinn huet, well dat war e separaten Devis an e separate Kredit deem hei gestëmmt ginn ass. An ech ka mech erënneren op Grond vun heroeschen Diskussiounen déi virdu waren, wou et vun engem Panorama-Lift Stil New York bis zu engem einfache funktionellen Transfert vum Parking – d'Kollege grinsen do hannen, déi hunn et matkritt – vun

engem einfach funktionelle Passage um Souterrain eropgaange mat engem 'Entkernen' vun der Cage d'escalier, wou dann och d'Sécherheetsproblematik ugaangen ass. Mä dat war e separate Kredit an deen ass och beim Theater nogschoss ginn."

Marc Baum (Déi Lénk): „Ech hunn eng Fro. De Gemengesekretär faisant fonction: Ass et iwwerhaupt méiglech fir d'Budgetsartikele vun engem Joer wat kennt, wou d'Autorité supérieure guer net weess wéi et finanzéiert ass, elo ze votéieren, ouni de Gesamtbudget a wéi e finanzéiert ass, ze gesinn? An ech mengen datt dat net legal méiglech ass. Dat heescht, datt all déi Voten déi mer huele wou dobäi steet, sera inscrit au budget de l'exercice 2015, esou net kënne geholl ginn, well net gewosst ass, wéi se géigefinanzéiert sinn a well de Gesamtbudget net virläit. An duerfir mengen ech, datt mer iwwerhaupt net capabel sinn hei e Vote doriwwer ze huelen. Iwwert déi wat den Exercice 2015 ugeet. Net dee vun 2014, mä déi vun 2015, vum nächste Joer.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ech mengen datt een en Devis ka stëmmen, awer et eréischt ageschriwwen ka gi fir de Budget, Här Gemengesekretär. Sous réserve datt de Budget gestëmmt gëtt, jo. En Devis wier méiglech, mengen ech, Här Gemengesekretär?“

Mir ginn elo duerchernee mat de Mikroen. Den Här Hinterscheid.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Also ech mengen et ass ganz kloer, dass en Devis ka gestëmmt ginn an eigentlech muss gestëmmt ginn. Mä deen Devis hypothekéiert net forcément de Budget. Dat ass sous réserve. Wat hei stéiert ass eigentlech, dass esou wéi et formuléiert ass, dass dat ausgesäit wéi wann et schonn eng Décisioun fir de Budget 2015 wär. Mä mir kënnen en Devis hei stëmmen. Ech wëll drun erënneren, dass mer den Devis vum Kollektier hei gestëmmt hunn, deen awer vill méi Budgetexercicer wéi deen nächste mat hypothekéiert. Et wär d'Logik vum Décisiounsprozess, dass mer fir d'éischt den Devis stëmmen. A wa Konsens iwwert den Devis besteet, dass een dann ufänkt d'Inscriptiounen an d'Budgeten ze maachen. Et wär eigentlech d'Logik, mä wann elo dat do net am Budget zrëckbehale gëtt, dann ass den Devis näischt wäert. Da gëtt en an d'Poubelle gehäit. Ech mengen dass den Devis ka gestëmmt ginn, mä dass dee Saz einfach dran ass, dass en domat auto-

matesch de Budget hypothekéiert. Ech mengen, dat ass net legal, do hutt Dir Recht.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ok. Dat heescht mir kommen dann zu den Ofstëmmungen, géif ech jo da soen, wou mer eenzel ofstëmmen wäerten. All Devis eenzel. Här Baum, Dir dierft haut bal alles.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Dorop kommen ech dann nach zrëck wann ech bal alles dierft haut. Ech mengen et sinn 3 Gruppen. Deen éischte Grupp ass deen, déi 3 Devisen déi d'Brillplaz ugeet. Deen zweete Grupp, all déi Devisen déi 2015 uginn an deen drëtten déi déi 2014 uginn. Vläch kënne mer se esou vuneen trennen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Här Gemengesekretär, Dir hutt d'Wuert. Här Gemengesekretär, präziséiert.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le crédit spécial de 42.000 € pour l'acquisition d'une scie mobile, le crédit spécial de 30.000 € pour l'équipement informatique à l'Hôtel de Ville, le devis supplémentaire de 30.000 € pour l'équipement informatique à l'Hôtel de Ville, le devis supplémentaire de 14.500 € pour faire effectuer l'installation d'un point d'accès Wifi dans la rue Jos Wester ainsi que le devis supplémentaire de 40.000 € pour faire effectuer le renouvellement de l'éclairage public dans la rue Jos Wester.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 9 voix oui et 8 abstentions le crédit spé-

cial de 230.000 € pour faire effectuer les travaux d'aménagement intérieur du pavillon 3 à la place de la Résistance, le devis supplémentaire de 230.000 € pour faire effectuer les travaux d'aménagement intérieur du pavillon 3 à la place de la Résistance, le crédit spécial de 120.000 € pour les frais d'études de la place de la Résistance, le crédit spécial de 230.000 € concernant les travaux de réaménagement de la Place de la Résistance, le devis supplémentaire de 570.000 € pour faire effectuer les travaux de réaménagement de la Place de la Résistance.

Voix pour (9): Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Martin Kox – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Abstentions (8): M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Annette Hildgen – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. André Zwally

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve par 10 voix oui et 7 abstentions le devis supplémentaire de 110.000 € pour faire effectuer les travaux d'aménagement dans la rue des Remparts no. 35 à Esch/Alzette, le devis supplémentaire de 175.000 € pour faire effectuer les travaux d'aménagement dans la rue des Remparts no. 33 à Esch/Alzette et le devis supplémentaire de 66.000 € pour faire effectuer l'extension du bâtiment administratif dans le parc animalier à Esch/Alzette.

Voix pour (10): Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig

Abstentions (7): M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Annette Hildgen – M. Théid Johanns – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – M. André Zwally

7. Règlements de circulation définitifs; décision

18. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Mir kommen dann zum nächste Punkt, der Circulation. Punkt 7, Här Hinterscheid, Dir hut d'Wuert.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hat jo an där leschter Sitzung wou mer zesumme waren, hate mer déi definitiv Reglementer déi do virloungen erëm vum Ordre du jour erfogeholl, well se einfach net esou préparéiert ware wéi se sollten. Mir hunn der elo eigentlech dräi. Dat éischt ass d'Kanalstrooss als Ganzt, dat sinn awer méi eenzel Reglementer well all eenzel Kräizung jo säin eegent Reglement brauch. D'Kanalstrooss soll ganz als riets Virfaart ausgeluecht ginn, well mer gi regelméisseg domat konfrontéiert, dass an der Kanalstrooss momenterweis ze schnell gefuer gëtt. Also wa mer dann d'Kanalstrooss, och wann et haut nach eng Tempo 50 Strooss ass, kënne mer se awer als riets Virfaart maachen, well dat léist eise Code de la route zou, an automatesch bremst riets Virfaart d'Vitesse an der Kanalstrooss, wat och eng vill fréquentéiert Strooss ass, wou och vill Schüler a jonk Leit driwwer ginn. An dat ass dee ganze Pak Reglementer deen Dir do virleien hut deen dann d'rue des Argentins betrëfft, d'rue du Brill, dann d'rue des Champs, d'rue des Charbons, d'rue Dicks, also iwwerall wou d'Virfaartsschëlde ewechgeholl ginn, céder la priorité ewechgeholl ginn, d'Curé Jacques Kayser, a last but not least d'rue de la Libération. Dat sinn all déi eenzel Reglementer an Dir gesitt dat och, wéi ech lech versprach hat an engem leschte Gemengerot, op enger Partie graphique wou dat sech ofspillt. Also déi Virfaartsschëlde ginn op all deene Stroossen ewechgeholl an um Buedem gëtt e Marquage gemaach „Priorité à droite“. A mir wäerten och vir an der Entrée bei der Place de la Synagoge wou den Embranchement Kanalstrooss, rue du Fossé ass och e groust Schëld maache wou mer drop hiweisen, dass Priorité à droite ass. An dann hoffe mer dass domat d'Vitesse erfogesat gëtt a mir sinn de Moment amgang mat den zoustännege Servicer am Transportministère ze schwätzen, dass och d'Kanalstrooss zu enger Tempo, regelrechter Tempo 30 Strooss zrëckklasséiert gëtt. Mä do brauche mer de Preavis. Dat do ass elo en éischte Schrëtt an

déi do Richtung fir och méi Verkéierssicherheit ze kréien.

Dat zweet Reglement wat Dir virleien hut, dat ass an der rue Arthur Useldinger, wou duerch déi Promotioun déi do war, an duerch déi Aarbechte wou do gemaach gi sinn, hanne Parkplaze bäikomm sinn, déi mer als Parkplazen ausweisen, dat sinn der elo méi wéi der virdrun do waren a mer och deen Deel vun der rue Arthur Useldinger als Tempo 30 Zone qualifizéieren an domat och déi ganz Situatioun kloer maache wou mer méi Parkplazen dann hunn, déi natierlech, och well de Quartier ënnert dem Regime vum Residentiel och herno wa mer do de Residentiel do déployéieren, natierlech och ënnert de Residentiel falen. Wat mer och gemaach hunn, dass mer do eis Camionnette-Reglement och op där Plaz spille loosse, dass do net en Dépôt sauvage vun de Camionnetten entsteet.

Dat lescht wat mer dann nach hei virleien hunn, dat ass an der Pasteurostrooss, iwwer d'Brillplaz iwwert déi mer elo just riets haten, déi jo verlängert ginn ass bis un d'Fassaden, dass mer deen Deel vun der Pasteurostrooss, dee vun der Sortie vum Parking un ass, also vum Supermarché u bis op den Eck vun der Brillstrooss, dass mer deen als Zone piétonne maachen, well dat gëtt kee Sënn wa mer de Leit d'Méiglechkeet ginn Terrassen ze maachen a gläichzäiteg normal Trafic duerchgoe loosse, an dass mer dat vir an hannen ofpolleren. Dat musse mer dann awer natierlech reglementéieren, mä dat gëtt déi selwecht Reglementatioun wéi an der Zone piétonne Uelzechtstrooss. Just mir maachen owes e bësse méi kuerz. Mer maachen nëmmen eng Stonn, fir einfach d'Cohabitation Wunnen an Terrassen an all déi Aktivitéiten déi awer op der Plaz stattfannen, fir dat awer besser kënne mateneen ze verbannen. A mir sinn och amgang eis ze iwwerleeën, dat och generell an der Brillstrooss ze maachen, och do owes eng Stonn manner laang Accès ze maache fir einfach d'Cohabitation Commerce mat der Funktioun Wunnen ze verbessern.

Dat sinn déi dräi definitiv Reglementer déi Dir virleien hut. Ech kann lech soen, dass an der Pipeline och aner Reglementer nach sinn déi mer dann och hei wäerte presentéieren. Notamment eng éischt Zone de rencontre wou mer der elo e puer amgange sinn ze maachen. Net dat wat Dir mengt, Här Codello. Dat ass an der Edison Strooss, do déi mer ganz ëmbauen an zrëckbauen als Shared Space. Dat zweet ass dann hei dee ganzen Deel Faubourg, Origer Strooss an

alles do hannendrun, do hu mer jo och scho Krediter virgesinn, dass mer deen och als Shared space, als Zone de rencontre maachen. An ech menge mer sinn de Moment amgang ze ënnersichen inwiewäit dass mer d'Reichling Strooss zu Lalleng, déi jo och e Cul-de-sac ass a wou nëmmen den Accès an de Lycée ass fir d'Leit, dass mer déi och esou maachen. Dat wäerte mer dann natierlech och hei bréngen, well dat gëtt eng nei Dimension. Mir hu jo scho Spillstroossen an der Léon Weirich Strooss, mä regelrecht Shared Space hu mer nach keng. Mer mussen eis allerdéngs do déi néideg Zäit loosse fir déi Viraarbechten ze maachen. Wann Dir mat d'accord sidd, haten awer um Ordre du jour nëmmen d'Réglements définitifs ënnert dësem Punkt stoen. Ech wär frou wann Dir och déi provisoersch géingt an engems matstëmmen. Da kënne mer eis dee Punkt hanne spueren.“

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Här Hinterscheid. Den Här Mischo.“

Georges Mischo (CSV): „Merci, Här Schäffen. Ech wollt just eng aner Situatioun uschwätzen déi am Moment onméiglech an och geféierlech ass. Et huet elo näischt mat deenen heiten Situatiounen ze dinn, mä do gëtt et eng Situatioun wou onbedéngt Reglementer mussen hir. Et ass an der Cité Jos Brebsom, wou ech mer gëschter Moie selwer d'Saach ugekuckt hunn. Do gëtt e wëld Parke vun enger Firma aus der Bieleser Strooss, respektiv vun der Crèche wou Elteren hir Kanner of- an alueden. D'Awunner vun der Cité Jos Brebsom sinn immens generft an do entstinn och immens geféierlech Situatiounen, well net nëmmen dass et moies elo schonn zimlech däischter ass, mä do stinn d'Autoe riets a lénks op den Trëttoiren. D'Kanner déi an d'Schoul ginn, déi mussen do en Hindernislaaf maachen, op d'Strooss, erëm op den Trëttoir, erëm op d'Strooss, erëm op den Trëttoir. Och Leit mat Kutschen, déi do ronderëm fuere si permanent a Gefor, wann do Circulation an där Strooss ass. Leit, déi erausfuere fir op d'Schaff si blockéiert duerch Camionnetten oder Autoen. Déi Situatioun ass einfach net méi tragbar. Do misst onbedéngt e Reglement hir, well et eben nach bis elo keng Zone résidentielle ass. Déi Trëttoire sinn awer net nëmmen zougeparkt, mä déi sinn och esou zougeparkt, dass verschidde Leit net aus hire Garagen erauskommen. Och Plaze wou am Fong geholl soll virgesi si fir kënne ze dréinen, sinn esou zougeparkt, dass

do permanent en hin an hir ass, wou guer näischt méi no vir an hanne geet. Merci.“

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Här Mischo. Här Hinterscheid oder Här Weidig, pardon.“

Paul Weidig (LSAP): „Jo, ech wollt elo uschléissend zu deem wat den Här Mischo gesot huet, drop hiweisen, dass déi Situatioun wéi se elo beschriwwen ass, d'Gefor ganz grouss ass, dass an de Shared Spaces dat stattfénnt. Dass do la loi la plus fort, d'Autoen egal wouhinner fueren, d'Frae mat de Kutschen net méi laanscht kommen, an ech hunn dat och schonn op anere Plaze gesot, dass dee Shared Space muss trotzdem Raim schafe wou Kanner a virun allem och Frae mat Kutschen oder eeler Leit kënne sécher goen. Schlëmmste Fall ofgepollert ass, mä wann ee seet, ok a wann ee sech verléisst op de Raisonnement vun den Autofuerer, a scho guer net wann d'Autofuerer zu gläicher Zäit Kanner ofliwweren. Mer wëssen dat jo vun de Schoulen, dann hale se egal wou. A wann dat maten op der Autobunn ass fir d'Kand erauszeloossen. Bon, dat elo just a Klammeren, wa mer déi Shared Space eng Kéier heihinner kréien. Also ech hunn do wierklech meng Bedenken.

Ech wollt awer och hei eppes Positives soen an zwar fannen ech dat gutt, mir hunn och eng Kéier an der Verkéierskommissioun driwwer geschwat, dass d'Kanalstrooss riets Virfaart kritt. Dat heescht, d'Geschwindigkeit muss erofgesat ginn a manner Geschwindigkeit bedeit manner Kaméidi, bedeit méi Sécherheet an dat heescht och méi eng grouss Liewensqualität vun deene Leit déi do wunnen an duerfir fannen ech dat ganz an der Rei. Merci.“

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Här Weidig. Här Hinterscheid.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci fir déi Beiträg. Och déi Suggestioun do an der Cité Brebsom. Ech huelen dat do elo mat. Wat mer op jidde Fall kënne maachen, onofhängeg vum Parking résidentiel. De Parking résidentiel regelt jo nëmmen d'Taxatioun an d'Verweildauer, mä de Code de la route seet haut schonn onofhängeg vum Parking résidentiel, dass et verbueden ass op Tréttoiren ze parken, dass et verbueden ass a Wendehammeren ze parken. Ech schécken eis Agenten dann elo mol eng Kéier laanscht, well déi kënne och do verbaliséieren an dat hëlleft da meeschtens. Mir hunn där Situatiounen nach hei. Mir hunn där Situatiounen nach,

wou da sech einfach wëll geparkt gëtt, well d'Meenung besteet, et ass jo kee Residentiel. Oder owes, wann d'Agenten net méi do sinn, mä leider féieren heiansdo, well mir hunn eng Equipe déi bis 22.00 aktiv ass, genau fir esou Situatiounen. Ech schécke se laanscht a mer kucken ob d'Beschëlderung korrekt ass an da meeschtens geet et duer wa se 2 Deeg verbaliséieren, dann ass et erëm fir 3 Méint gutt.

Dann zum Shared Space. Shared space ass en Èmdenken am Kapp. Do ass net la loi du plus fort, also op jidde Fall ass jo jiddweree gläichberechtigt an de Shared Space fonctionnéiert awer op ganz vill Plazen. Ënner anerem hei ganz no bäi zu Metz, fiert een aus de Parkingen eraus an esou, do ass d'Shared Space. Mä et weess een als Automobilist, dass een ëmmer, ech géing mol soe wann een een ustéisst, op Escher gesot „d'Aarschkaart“ huet, well et dierf een einfach keen ustoussen an et muss een oppassen do a vun dohier wäert dat och hei zu Esch fonctionnéieren. Also ech menge wann et an de mediterane Länner fonctionnéiert, wäert et jo och alt hei zu Esch fonctionnéieren.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hinterscheid. Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation définitifs.

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation routière.

8. Personnel:

a) Questions de Personnel; décision

b) Indemnisation des sapeurs-pompier chargés de la permanence d'incendie pendant l'exercice 2013; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Mir kommen dann zum Personal. Här Codello.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Merci. Mir hu verschidde Froen an der Séance publique. Dat geet un an dem Service Canalisation, do créiere mer e Posten an der Carrière vum Chauffeur. Mir hunn duerch en neie Quartier deen am Développement ass an dee sech jo och d'Deputéierte sech gëschter ukucke komm sinn, natierlech eng Augmentatioun vun eisem Reseau wat Belval ubelaangt an dofir musse mer dann och natierlech déi noutwendeg Konsequenzen dorausser zéien. An an der Kanalisatioun ass et esou, datt mer eis op däitsch Norme baséiert hunn an do gesinn hunn, datt eise Reseau vergréisert ginn ass, mä hannendrun awer d'Personal net suivéiert ass an et kann och net méi sinn, datt da verschidde Leit an deem Service do heiansdo 17 Stonnen um Stéck musse schaffen. Dat ass fir hir eege Sécherheet net gutt an och net gutt fir d'Sécherheet vun deenen aneren an duerfir proposéiere mer hei e Chauffeurs-Posten ze créiere fir dann eng sechsten Equipe am Kanal kënne do unzuféieren.

Dat selwecht an der Kanalisatioun proposéiere mer och de Posten an der Carrière vum Expéditionnaire technique. Dat sinn alles Konklusiounen aus enger Sitzung, aus enger interner Sitzung déi mam Ressortschäffen a mat de Servicer gekuckt gi sinn. Deen Expéditionnaire technique dee remplacéiert e Salarié deen an d'Pensioun gaangen ass.

(Tëscheruff)

En Drëttel war do, jo. Ah, mol net, pardon. Asou. Dann hunn ech elo grouss gesinn, pardon. Mä kommt mir kommen zu eiser Kanalisatioun. Dat ass méi wichteg mengen ech, datt mer dat regléieren. Nee, pardon, den Här Baum huet jo fir seng lescht Sitzung zu alles eng Fro. Dat bei Kanalisatioun, Här Baum.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Här Baum, Dir hutt d'Wuert. Den Här Baum huet d'Wuert.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Ech wëllt dem Här Personalschäffen dann och nach eng Kéier an der éffentlecher Sitzung un

dat Wuert erënnere wat hien an der Personalkommissioun ginn huet, nämlech wann an de Séances publiques do steet, datt sech Kreatioun vu Posten op Rapporten, intern Rapporte bezéien, datt d'Gemengeréit déi intern Rapporte och kënne kréien, well et geet jo natierlech dann dorëms fir ze wëssen, och am Sënn vum Organigramm a vun der Réforme administrative, wou et wierklech Besoine ginn an ech denken, datt dat Wuert wat hien an der Personalkommissioun ginn huet, quitt datt dat dann anonymiséiert ass an datt et do natierlech net ëm individuell Leit geet – well dorëms geet et jo och net wa Poste créiert ginn, et geet net ëm individuell Leit – mä datt déi Rapporten, déi analytesch Rapporten dovunner wou mer nach Leit brauchen, dann och de Gemengeréit virleien. Ech soen lech Merci.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Majo, also zum Schluss sinn ech e bëssen op Är Meenung komm, am Ufank net. Hei geet et an deene Rapporten ëm wéi gesot intern Sitzungen tëschent dem Personalschäfte mat de Ressortschäffen a mat de Servicer an ech hat schonn an der Personalkommissioun gesot, datt ech déi Rapporten do esou net publizéieren, well do sinn eis Beamten déi do Stellung huelen, an déi kënne sech net hei virum Conseil an net virum enger Kommissioun verdeedegen, mä d'Madame De Almeida huet an där Séance vum leschten Dënschden och do gesot, si wäert elo e Modell vu Rapport de synthèse maachen an déi leien dann, net nëmme dem Gemengerot, déi leien och schonn der Personalkommissioun vir, mat de Konklusiounen. Dat war fir haut net méi méiglech, Här Baum. Mä gleef mer, mat där Argumentatioun wou ech lech awer elo hei ginn hunn, d'Augmentatioun vun eisem Reseau, an all Reseau ass an d'Luucht gaangen, ech schwätzen hei net nëmme vun der Kanalisatioun, brauche mer onbedéngt déi sechsten Equipe. Dofir bieden ech dann och Är Zoustëmmung ze deenen zwee Posten.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Déi kritt Dir.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette

Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les créations de postes au service de la canalisation.

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Mir kommen an de Service Nettoyage. Och do brauche mer Leit. Do ass de Rapport vum Architecte Directeur deen eis do eng Oplëschung gemaach huet, datt 7 Poste fräi sinn. Dir gesitt och wou déi affektéiert ginn. Annexe Léon Jouhau, Ecole rue de Luxembourg, Ecole Brill II an an d'Casa d'Italia. Ech bieden lech och dann der Kreatioun vun deene Posten zoustëmmen, mä ech gesi schonn am Gesiicht vum Här Baum, datt hien eng Fro huet.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Baum huet d'Wuert.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Ech wéilt den Här Personalschäffen dann och hei un eng Diskussioun erënnere déi mer virun 3, 4 Méint gefouert hunn iwwer de Gender an der Gemeng a wou eng vun deene Konklusiounen, oder eng vun deenen Ideeën déi ëmmer erëm stimuliert gi sinn, déi war fir datt een och d'Affektatioun vun deene 36/40tel eng Kéier sollt iwwerpräiwen. Natierlech ënnerstëtze mer déi Kreatioun vu 7 Posten, en attendant datt mer dann och doriwwer an Zukunft wäerte vum Personalschäffen en detailléierte Rapport kréien.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Ab nächste Méinden, 11 Auer, huet de Personalschäfte mat sämtlech concernéierte Parteien, well de Sozialdialog hei grouss geschriwwen gëtt, déi noutwendeg Sitzung fir de Service Nettoyage grondleeënd enger Analys ze ënnerzéien, a mir wäerte mat Konklusiounen kommen déi am Interêt vum Personal sinn an am Interêt vum Employeur.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Dir gesitt, Här Baum, mir sinn lech e Schrëtt viraus. Au vote.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Oho, Madame Buergermeeschter, esou offensiv wollt ech elo net sinn, mä well Dir et sidd, dann ass et gutt.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la création de poste au service nettoyage.

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Dann hu mer jo d'éinescht eng Persoun an d'Pensioun gestëmmt, wou ee jo bal ëmmer mengt keen ass ze remplacéieren, mä d'Aarbecht geet awer weider a mir müssen am Service des Sports do eng Persoun remplacéieren. An Dir gesitt, datt mer do eng Création de poste an der Carrière vum Employé communal proposéieren. Entweder Carrière C oder D. Dat ass och mam Ressortschäffen a mat der zoustänneger Delegatioun esou diskutéiert ginn, dass mer grouss ausschreiwen, well mer vläicht awer d'Hoffnung hunn, wa mer dat doten ausschreiwen, datt mer vläicht en erfuerene Carrière C aus enger Gemeng oder aus engem Ministère vläicht kréien, dee sech fir d'Sportspolitik interesséiert, mä mir loosse eis do déi Dier op a kucke wat elo mol alles erakënn, mä géingen lech awer proposéieren där doter Création de poste och zoustëmmen. An Dir hutt de Profil och gesi wat déi Persoun alles muss maachen. Dir wësst, Esch ass eng Sportsstad a mir brauchen en dynamesche Sportsservice, fir datt mer do kënne mat all eise Projeten déi mer ugefaangen hunn, och kënne weiterfueren.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Här Baum, braucht Dir d'Wuert? Dann au vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la création de poste au service des sports.

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Merci. Da komme mer an de Conservatoire. An dem Regime vum Salarié do gi verschidde Contraten an d'Luucht gesat. Dat ass bei der Madame Conter vun 10 op 12. Beim Här De Bouw vun 20 op 22. Bei der Madame Quintus vun 21 op 22. Beim Här Schlim och vun 21 op 22 a beim Här Weimerskirch vun 20 op 22. Dëst och op eng Argumentatioun hir vum Conservatoires Direkter wat och zukünftig, Här Baum, net tel quel de Memberen zur Verfügung gestallt gëtt, dee Bréif, mä wou awer och d'Argumentatioun synthetesch de Membere vun der Kommissioun an dem Gemengerot virgeleucht ginn. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Ech bedauere bal, Här Baum, dass des Sitzung bal en Enn kritt.“

*Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Taina Bofferd-
ding – M. Daniel Codello – Mme Astrid
Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette
Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M.
Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff
– M. Frunnes Maroldt – M. Georges
Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean
Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard
Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à
l'unanimité la nouvelle fixation de
nombres d'heures au Conservatoire.*

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Dann hu mer 2 Primmen. Dir wësst datt all Responsabel vun enger Crèche oder vun enger Maison Relais eng Prime de responsabilité vun 30 Punkte monatlech kritt. Esou soll dat och fir d'Madame Manon Block sinn déi responsabel iwwert eis Personalcrèche ass. Déi stëmme mer dann och haut an och den Här Frédéric Schweich. Hien ass Artisan-Salarié, deen ass affektéiert bei eisem Service Incendie et Sauvetage. Dat ass eng Prime d'as-treinte fixe vun 22 Punkte monatlech.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Au vote.“

*Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Taina Bofferd-
ding – M. Daniel Codello – Mme Astrid
Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette
Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M.
Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff
– M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt
– M. Georges Mischo – Mme Vera
Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul
Weidig – M. Everard Wohlfarth – M.
André Zwally
Le Conseil Communal approuve à
l'unanimité l'allocation de primes.*

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Dann hu mer eng lescht Saach. Eng Konventioun déi awer och beweist wéi solidarisch d'Gemenge kënnen heiansdo matenee sinn, zemoos d'Südgemengen. D'Stad Rëmeleng huet e Fonctionnaires Posten ausgeschriwwé gehat, Ingénieur. An Dir wësst jo datt déi da mussen eng gewësse Formatioun um INAP maachen a si hunn eis gefrot ob mir net kéinten asprangen andeems mir een hinnen zur Verfügung stellen, natierlech contre rémunération, dir gesitt dat an der Konventioun, bis Silvester, also bis den 31.12. Et ass elo esou, datt mir eng Person hunn, déi sech primordialement ëm d'Entwécklung vun den Nonnewise gekëmmert huet. Hire Beräich am Moment elo do net esou urgent ass, sou datt déi kann der Stad Rëmeleng do zur Verfügung gestallt ginn. An ech wëll an deem Kontext awer och hiweisen, datt mer do als Schäfferot direkt jo gesot hunn. Well mir waren och eng Kéier an enger Situatioun, deen een oder aneren hei erënnert sech dru wéi eise Recevreur krankheitshalwer net méi konnt hei sinn. Do war et och d'Stad Rëmeleng déi hire Recevreur eis zur Verfügung gestallt huet. Also d'Solidaritéit spillt an zwou Richtungen an ech bieden lech dann och där Konventioun hei zoustëmmen. An ech soen dann dem Här Baum awer Merci fir déi ganz positiv Bemierkungen déi hien ëmmer zur Personalpolitik hei gemaach huet.“

*Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Taina Bofferd-
ding – M. Daniel Codello – Mme Astrid
Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette
Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M.
Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff
– M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt
– M. Georges Mischo – Mme Vera
Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul
Weidig – M. Everard Wohlfarth – M.
André Zwally*

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch et la Ville de Rumelange.

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci. Mir kommen dann zum Enseignement. De Schoulschäffen, den Här Tonnar huet d'Wuert. Entschëllegt mech, wann ech gelift. Mir hunn nach d'Indemnitéit vun de Pompjeeë wéinst de Permanencë fir den Exercice 2013. Dir gesitt datt et eng Gesamtdépense vu 16.718,05€ ass fir den Exercice 2013. An ech bieden lech deem zoustëmmen. Den Här Baum.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Ah, Madame Spautz, elo kommen ech op Äre Schrëtt zrëck deen Dir viraus sidd well ech mengen datt Dir deen an dësem Fall net viraus sidd, mä e bëssen hannendran. An zwar gëtt et déi éischt Demande vum Service vum 4. Februar fir deen dote Montant rembourséiert ze kréien. Déi och positiv aviséiert ginn ass vum Personalschäffen, net vum Personalschäffen, mä vum Chef de Service vum Personal, den 11.02. a mer sinn elo den 3.10. Dat heescht 8 Méint duerno. Dat heescht ech mengen an dësem Fall kéint ee soen, datt de Schrëtt e bëssen hannendran ass an datt een dat och an Zukunft vläicht verbessere kéint.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Här Baum, wou Dir Recht hutt, hutt Dir Recht. Ech kann deem nëmmen zoustëmmen. Au vote.“

*Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Taina Bofferd-
ding – M. Daniel Codello – Mme Astrid
Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette
Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M.
Théid Johanns – M. Martin Kox – M.
Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo
– Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar
– M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'indemnisation des sapeurs-pompiers chargés de la permanence pendant l'exercice 2013.*

9. Enseignement: désignation du Président de l'École Bruch; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer elo zum Punkt Enseignement. Den Här Tonnar.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Jo, Merci. Hei ass eng Nouveautéit. Dir wësst dass mam neie Schoulesgesetz vun 2009 an all Entitéit e Président d'école an e Comité d'école ass. Bis elo huet ëmmer déi Equipe sech selwer gewielt a forméiert. Am Gesetz steet, wa kee Kandidat ass, dass de Gemengerot dann een nennt. Et ass esou, dass den Här Lucas an d'Pensioun gaangen ass, elo am Hierscht. Ech wollt him nach eng Kéier Merci soen – hie war Président d'école vum Bruch déi ganz Zäit – fir säin Engagement. Et ass kee brevetéierten Enseignant dee Kandidat war. Duerfir muss een designéiert ginn. Et ass awer elo net dass mer mat der Lotterie gespillt hunn an ee gezunn hunn. Déi inoffiziell Kandidatin ass d'Madame Patricia Terreri. Si ass Chargée de cours, mä si ass Kandidat fir dat ze maachen. Si wollt dat maachen, awer vu dass se net brevetéiert ass, muss dat da vum Gemengerot décidéiert gi wien da Kandidat ass a wie soll gewielt ginn.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter, Här Schoulschäffen. Elo gesi mer hei datt dat e Chargé de cours ass. Eng Chargée de cours. Ass dat net e bësse geféierlech wann déi do soll Présidente d'école si vun all deene Brevetéierten? Well mir wëssen aus Erfahrung, datt do heiansdo Differenze sinn an e Président d'école dee muss heiansdo Décisiounen huelen déi guer net esou einfach sinn. Mir hoffen datt déi Damm do sech kann duerchsetzen.“

An dat zweet ass, mir fannen et traureg datt kee Brevetéierte sech gemellt huet fir dat ze maachen, well et ass zwar e bëssen eng ondankbar Affaire, dat wësse mer alleguerten, mä ech mengen Zivilcourage ass hei net vill bewise ginn. Dat ass eis Meenung. Merci.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Also, dass déi Madame et fäerdeg bréngt, sinn ech iwverzeegt. Déi ass schonn eng ganz Partie Joeren um Bruch. Déi kennt och de Betrib an ech menge wa se géif fäerte si géif et net fäerdeg bréngen, wier se net Kandidat. Et ass esou, dass mer hei am Gemengerot iergendeen, mer kënnen lech proposéieren, Madame Hildgen oder den Här Baum oder mech. Ech mengen, da wieren d'Leit manner frou. Et ass just, dass de Gemengerot hei muss décidéiere well se eben net brevetéiert ass mä Chargée. Dir gesitt jo och, dass et pour une durée d'une année ass. Et ass net elo fir de ganze Mandat an dat muss dann, wann et gutt klappt, d'nächst Joer hei eng Widderhuelung kréien. Ech

mengen déi Madame ass Kandidat, ass scho laang an der Bruch Schoul a mer sollen hir eng Chance ginn.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal procède par vote secret et décide par 12 voix oui, 1 voix non et 3 bulletins blancs de désigner Madame Patricia Terreri comme responsable de l'Ecole Bruch du 15 septembre 2014 au 14 septembre 2015.

10. Syndicat intercommunal SIGI: Adhésion de la commune de Walferdange; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ech géif dann direkt mam Punkt 10 weiderfueren. Et läit eng Demande vir vum SIGI fir datt d'Gemeng Walfer an hire Syndikat erakënn, dat muss duerch d'Gemengeréit goen an ech géif lech bieten deem zouzestëmmen, esoual eise Gemengesekretär eis d'Wahlkëscht ginn huet. Merci. Entschëllegt, den Här Hinterscheid als Member vum SIGI huet d'Wuert.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Jo. Et ass vläicht interessant ze wëssen, dass d'Gemeng Walfer elo déi 100. Gemeng ass. Et sinn nach just, ausser der Stad Lëtzebuerg, sinn nach just 4 Gemengen net am SIGI. Dat heescht Colmar-Bierg, Fëschbech, Wal a Géischdref, also déi en Awunnerwäert no der Volkszählung vun 2010 vu 5.000 Awunner hunn, d'Stad Lëtzebuerg mat hire ronn 100.000 an de Rescht vun der Populatioun a vun de Gemenge gëtt dann awer vum SIGI verwalt. An ech mengen de Syndikat war ee Moment e bëssen a méi stiermesche Gewässer, mä d'lescht Zäit ass en amgaang sech awer och intern erëm ze restrukturéieren an ech mengen och, dass et gutt an noutwendeg ass. Mir sinn och amgaangen e ganze Koup Produiten och mat hinne proaktiv ze developéieren, well mer awer déi gréisste Gemeng am SIGI sinn. A wann een d'Südgemenge wou sech och eng Allianz elo e bësse gebilt huet, toute couleur confondue fir do als

Groussgemengen dofir ze suergen dass mer déi Instrumenter kréien déi mer och am deegleche Liewe brauchen, wat vläicht e bëssen anerer si wéi eng rural Gemeng am Norden.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „D'Resultat ass 12x Jo mat 4 Wäisser.“

De Vote vun eise Syndikat SIGI wann ech gelift fir d'éischt.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal décide à l'unanimité de se prononcer pour l'adhésion de la commune de Walferdange au syndicat intercommunal de gestion informatique S.I.G.I..

11. Transactions immobilières; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Dann nach eng Kéier zum Vote. Madame Hildgen, lo huet Der lech verrod. Et wier dann 12x Jo, 1x Nee a 4 Enthaltungen.“

Mir kommen zum nächste Punkt – jiddwereen huet awer seng Meenungen, d'Madame Hildgen huet Recht – mir kommen zum Punkt 11: Transactions immobilières. Wéi virdu gesot, do kommen d'Punkten 2 an 3 erof, well en Dokument wat sollt do si vum Curateur net virläit, esou datt mer dat dann déi nächste Kéier mathuelen. Et läit lech vir dann den 1. Punkt. Mir hunn eng Parzell ugebuede kritt vun 52 ares an 35 centiares fir de Präis vun 8.900€. Dat ass eng Sträif vun engem Bësch déi mer esou kënnen als Utilités publiques benotzen. Mir waren all der Meenung, datt de Präis méi wéi favorabel wier an dofir géife mer lech bieten deem zouzestëmmen.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferdig – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz –

*M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les transactions immobilières.*

12. Contrats de bail; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zu de Contrats de Bail an de Gemengewunnengen, respektiv den Avenanten. Punkt 1 bis 8 sinn nei Kontrakter. 9 an 10 sinn Avenanten zu bestehende Kontrakter an 11 an 12 si Garagen. Och do bieden ech lech deem zouzestëmmen.

De Contrat als nächste Punkt dann de Contrat de bail mat dem Grupp Guy Rollinger an der Escher Gemeng. Hei geet et ëm e Locatiounskontrakt dee vum 1. Juli u retroaktiv bis den 31.07.2008 fir 4.800€ festgehale ginn ass. Mir brauchen dës Hal an där bis elo d'Bühnesaache vum Theater stockéiert gi sinn, brauche mer weiderhin. Ech wëll lech awer matdeelen, datt mer och am Schäferot amgaange si Reflexiounen ze maachen, dat hate mer jo ugekënnegt gehat dëst Joer, iwwert déi eidelstehend Gebaier, déi eis gehéieren an esou weider. Parallel dozou natierlech och Halen an Terrainen. Dee Kontrakt hei brauche mer nach. Mir hu keng esou eng héich Hal wou dat kann ënnerbruecht ginn. Mir maachen eis awer Gedanken a Richtung wéi mer an Zukunft eise Stockage kënnen maachen ouni mussen weider a Locatioun ze goen. Dofir bieden ech lech dann deem zesummen zouzestëmmen.“

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Théid Johans – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les contrats de bail.*

13. Fabrique d'Eglise St Joseph: a) Autorisation pour la vente du studio sis à Luxembourg, rue Porte-Neuve; décision; b) Autorisation pour l'acquisition d'un immeuble en construction sis rue du Faubourg; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Dann zum Punkt 13, Fabrique de l'Eglise St Joseph, wou se am Fong geholl 2 Autorisatiounen ufroen. Dat eent ass fir d'Vente vun engem Studio an der Stad rue Porte-Neuve. Do leien lech d'Dokumenten alleguerten an Ärem Dossier vir, mam Compromis an esou weider, fir de Präis vun 210.000€.

Den zweete Punkte, ech fueren direkt weider, ass d'Acquisitioun vun engem Immeubel wat am Bau ass an der rue du Faubourg fir de Präis vun 415.521,07€. Och do läit lech d'Approbatoun vir. Dëst gëtt bezuelt duerch de Leg, dat Testament vun 251.057,62€, respektiv engem weidere Geld vun 165.000€ déi vun der Bank kommen a si froen eis deem zouzestëmmen. Ech huelen direkt zur Kenntnis, d'Madame Hildgen, den Här Baum ass net méi do, an den Här Hansen.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech zitieren elo eis fréier Buergermeeschtesch, d'Madame Lydia Mutsch, wéi mer eng Kéier esou eng ähnlech Situatioun am Gemengerot hei haten an déi gesot huet: „Ech froe mech firwat mir als Gemeng ni beduecht gi wa Leit wëllen engem eppes verierwen?“ An ech wëll dozou eng Rectificatioun soen, firwat datt d'Gemeng net kann ierwen. D'Leit denken net dru wa se eng lerschaft, wa se en Don maachen, e Leg maachen, fir och der Gemeng eppes ze ginn. Dir wësst nom Gesetz ass d'Gemeng, all Gemenge si verlicht fir den Defizit vun enger Kierchefabrik ze droen. Wann Dir elo an Ären Archiven nokuckt, an Ären Dossieren, da gesitt Dir, datt Dir nach ni, vu kengem vun de Kierchen hei vun Esch en Defizit presentéiert kritt hutt. Ech hu mir opgerechent wéi vill Suen datt d'Gemeng do indirekt gespuert huet, dat heescht, St Joseph huet iwwert den Daum gepeilt pro Joer 50.000€ Defizit, d'Grenz 40.000€, d'Pateren 30.000€, Lalleng +/- 20.000€. Wann Dir dat héich rechent op 10 Joer, kommt Dir op 1,4 Mio€ déi d'Gemeng gespuert huet doduerch datt den Defizit vun deene respektive Parte selwer gedroe ginn ass. Wéi d'Leit dat fäerdeg bruecht hunn ass ganz einfach. Si hu Fester gemaach, Porfester, si hu Floumäert gemaach. Si hunn am Benevo-

lat geschafft an ech wëll just, indirekt, wann Dir dat hei approuvéiert, indirekt huet d'Escher Gemeng geierft. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Dozou soen ech nach eppes. Ech wëll da bemierken, datt d'Gemengen zoustänneg si fir d'Wunnenge vun deene Leit vun der Kierchefabrik, déi mer op där enger Säit, et ass am Patrimoine vun der Escher Gemeng, déi mer op där enger Säit finanzieren an op där anerer Säit komplett renovieren. An ech erënnere drun, datt grad just d'Fabrique d'Eglise St Joseph virun e puer Joer iwwer 300 m² komplett renovéiert an astand gesat kritt huet. Doriwwer huet jiddweree seng Meenung. Ech denken et wäerten an Zukunft Ännerungen, esouwäit ech d'Regierung matkréien, op eis zoukommen. En attendant sinn ech absolut dann där selwechter Meenung, Dir hutt recht, wéi eis ehemoleg Buergermeeschtesch: Firwat denkt keen drun der Gemeng mol en Haus zur Verfügung ze stellen oder Geld ze spenden? Ech huelen dat ganz gäre mat op. Dir kënnt dat jo och weider ginn als Message un déi Leit déi deenen nostinn. Den Här Hansen.“

Mike Hansen (LSAP): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech géif lech bieden déi zwee Punkten als Vote ze trennen. Ech erkläre mech och woufir. Ech si jo iwwerzeegt dass dat eis net ugeet, wat eng Kierchefabrik mécht, well jo de Glawen eng Privatsaach ass. Mä beim zweete Punkt hunn ech awer e moralesche Problem deen einfach esou ze stëmme, ganz einfach well de Chef Hirte deen huet virun e puer Wochen dann ugekënnegt wéi aarm d'Kierch ass. A mir hunn elo héieren, datt mer frou sinn datt d'Kierch och keen Defizit hei ugemellt huet an ech kann et net mat verantworten, datt d'Kierch sech dann elo an Onkäschten duerch mäi Vote stierzt an déi Acquisitioun mécht an da manner Suen dann herno op der Säit huet. Duerfir géif ech lech bieden dat awer elo ze deelen. Datt mir och moralesch kënnen richteg ofstëmme.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ma da stëmme mer eenzel of datt Dir kënnt roueg schlofen. Au vote.“
Conseillers présents:

Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean

14. Subsidies ordinaires

Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
 Le Conseil Communal accorde avec 12 voix oui et 1 abstention l'autorisation pour la vente du studio sis à Luxembourg, rue Porte-Neuve.
 Voix pour (12): Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
 Abstention (1): M. Mike Hansen

Conseillers présents:
 Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
 Le Conseil Communal accorde avec 10 voix oui, 1 voix non et 2 abstentions l'autorisation pour l'acquisition d'un immeuble en construction sis rue du Faubourg.
 Voix pour (10): Mme Astrid Freis – Mme Annette Hildgen – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
 Voix contre (1): M. Mike Hansen
 Abstentions (2): Mme Taina Bofferding – M. Henri Hinterscheid

14. Subsidies ordinaires; décision Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „A beim nächste Punkt komme mer zu de Subsidies ordinaires fir den Exercice 2014 déi ech elo net am Detail wäert virstellen. Si si proposéiert vun der Commission des Espaces verts, vun der Schoulkommissioun, d'Finanzkommissioun, d'Kulturkommissioun, d'Sozialkommissioun, d'Sportskommissioun. An ech géif lech do bieden deem zouzestëmme.“

Conseillers présents:
 Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
 Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la liste des subsidies ordinaires:

ASSOCIATIONS ESCHOISES	PROPOSITIONS POUR 2014
LES AMIS DE LA FLEUR	300 EUR
COINT TERRE FOYER-GAART AN HEEM	500 EUR
CAMPING CARAVANING	500 EUR
ESCHER GAARDEFRENN	500 EUR
NATUR A GARDEFRENN ASBL OP DER GLEICHT	350 EUR
UNION DES APICULTEURS DU CANTON D' ESCH	500 EUR
AMIS DE L'HISTOIRE ET DU MUSÉE	400 EUR
ART LIBRE	400 EUR
ENTENTE MINE COCKERILL	400 EUR
LES AMIS DU THÉÂTRE D'ESCH	400 EUR
LES TOURNESOLS ASBL	400 EUR
CERCLE ARTISTIQUE D'ESCH	400 EUR
INDEPENDANT LITTLE LIES	400 EUR
AMIS DU BRASS BAND	400 EUR
ASS. ENSEIGNANTS CONSERVATOIRE	400 EUR
LES AMIS DE L'ORGUE ESCH/GRENZ	400 EUR
BIG MUSIC BAND 2011	400 EUR
CENTRO SOCIAL ET CULTUREL PORTUGAIS	400 EUR
CERCLE PHILATÉLIQUE ESCH	400 EUR
HARMONIE DES MINEURS	400 EUR
LIEWENSFROU ESCHER THEATERVERAÏN	400 EUR
PHOTOCUB ESCH	400 EUR
RANCHO FOLCLORICO	400 EUR
LES AMIS DE L'ACCORDÉON	400 EUR
AIKIDO CLUB ESCH	435 EUR
AS LA JEUNESSE D'ESCH	945 EUR
ASS. DES ARBITRES DE FOOTBALL D'E/A	350 EUR
ASTE LA BALISTIQUE ASBL	565 EUR
BASKET ESCH	955 EUR
BILLARD CLUB CARAMBOLE	710 EUR
BOULE D'OR	350 EUR
BOUSCHÉISSER ESCH/UELZECHT	615 EUR
BOULE PETANQUE RIGANELLI	350 EUR
BOULE PETANQUE ESCH	570 EUR
BP CLAIR CHÊNE	405 EUR
BP ESCH	1.020 EUR
BP RIGANELLI	1.050 EUR
CA FOLA	1.035 EUR
CERCLE JUDO	580 EUR
CERCLE ESCRIME SUD	650 EUR
CS FOLA ESCH	1.210 EUR
DANCE ATMOSPHERE ESCH	350 EUR
DTC ABOL ESCH	820 EUR
ECHecs ESCH ROCHADE REINE	1.535 EUR
ESCHER MAJORETTEN ASBL	350 EUR
ESCHER VOLLEYBALL	895 EUR
ESPERANCE ESCH	1.040 EUR
FËSCHERCLUB LES AMIS DE LA PÊCHE	1.055 EUR
HANDBALL ESCH	350 EUR
JUDO CLUB ESCH	800 EUR
KARATE ESCH/ALZETTE	350 EUR
KC VIISCHT AM KANAL	1.265 EUR
SC ERA	1.000 EUR

ASSOCIATIONS ESCHOISES	PROPOSITIONS POUR 2014
SUB AQUA CLUB	350 EUR
TAE KWON DO	730 EUR
TC ESCH	350 EUR
TERRE ROUGE BIKERS	350 EUR
US ESCH	350 EUR
VTT ESCH	350 EUR
ASSOCIATION SPORTIVE LHCE	350 EUR
CHEMIN DE FER LANKHELZ	350 EUR
DANCE XPERIENCE	350 EUR
ENERGY OF LIFE	350 EUR
ESCHER TURNVERAIN	350 EUR
MODEL HOBBY CLUB DU SUD ESCH	350 EUR
MODELLEISENBUNN-CLUB BASSIN MINIER	350 EUR
RC AUTO MODELL CLUB	350 EUR
SPORT A FRÄIZÄIT CLUB ESCH/UELZECHT	350 EUR
SPORTS BLANCS	350 EUR
ASSOC.DES PARENTS D'ELÈVES BROUCH	500 EUR
ASSOC.DES PARENTS D'ELÈVES DU LHCE	250 EUR
LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN ST. FRANÇOIS	250 EUR
LËTZEB. GUIDEN A SCOUTEN HL. BAARBEL, ESCH/GRENZ	1.000 EUR
LËTZEB. SCOUTEN ST. JOSEPH	500 EUR
AMICALE DES ANCIENS SCOUTS ST. FRANÇOIS	250 EUR
ASSOCIATION DES PARENTS D'ÉLÈVES DU CONSERVATOIRE	250 EUR
LES PETITS ÉCOLIERS – LEPECO ASBL	250 EUR
AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH	250 EUR
INTERESSEVERÄIN RAEMERICH	250 EUR
INTERESSEVERÄIN CITÉ VERTE	250 EUR
FLOU'H AN HOBBY OUNI GRENZEN	250 EUR
AMICALE DES FRANÇAIS ET ANCIENS COMBATTANTS	250 EUR
LIBRE PENSÉE	250 EUR
APASE	426 EUR
ESCHER RENTNER AN INVALIDENVERAIN	426 EUR
FOYER DE LA FEMME	426 EUR
SECOURISTES DE LA VILLE	426 EUR
PLANNING FAMILIAL ESCH	426 EUR
RÉSEAU PSY-PSYCHESCH HËLLEF DOBAUSSEN	426 EUR
APEMH	426 EUR
CROIX-ROUGE	426 EUR
ZONTA CLUB ESCH	340 EUR
UNION DES FEMMES LIBÉRALES	340 EUR
AMICALE DE LA MAISON DE RETRAITE	340 EUR
FRAEN A MAMMEN ESCH/LALLENG	340 EUR
AMICALE FYOER LANKHËLZERWEIHER	340 EUR
BERGMANNUNTERSTÜTZUNGSVEREIN	161 EUR
MAISON DES JEUNES	340 EUR
SOCIÉTÉ ESCHOISE PROTECTION ANIMAUX	340 EUR
L.V.O.V.	161 EUR
ENTRE AIDE	161 EUR
C.D.P.E.S.M	161 EUR
CAISSE DE DÉCÈS LCGB	161 EUR
AMICALE DES ANCIENS SCOUTS ST FRANÇOIS	161 EUR
ANCIENS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS BASSIN-MINIER	161 EUR

15. Relevé et rôle supplétif; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci. Mir komme bei de Relevé a Rôle supplétif vum Impôt foncier fir d'Exercicer 2011/12/13, fir eng Zomm vun 33.413,10€. Och deem bieden ech lech positiv zouzestëmmen.“

Conseillers présents:

Mme Taina Bofferding – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johans – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier relatif aux exercices 2011, 2012 et 2013.

17. Commissions consultatives; modifications; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „De Punkt 16 hate mer scho behandelt. Mir hunn de Punkt 17 dee jo ëmmer drop ass. Mir hunn näischt virleie vun enger Partei wat d'Commissions consultatives ugeet.“

Ech kommen zum Punkt 18, Här Hinterscheid, ginn et och – deen ass och scho gestëmmt – Dir hutt recht. Da wiere mer um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Enger opschlussräicher, spannender a konstruktiver Reunion wéi mer se gären hunn hei zu Esch am Gemengerot. Ech géif nach eemol e ganz grouse Merci deenen zwee Kollege vun de Lénken, Théid Johans a Marc Baum soe fir hir jorelaang Mataarbecht hei am Gemengerot. Mir wäerten a 14 Deeg dann déi zwee nei Conseilleren hei moies fréi vereedegen. De 17. Oktober ass déi nächste Gemengerotsitzung. Mir invitéieren lech dann elo alleguerten op e Patt dee mer dann zesumme mat eise Kollegen drénken. Merci an e gudden Appetit.“

Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 3 octobre 2014

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

2. Information au public des décisions de personnel

A) Démission

Démission honorable à accorder, sur sa demande, et avec effet au 1er août 2015, à Monsieur Romain Fiegen, inspecteur technique principal premier en rang auprès du service des sports.

Le titre honorifique de sa fonction lui est à conférer.

B) Résiliation d'un contrat d'engagement.

1) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 1er septembre 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Madame Gwenda Tura, éducatrice diplômée auprès du foyer de nuit Abrisud.

2) Résiliation, sur sa demande et avec effet au 14 octobre 2014, du contrat d'engagement conclu pour une durée indéterminée avec Monsieur Tim Kremer, éducateur gradué (40/40ièmes) auprès des structures socio-éducatives de la Ville.

C) Nominations provisoires.

Carrière de l'artisan.

Nomination provisoire de trois artisans de la Ville. (grade de début de carrière: grade 3). Avis de publication du collège échevinal du 25 janvier 2014.

Artisans nouvellement nommés: Filipovic Edin, Fonseca Marques Remy et Lefèber Kim

D) Questions de personnel salarié.

1) Engagement avec effet au 1er septembre 2014 et moyennant un contrat de travail à durée déterminée lequel expirera le 28 février 2015 de Madame Mandy Reuter, comme employée administrative auprès du service administratif des structures socio-éducatives.

2) Engagement avec effet au 1er octobre 2014 et moyennant un contrat de travail à durée indéterminée de Madame Elisabete Da Silva Correia, comme éducatrice graduée sous le régime du salarié.

3) Engagement pour la période allant du 1er octobre 2014 jusqu'au 31 août 2015 de Madame Sharon André, comme chargée de cours au conservatoire de musique moyennant 6 heures hebdomadaires (degré d'occupation 6/22ièmes). L'intéressée sera chargée de l'enseignement de la clarinette.

4) Engagement pour la période allant du 1er octobre 2014 jusqu'au 31 août 2015 de Monsieur Eric Engel, comme chargé de cours au conservatoire de musique moyennant 5 heures hebdomadaires (degré d'occupation 5/22ièmes). L'inté-

ressé sera chargé de l'enseignement de la clarinette.

5) Engagement pour la période allant du 1er octobre 2014 jusqu'au 31 août 2015 de Madame Valérie Knabe, comme chargée de cours au conservatoire de musique moyennant 5 heures hebdomadaires (degré d'occupation 5/22ièmes). L'intéressée sera chargée de l'enseignement du piano.

3. Correspondance

Vera Spautz (LSAP) informe le Conseil Communal que le point 4b concernant le contrat de rivière a été retiré de l'ordre du jour.

Elle donne ensuite la parole aux deux représentants du parti Déi Lénk, démissionnaires.

Théid Johans (Déi Lénk) explique que son parti pratique une rotation au milieu de la mandature ce qui nécessite un bon esprit d'équipe. M. Baum et lui-même vont donc être remplacés par M. Laurent Biltgen et M. Guy Kersch. Cette pratique va à l'encontre d'un certain carriérisme politique et demande des structures démocrates au sein du parti. La rotation permet en outre une plus grande visibilité aux membres moins connus du parti.

Marc Baum (Déi Lénk) se rallie aux propos de M. Johans.

Il demande ensuite de traiter le point 16 après le point 6 puisqu'il s'agit d'une discussion politique.

Vera Spautz (LSAP) remercie M. Johans et M. Baum pour leur engagement.

4. Environnement:

a) Zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle « Brucherberg – Lallengerbiérg»; avis

Martin Kox (Déi Gréng) rappelle que le gouvernement précédent avait élaboré un règlement grand-ducal visant à déclarer la zone Brucherberg – Lallengerbiérg en zone protégée d'intérêt national. La publication n'a suscité aucune réclamation.

Le territoire d'Esch n'est touché que marginalement par le projet. Le territoire visé, avec ses pelouses sèches et la hêtraie calcicole englobe des biotopes rares et uniques au Luxembourg, mais est aussi utilisé comme lieu de récréation pour la promenade et pour le sport.

L'avis du collège échevinal propose d'admettre plus de liberté de circulation aux randonneurs et cyclistes que celle prévue par le texte initial.

Paul Weidig (LSAP) félicite le collège échevinal pour son avis puisque le Gouvernement a toujours la tendance de trop vouloir réglementer. Il se réjouit par exemple du fait que les gens ne doivent tenir leurs chiens en laisse que pendant certaines périodes de l'année mais craint que le règlement reste toujours trop restrictif à cet égard.

Mike Hansen (LSAP) pense que M. Kox continue dans la lignée de son prédécesseur en voulant trop réglementer. Il se rallie aux propos de M. Weidig concernant la tenue des chiens en laisse.

M. Hansen aimerait savoir si les restrictions concernant le vélo tout terrain auront un impact sur le tourisme dans la région.

André Zwally (CSV) se réjouit de ce projet. Il se demande cependant pourquoi ce point n'a pas été traité à la commission de l'environnement.

M. Zwally rappelle que la commune dispose d'un dépôt au Leesbiérg qui devra être conforme à la zone protégée.

Martin Kox (Déi Gréng) explique à M. Hansen que l'avis du collège échevinal propose justement d'introduire moins de réglementations dans le document.

Il s'excuse pour le problème avec la commission et promet de s'occuper du dépôt communal.

(Vote)

5. Foyer de Nuit Abrisud et Maison Michels: rapport d'activité; présentation et discussion

Vera Spautz (LSAP) rappelle que la Maison Michels a ouvert ses portes le 1er mars 2013 et que les discussions concernant la construction d'un nouveau bâtiment pour les besoins du Foyer de Nuit

durent depuis une dizaine d'années. Elle est convaincue que ce bâtiment se réalisera enfin sous le nouveau Gouvernement.

Les nuitées ont diminué de 5% de 2012 à 2013. Depuis 2013, l'équipe socio-éducative est divisée en une équipe de nuit et une équipe de jour. Tandis que l'équipe de nuit reprend des tâches d'animation et de gestion journalière du Foyer de Nuit, l'équipe de jour est responsable du suivi et de l'encadrement du bénéficiaire, ainsi que de l'établissement des projets d'accompagnement social individuels. Ceci amène une meilleure répartition des ressources disponibles et une augmentation de l'efficacité du travail réalisé. L'équipe de jour peut se concentrer sur ses tâches principales en tant qu'accompagnateur social, ce qui augmente la qualité du suivi social et permet aux bénéficiaires de sortir plus rapidement de leur situation de détresse.

Il est à noter que le Foyer de Nuit dispose de 18 lits réguliers durant toute l'année et de 4 lits de camp supplémentaires installés dans le cadre de l'Action Hiver pendant les mois de janvier, février, mars et décembre 2013.

En 2013, 4765 nuitées, soit 83,3% des nuitées totales, ont été réalisées par des hommes. Ce nombre a diminué au cours de l'année dernière. Il se situait en 2012 encore à 5415 nuitées, ce qui équivaut à 90% des nuitées totales. En ce qui concerne les nuitées réalisées par des femmes, le nombre a fortement augmenté de 603 nuitées, soit 10% des nuitées totales en 2012, à 952 nuitées, soit 16,7% des nuitées totales en 2013.

En 2013, le Foyer de Nuit a accueilli 157 personnes différentes. Ce chiffre est plus élevé par rapport à la moyenne des personnes prises en charge durant les 6 dernières années, qui est uniquement de 140 personnes différentes.

Par rapport à 2012, le nombre de personnes prises en charge a augmenté de 134 à 157. Ceci constitue une augmentation de 14,6%, atteignant ainsi le nombre de personnes différentes le plus important depuis 2007.

Sur les 157 personnes différentes accueillies en 2013, 133 étaient des hommes et 24 des femmes. Alors que le nombre des femmes est resté relativement constant avec une moyenne de 23,5 femmes différentes sur les dernières années, le nombre d'hommes atteint un nouveau pic en 2013 avec 133 hommes différents. Par rapport à 2012, il s'agit d'une augmentation de 16,5% au niveau des hommes accueillis au Foyer de Nuit.

En 2013, l'âge des personnes prises en charge varie entre 18 et 68 ans, leur

moyenne est de 39 ans. L'âge minimum ne peut pas être inférieur à 18 ans, car le Foyer de Nuit n'a pas le droit d'héberger des mineurs.

La tranche d'âge 41-50 ans est la plus représentée chez les hommes et les femmes. Elle constitue 28,4% du total des personnes accueillies. En ce qui concerne les jeunes entre 18 et 25 ans, le nombre est toujours élevé avec 27 personnes, mais il est resté constant par rapport à 2012, où 26 jeunes ont été comptés.

En 2013, le Foyer de Nuit a hébergé des personnes de 21 nationalités différentes. 75 personnes (47,8%) avaient la nationalité luxembourgeoise. 61 personnes (38,9%) venaient de l'Union Européenne et 21 personnes (13,3%) d'un pays tiers.

La nationalité la plus représentée reste la nationalité luxembourgeoise. Tandis qu'en 2012, 54 personnes avaient la nationalité luxembourgeoise, ce chiffre a augmenté en 2013 à 75 personnes, ce qui constitue une augmentation de 28% au niveau des personnes de nationalité luxembourgeoise.

Concernant les personnes de nationalité luxembourgeoise, les femmes représentent 21,3%. Ce taux est uniquement de 9,8% chez les ressortissants de l'Union Européenne et de 9,5% chez les ressortissants d'un pays tiers.

Parmi les ressortissants de l'Union Européenne, la nationalité portugaise se trouve en première place avec 37 personnes, suivie de la nationalité française avec 7 personnes. Concernant les autres pays frontaliers, il faut constater qu'uniquement 2 personnes avaient la nationalité allemande et qu'aucune personne de nationalité belge a été hébergée au Foyer de Nuit au cours de l'année 2013.

Concernant les pays tiers, la nationalité cap verdienne et surtout les nationalités des pays du Maghreb (Maroc, Algérie, Tunisie) étaient les plus représentées.

En général, le Foyer de Nuit n'a pas le droit d'héberger des personnes au-delà d'un jour ou d'un weekend, si elles ne sont pas en possession d'une carte d'identité luxembourgeoise, d'un passeport luxembourgeois, d'une carte de séjour permanent, d'un titre de séjour ou d'une attestation d'enregistrement qui n'est pas valable depuis au moins 3 mois.

Ce n'est que pendant l'Action Hiver qui va du 1er décembre jusqu'au 31 mars de l'année prochaine que les personnes sans droits sociaux peuvent être hébergées pour une durée plus longue, sous condition que le Foyer de Nuit dispose de places vacantes.

En 2013, le Foyer de Nuit a hébergé 43 personnes dont les papiers n'étaient pas

en règle, ce qui équivaut à 27,4% du total des personnes accueillies. Parmi cette population, il existe aussi un bon nombre de personnes qui avaient des droits sociaux au Luxembourg, mais dont le Ministère des Affaires Etrangères leur a retiré le droit de séjour. Concernées sont surtout les personnes qui n'ont pas d'attestation de séjour permanent et qui représentent une charge déraisonnable pour l'Etat luxembourgeois, p.ex. en demandant le revenu minimum garanti.

Sur les 157 personnes prises en charge en 2013, 84 personnes sont restées moins d'une semaine. Dans cette catégorie se trouvent surtout les personnes sans droits sociaux qui sont hébergées pendant l'année au Foyer de Nuit et dont leur séjour est limité à un jour ou un weekend, les personnes qui ont été amenées par la Police Grand-Ducale au Foyer de Nuit parce qu'elles étaient dans un état d'ébriété, mais qui ont un logement au Luxembourg, et les personnes qui viennent de perdre leur logement et qui trouvent par la suite un ami ou un membre de la famille qui les hébergent.

En regroupant différentes catégories, on peut en conclure que 107 personnes (68,2%) sont restées moins d'un mois (séjour de dépannage), 42 personnes (26,7%) entre un et six mois (séjour à moyen terme) et 8 personnes (5,1%) plus de 6 mois (séjour à long terme).

En ce qui concerne la répartition selon le sexe, le taux des femmes est relativement constant dans toutes les catégories. Il est d'environ 15,3% ce qui correspond au taux des femmes parmi toutes les personnes accueillies en 2013.

Par rapport à 2012, le séjour à moyen terme a augmenté de 14,2% à 26,7%, tandis que le séjour de dépannage a diminué de 73,9% à 68,2% et le séjour à long terme de 8,9% à 5,1%.

Suite à la nouvelle organisation du personnel socio-éducatif en une équipe de jour et une équipe de nuit, la qualité du suivi social a augmenté. Ceci entraîne que les personnes prises en charge sortent plus vite de leur situation de détresse et que la durée de séjour diminue. Les lits se sont plus vite libérés et de nouvelles personnes ont pu être hébergées. En conséquence, le nombre de personnes prises en charge en 2013 a augmenté.

Depuis l'introduction de la nouvelle loi sur l'organisation de l'aide sociale, uniquement les personnes ayant leur dernière adresse à Esch-sur-Alzette peuvent bénéficier d'une domiciliation au Foyer de Nuit. Dès lors, le Foyer de Nuit donne une priorité aux personnes issues de la commune d'Esch-sur-Alzette, ce qui entraîne que la Ville d'Esch-sur-Alzette est

la plus représentée au niveau de la provenance des personnes accueillies. Tandis qu'en 2012, uniquement 29 personnes étaient de provenance eschoise, ce chiffre a augmenté à 41 personnes en 2013.

En 2013, 31 personnes sont venues d'un autre pays. Ce sont surtout des personnes sans droits sociaux qui sont arrivées au Luxembourg sans y avoir habité avant. Les personnes qui se trouvent dans une procédure de demande d'asile sont par contre chiffrées avec leur commune de résidence.

En troisième position se trouve la commune de Luxembourg avec 29 personnes. Ces dernières sont souvent des personnes provenant d'un autre centre d'hébergement et qui ont dû quitter celui-ci pour cause d'exclusion.

Le nombre de personnes qui viennent de la commune de Differdange est très élevé. Il a augmenté de 5 personnes en 2012 à 15 personnes en 2013, ce qui équivaut à presque 10% de la population accueillie. En ce qui concerne leur durée de séjour, 10 personnes sont restées moins d'un mois, 3 personnes entre un et six mois et 2 personnes plus de six mois, en sachant qu'au total 8 personnes sont représentées dans cette dernière catégorie.

